

INFO °03 18 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 24. JANUAR 2018

Séance du 26 septembre 2012

Séance du 7 novembre 2012

Séance du 10 novembre 2012

Séance du 7 décembre 2012

Séance du 14 décembre 2012

Séance du 6 février 2013

Séance du 6 mars 2013

Séance du 26 avril 2013

Séance du 12 juin 2013

Séance du 26 juin 2013

Kannergemengrot 2013

Séance du 24 juillet 2013

Séance du 18 septembre 2013

Séance du 6 novembre 2013

Séance du 8 janvier 2014

Séance du 22 janvier 2014

Séance du 29 janvier 2014

Séance du 12 février 2014

© 2014 Ville de Differdange

Conseil communal du 6 juin 2018

Conseillers présents

Roberto Traversini (bourgmestre, déi gréng), Tom Ulveling (1er échevin, CSV), Georges Liesch (échevin, déi gréng), Laura Pugno (échevin, déi gréng), Robert Mangen (échevin, CSV), Paulo Aguiar (déi gréng), Guy Altmelich (LSAP), Fred Bertinelli (LSAP), Christiane Brasse-Rausch (déi gréng), Gary Diderich (déi Lénk), Serge Goffinet (LSAP), Jerry Hartung (CSV), Fräns Meisch (DP), Enny Müller (LSAP), Yvonne Richards-Nilles (déi gréng), Ali Ruckert (KPL), Christiane Saral (DP), Fräns Schwachtgen (déi gréng), Guy Tempels (CSV)

Ordre du jour

1) Communications du collège des bourgmestre et échevins.

▶ 10:34

2) Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:

- mise en application de l'article 10 de la modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain - servitude frappant des immeubles à Differdange, aux lieux-dits « avenue Charlotte, rue St-Hubert et Impasse du Château », dans le cadre du projet de suppression du PNB sur la ligne ferroviaire Penang-Esch;
- projet d'aménagement particulier au lieu-dit « Entrée de Ville - Tivren » à Differdange présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société B.P.L. Real Estate Luxembourg S.A.;
- projet d'aménagement particulier au lieu-dit « Ouscherbur » à Oberkorn - convention et plans d'exécution.

▶ 14:55

▶ 15:17

▶ 17:30

3) Actes et conventions:

Infos & renseignements



Liens rapides

[Agenda](#)

[Annuaire](#)

[Carnet du citoyen](#)

[Démarches administratives](#)

[Formulaires administratifs](#)

[Galerie photos](#)

[Informationsblat](#)

[Maison relais](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO
BLAT** 03 18

COMPTE-RENDU DU 24 JANVIER 2018

4-74

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
TÉL.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© PHOTOS Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT, imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'Infoblat est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 03/2018, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

f Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 24 JANVIER 2018

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)

Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

- 1) Communication du collège des bourgmestre et échevins.
- 2) Programme de coalition de la majorité déi gréng-CSV – prise de position.
- 3) Projets communaux
 - a) Entretien des trottoirs – devis, article budgétaire 4/624/221313/99001;
 - b) Reprofilage de diverses rues sur le territoire de la ville – devis, article budgétaire 4/624/221313/99002.
- 4) Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: modification ponctuelle des parties écrites et graphiques du PAG «Secteurs et éléments protégés d'intérêt communal» – vote du conseil communal suivant article 14 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.
- 5) 1535° creative hub: désignation de trois experts indépendants pour le comité de sélection conformément à la convention du 24 septembre 2017 signée avec l'État.
- 6) Actes et conventions:
 - a) Cession gratuite de plusieurs parcelles d'une superficie totale de 50,82 a aux lieudits «Auf der Woelmswiss» et «op Fuussbann» et «Rue Xavier Brasseur» à Differdange;
 - b) Conventions bipartites pour les maisons relais et les crèches pour l'exercice 2018;
 - c) Deuxième avenant à un contrat de bail au 1535° creative hub.
- 7) Adhésion à la campagne de sensibilisation gouvernementale «Ensemble contre le gaspillage alimentaire».
- 8) Règlements communaux: règlements temporaires de circulation.
- 9) Changements au sein des commissions consultatives.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance et commence par deux communications. La première concerne deux créations de poste: un expéditionnaire pour le 1535° et un rédacteur pour le service scolaire.

Pour la deuxième, il cède la parole à M. Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) souhaite présenter le bilan culturel avec un peu de retard. Il remercie Michel Pereira pour sa préparation exemplaire. L'année dernière, l'Aalt Stadhaus a accueilli 61 spectacles, dont 17 concerts et 15 animations pour les enfants. Les animations pour les enfants ont attiré 2253 personnes, les concerts 1545 personnes et les comédies 1435 personnes pour un total de 3451 visiteurs.

Les dépenses se montent à 191 000 € et les recettes à 77 000 €. Les comédies, les concerts et le cabaret forment le podium.

Vingt-quatre séances sur soixante-et-une ont atteint un taux d'occupation de plus 90 %. Le taux d'occupation depuis l'ouverture du centre culturel est passé de 55 % à 72 %. L'Aalt Stadhaus a accueilli 15 assemblées générales, 10 expositions, 80 réunions, 12 fois l'école de Blues, 5 ateliers, 10 conférences, 93 mariages, 7 Lundis littéraires, 25 formations, 8 remises de prix, 35 répétitions, 27 concours et auditions et 7 rencontres d'anciens élèves.

Megafuesend a coûté 31 000 €, le festival de la bière 20 000 € et Live am Park 6000 €. ScHmIT Happens a engendré un bénéfice de 4675 €. La Fête nationale a coûté 31 000 €, le Blues Express 140 000 €, le Steampunk 25 000 € et le Marché de Noël 62 000 € pour le moment. Les 14 expositions ont engendré des dépenses de 24 000 €. L'exposition d'Arthur Unger est celle ayant attiré le plus de visiteurs. Tom Ulveling remercie l'artiste d'avoir offert un tableau de 14 000 € à la commune.

Le Salon de l'art vivant a attiré 317 visiteurs et The Foots on the Hill 223.

L'Aalt Stadhaus a été loué 410 fois, le hall polyvalent 162, l'aire de grillade de Lasauvage 61, la Maison Krieps 251, la salle des fêtes 89 et

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir géife mat der Sitzung ufänken. Mir hunn zwou Kommunikatiounen matzedeen. Bei där éischter Kommunikatioun wier ech frou, wa mer den Accord géife kréien. Leschte Freideg sinn nach zwou Créations de posten erageschéckt ginn. Wann Der domatter averstane wäert, géife mer déi herno nohuelen. En Expéditionnaire an e Redakteschposten. Déi eng ass fir an de 1535 °C, déi aner ass fir an de Schoulservice. Ass dat okay?

Fir déi zweet Kommunikatioun géif ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammén, Dir Hären, wéi versprach, mat e bèsse Retard, wéll ech Iech de Bilan culturel vum Joer 2017 virstellen. Fir d'éischt e ganz grouss Merci un de Michel Pereira, deen dëse Bilan culturel all Joers op eng exemplaresch Aart a Weis zur Duerstellung bréngt.

Dir kënnt alles am Detail nokucken. Am Stadhaus hate mer d'lescht Joer 61 Spektakelen. Dorënner 17 Concerten a 15 Animatiounen fir Kanner. Déi meescht Visiteuren hate mer bei der Animatioun fir d'Kanner. Do hu mer 2.253 Visiteure gezielt. Bei de Concerten 1.545 a bei der Comédie 1.435. Am Ganze mécht dat 6.451 Visiteuren an deem Joer. Dat ass net grad näischt.

Bei den Dépenses an de Recetten nennen ech d'Spëtzerreider. D'Comédie läit vir. Da kommen d'Concerten, an dann de Cabaret. Mir haten Dépensé vun 191.000 Euro a Recetté vu 77.000 Euro.

Wa mer den Taux d'occupation kucken, kënne mer feststellen, dass vun deenen 61 Sitzungen, déi mer haten, der ëmmerhi 24 méi wéi 90% beluecht waren. Wat net schlecht ass. Op der nächster Säit gesitt Der, bei der Evolutioun vum Taux d'occupation général, dass, zënter mer opgemaach hunn, dee vu 55% op 72% eropgaangen ass. Dat heescht, et ass eng Progressioun do. Sou dass ech géif soen, dass mer do um gudde Wee sinn, mat deem Choix, dee mer geholl

haten, fir an Zukunft méi op Concerten a Comédie ze setzen.

Am Ale Stadhaus hate mer 15 Assemblées générales, 10 Expositiounen, 3 Kongresser, 80 Reuniounen, 12 mol Bluesschoul, 5 Workshopen, 10 Konferenzen, 93 Mariagen, 7 Lundis littéraires, 25 Formatiounen, 8 Remises de prix, 35 Repetitiounen, 27 Concoursen an Auditiounen, sou wéi 7 Konveniaten.

Wat déi kulturell Evenementer ugeet, wéll ech Iech transparenzhalber soen, wat se finalement kascht hunn. D'Megafuesend kascht eis 34.000 Euro. De Béierfestival kascht eis 20.000 Euro. Live am Park 6.000 Euro. Beim ScHmIT Happens hu mer e Boni gemaach vu 4.675 Euro. Et ass och ëmmer flott, ze gesinn, dass een duerch eng Aktivitéit och kann emol e Boni maachen. D'Fête nationale huet eis 31.000 Euro kascht. De Bluesexpress léisst d'Gemeng sech 140.000 Euro kaschten. Do gesitt Der, dass d'Dépensé manner grouss ware wéi virgesinn. An d'Recetté sinn och liicht besser. Sou dass mer dëst Joer mat 140.000 Euro erauskomm sinn. Steam-punk huet eis ënnert dem Stréch 25.000 Euro kascht. Awer och nëmmen, fairerweis gesot, well d'Gemeng Péiteng 25.000 Euro bäigedroen huet. Sou dass mer dat e bèsse méi wäerten ausbauen an der Zukunft. De Chrëschtmaart ass nach net ganz clôturéiert. Actuellement si mer op engem Käschtepunkt vun 62.000 Euro.

Déi 14 Expositiounen kaschten eis netto 24.000 Euro. D'Expo vum Arthur Unger war déi, déi am meeschte besicht war. An deem och och vun hei aus nach eng Kéier villmools Merci soe wéll fir dat flott Bild, wat en der Gemeng geschenkt huet, wat ëmmerhin e Wäert vu 14.000 Euro huet. Dat anlässelech zu sengem 80. Gebuertsdag.

Um Salon de l'art vivant waren 317 Visiteuren. Three fools on a hill, 223 Visiteuren. Dir gesitt, mir hunn net iwwerall e Relevé gemaach, just bei deene méi gréissere Saache leie Relevée bäi. Da gesitt Der ongeféier, weivill Leit eng Expositioun kucke kommen.

Hannen am Dossier: et ass och vläicht interessant, ze wëssen, wéi déi verschidde Säll verlount sinn. Am Ale Stadhaus 410 mol. Hall polyvalent, 162 mol. D'Grilladeplaz zu Lasauvage, 61 mol.

2. Programme de coalition

D'Maison Krieps, 251 mol. D'Salle des fêtes Lasauvage, 60 mol. Den Hebergement an der Schoul, 89 mol. An de Konferenzsall zu Lasauvage, 25 mol. Dat bedeit, dass mer e Besoin hunn, fir Säll zur Verfügung ze stellen, sief et fir Veräiner, sief et fir aner Manifestatiounen.

Domat wär mäi Rapport ofgeschloss. Wann deen een oder deen aneren nach eng Fro huet, kann e mech duerno an der Paus froen, da ginn ech em gären Auskunft. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Dir gitt dovun aus, datt mer eng Paus wäerte maachen. Da kucke mer dat emol.

Da komme mer zum zweete Punkt vun eiseim Ordre du jour. Et ass de Koalitionsprogramm, op Wonsch vum Gemeengerot, dass deen haut diskutéiert gëtt.

An ech géif dem Här Schwachtgen d'Wuert ginn. Dir hutt en am Dossier leien.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Neen, deen neien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, jo. Deen neien hutt Der am Dossier leien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen. Vergiesst de Mikro net.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, léif Gäscht heibannen, d'Press an eng Zuschauerin, oder besser eng Zuhörerin, léif Leit dobaussen, zum Koalitionssofkomme wollt ech kuerz dat hei soen, an ech hoffen, dass et ganz kuerz bleift. Als Fraktiounsspriecher vun deene Gréngen, wollt ech vu vir era betounen, dass mer hannert deem Koalitionsprogramm

stinn. Dat wäert jo elo keen iwwerra-schen heibannen.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent, Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Eis ganz Sektioon vun deene Gréngen Déifferdeng huet dee Programm à l'unanimité ugeholl, no deene ganz rapiden a flotte Verhandlungen, déi mer mat eiseim Partner, dem aktuelle Partner, der CSV, haten. Dee baséiert op eise béide Wahlprogrammer, mir louche scho bal iwwerteneen, mir hu se just iwwertenee geluecht. Ech denken, dass dat eng gutt Saach war, an dass mer an deem Sënn an der Kontinuitéit virufueren, wéi déi lescht Joren iwwregens och.

Iwwregens sinn och vill Elementer dran, déi bei anere Parteien erëmfanne sinn. Och am Déifferdenger Gemengerot sinn, bis op eenzel essentiell Punkten, wat d'Ideologie, d'Uschauung ubelaangt an esou weider, bal all um selwechten héijen Niveau erëmfannen.

Wat ass eis dee Koalitionsprogramme wäert? Wat soll dee wäert sinn? Mä e soll eis d'Richtlinn ginn, als Basis dëngen, fir an deene verschiddene Beräicher eis Gemeng virunzebréngen. Sief dat, fir eben déi verschidden Dossierer zu Enn ze féieren, déi mer ugepaakt hunn, mat aneren a mat deem ganze Gemengerot, wéi och fir déi nei Projeten ze plangen an duerchzuféieren, dass et eng Visioun gëtt, wat mer d'nächst Joer, d'iwwernächst Joer an esou weider maachen. Ech betounen awer, dass dat och ëmmer budgetofhängeg ass. An och déi personell a materiell Méiglechkeete vun der Gemeng, wéi se eben aktuell sinn, wéi mer gesot hunn, mussen ausgebaut ginn, fir déi nei an déi al Tachen zur Zefriddenheet vun eis alleguerten a vun der Bevëlkerung ze meeschteren.

E Koalitionsprogramm ass do, fir an d'A ze faassen an duerchzedenken, wat een iwwert déi heiansdo kuerz, heiansdo laang Period vu sechs Joer ka mat op de Wee ginn, dass dat eng Basis ass och fir zukünftige Schaffen- a Gemengeréit.

la salle de conférence de Lasauvage 25. Cela démontre que les associations ont besoin de salles.

Les conseillers communaux pourront poser des questions à Tom Ulveling après la pause.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que pour M. Ulveling, il y aura une pause. Il passe au débat sur le programme de coalition.

Il explique à M. Schwachtgen qu'il figure dans le dossier. Il lui demande de ne pas oublier d'allumer le micro.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

salue les personnes présentes. Il essaiera de se montrer bref. Les écologistes soutiennent l'accord de coalition, ce qui ne surprendra personne.

(Rires)

Frenz Schwachtgen rappelle que la section déi gréng a approuvé le programme à l'unanimité après les négociations avec le CSV. Les deux programmes électoraux étaient très proches. Il a suffi de les superposer. La politique va se poursuivre dans la continuité de ce qui a été réalisé les années précédentes. Frenz Schwachtgen constate par ailleurs que de nombreux points se retrouvent aussi dans les programmes des autres partis.

Le programme de coalition doit servir de base pour faire avancer la commune dans les différents domaines. Il peut s'agir de dossiers déjà approuvés par le conseil communal ou de visions à réaliser au cours des prochaines années. Frenz Schwachtgen insiste cependant sur le fait que ces réalisations dépendront du budget et qu'il faudra renforcer l'équipe communale pour faire en sorte que les services aux citoyens soient assurés comme il faut. Le programme de coalition sert à visualiser ce qui peut être réalisé en six ans.

Il ne s'agit cependant pas d'une bible à laquelle on ne peut plus toucher. Le contenu peut être élargi et adapté, et parfois, il faut avoir le courage d'abandonner un projet. De nouveaux éléments peuvent venir s'y ajouter. Frenz Schwachtgen se réjouit de toute critique positive et de toute collaboration au cours

2. Programme de coalition

des prochaines années pour le bien de la commune.

Il passe aux trois derniers chapitres du programme, qu'il souhaite commenter. Pour ce qui est du développement durable, rien ne change par rapport aux dernières années. Le programme de coalition est un des plus ambitieux en matière de durabilité. L'écologie est présente comme un fil vert à travers tous les domaines. L'objectif est de placer l'homme, la nature et l'environnement au centre de toutes les activités communales.

La commune doit servir d'exemple. Tout d'abord, elle veut se doter de nouveaux standards écologiques dans la construction et l'aménagement. Cela concerne à la fois les infrastructures déjà planifiées et les éléments du futur PAG.

Tout à l'heure, il sera question de la protection des façades. Les maisons unifamiliales sont protégées depuis plus longtemps. Ensemble avec des experts, la Ville de Differdange est en train de dessiner des couloirs verts. Frenz Schwachtgen espère que les instances gouvernementales respecteront le PAG lorsqu'elles planifieront les zones industrielles.

Le fil vert se retrouve aussi dans l'utilisation durable des ressources communales. En tout, quarante initiatives sont recensées à la fois dans les espaces verts et dans l'espace urbain.

L'avant-dernier chapitre comprend 17 points mettant l'accent sur la protection active de la nature et de l'environnement — et notamment sur les réserves naturelles, les forêts, le biomonitoring, les nuisances environnementales, un plan vert, une équipe dédiée aux arbres... Il s'agira aussi de promouvoir et soutenir une agriculture durable.

Un autre point important concerne l'eau potable. L'eau en provenance de Koerich suffira-t-elle à l'avenir ou faudra-t-il recourir à l'eau de source? Comme il a beaucoup plu dernièrement, ce ne devrait pas être nécessaire. L'accord de coalition mentionne aussi le contrat des rivières portant sur la Chiers, ses ruisseaux et ses sources.

D'autres chapitres traitent de la gestion des déchets et des eaux usées. Il s'agit de sensibiliser les gens et de leur proposer des subventions.

Dëse Pabeier wëll natierlech net definitiv sinn a sengen Aussoen. Et därerf keng Bibel sinn oder bleiwen. Dass ee seet: „Dat steet do, an dorunner gëtt net méi geréckelt“. Den Inhalt muss kënnen ugepasst an erweidert ginn. An et muss een och de Courage hunn, wann et op enger Plaz net weidergeet oder net machbar ass, vläicht dann als Illusioun do stoe bleift, dass een da seet: „Dee Punkt do abandonnéiere mer“.

Nei Erkenntnisser, nei Elementer, nei Virschléi kënnen dobäi kommen. Ech wier frou, wann dat aus der Bevëlkerung, aus eise Kommissiounen a vun alle Parteien heibannen iwwert de Gemengerot oder iwwert aner Weeër kéint e flexibele Programm gi fir déi nächst Joren. Dozou sti mir als Equipp, zesumme mat der CSV. A mer si frou fir all positiv Kritik a fir all Mathëllef an der nächster Zäit. Zum Wuel vun eiser Gemeng.

Ech wollt weiderfueren am Numm vun deene Gréngen an op e puer Beräicher aus dem Koalitiounsprogramm agoen. Iwwert d'Form ass weider net diskutéiert ginn. Ech wëll haaptsächlech déi lescht dräi Kapitele skizzéieren oder e bëssen an Erënnerung ruffen, wat do drasteet. Den Thema Nohaltegkeet ass eis ganz wichteg als Gréng an als Koalitioun. Do ännert sech par rapport zu de leschte Joren absolut näischt. Ouni alles wëllen iwwert de grénge Kléi ze luewen, wëll ech behaapten, dass dëse Koalitiounsprogramm ee mat deene gréissten Ambitiounen a puncto Nohaltegkeet zënter jee ass. Dass dat weider an déi Richtung geet, ass ganz positiv ze aviséieren.

Dee grénge Fuedem an den ekologiesche Gedanken hu mer quasi an all Beräich vun eise Koalitiounsprogramm niddergeschriwwen. Eist Zil ass a soll sinn, de Mënsch, d'Natur an d'Ëmwelt an de Mëttelpunkt vun allen Aktivitéiten an eiser Gemeng ze setzen. Wou d'Gemeng och soll als Virbild do stoen. Dräi, véier Beispiller: Am Développement urbain et communal, e Kapitel hei am Programm, wëlle mer eis generell nei ekologesch Standarden, wat schonn déi lescht Joren ugaangen ass, an der Amenagements- an an der Bautepolitik ginn. Dat gëllt natierlech, wéi gesot, fir scho geplangten Infrastrukturen a Bauten. Zum Beispill, déi nei ambitiéis geplangte Sportsinfrastrukturen an aner Gebailechkeeten, déi

a Planung sinn. An natierlech gëllt dat och fir alles, wat elo kënn, a wat am neie PAG soll säi Réckhalt kréien. Dee jo nach soll diskutéiert ginn, ier mer deen dann endlech verabschieden.

Mer hunn haut um Programm de Schutz vun de Fassaden. Mer hu scho méi laang d'Eefamilljenhaiser geschützt. Mer sinn amgaangen, richtungsweisend Couloirs verten opzezechnen, mat Fachleit. Wou mer hoffen, dass dat och vun de staatlechen Instanze respektéiert gëtt, wann déi beispillsweis a Zones industriell Planunge maachen, dass dat och kohärent ass mam Gemenge-PAG.

Deen ekologiesche Fuedem weist sech och – ech fille mech e bësse gestéiert – speziell am Punkt iwwert eng nohaltege Utilisatioun vun de Gemengeressourcen. Do ginn iwwer 40 Initiativen opgezielt. Déi een natierlech net hei kann opzielen. Dat soll een noliesen. Dës Initiative sollen am urbane Raum wéi och an der Zone verte geholl ginn. An ech mengen, wann een dat Kapitel liest, huet ee wierklech genuch, fir nozedenken, a genuch Aktiounen, fir déi nächst Zäit ze starten.

Am zweetleschte Kapitel sinn eng Rei Punkten, eng 17 Stéck, déi de rengen an den aktiven Naturschutz an Ëmweltschutz betreffen an an de Vierdergrond stellen. Ausweise vun neie Réserves naturelles, Bëscheservater, Biomonitoring, Asaz géint all Ëmweltnuisancen. Ech mengen, dat wäert nach e grousst Thema ginn an nächster Zukunft. En anstännege Gréngplang fir eis ganz Stad, d'Kreatioun vun enger spezieller Bam-Equipp, wat eng Nouveauté ass. Wou mer wierklech wëlle kucken, dat Gréngs, wat mer an der Gemeng hunn, och nohaltege ze bewirtschaften. Weider sti Beispiller dran, fir eng nohaltege Forst- a Landwirtschaft ze fërderen an ze ënnerstëtzen.

Wichtige Punkt an deene Kapiteln ass nach den Ëmgang mam Drénkwaasser, de Verbrauch an de Quellschutz. Well wee weess, wéi et weidergeet mat deem Waasser, wat mer bis elo ëmmer vu Käerch kréien? Musse mer eng Kéier Déifferdenger Quellen unzapen oder net? Mat dem Reen vun haut a vun dësen Deeg gesäit et net esou aus. Mä wee weess, mer mussen awer fir d'Zukunft och eis eege Ressourcen an deem Beräich valoriséieren.

2. Programme de coalition

Et geet awer och ëm den allgemenge Gewässerschutz, ënnert anerem d'Contrats de rivière fir d'Kor an all hir Niewebaachen a -quellen, an deem Kapitel.

D'Thema Konsumverhale wéi den Offallproblem ass an engem ganze Kapitel skizzéiert. Dat wäert an den nächste Joren e bedeitend Thema ginn. Datselwecht gëllt fir d'Thema Ofwaasser. Et ass alles dra skizzéiert, wat ee wëll a ka maachen. Hei gëllt et natierlech, ze sensibiliséieren, de Leit ze hëllefen, ze subventionéieren an awer och anzespueren. An do och erëm eng Kéier d'Gemeng als Virbild am Konsumverhale wéi an der Offallthematik.

Am Energieberäich si mer scho méi laang op neie Weeër a probéiere mat dësem Programm e komplett Ëmklammen op erneierbar Energien. Holz aus eise Bëscher, Solarenergie, Wind, wann da méiglech, an ouni Niewewierkungen, Äerdwäermt aus de Galerien, Ofwäermt vun ArcelorMittal, wat ëmmer méi en Thema gëtt. Et gëtt elo lues a lues domatter eescht. An der Nopeschgemeng Esch si Projeten, déi lues a lues ulafen, dass mer effektiv déi immens Energie, déi bei ArcelorMittal verluer geet, och kënne fir den urbane Raum notzen.

Eis Engagementer am Klimabündnis an am Klimapakt ginn an dësem Programm weider voll eescht geholl.

D'Energiespuere wäert e Leitmotiv bleiwen, souwuel an eisen Aktiounen op de Bierger zou, am Bauen, Renovéieren, am verantwortlechen Handeln, awer och um Gemengenniveau muss dat en Haaptthema bleiwen.

Dann zum Schluss: Mir triede weider fir eng douce Notzung vun eisem Naturraum ronderëm an uewen op eisem Bierg an. De Mënsch soll do oprieden als Tourist - doucen Tourist, wëll ech betounen -, als Visiteur mam Vëlo oder ze Fouss, als Gaascht, fir Rou an Erhuelung genéissen ze kënnen. An dat, ouni ze stéieren, ze verdrecksen oder futti ze maachen.

All eis Akteuren an deem Beräich, wéi den TNT, den neien Territoire naturel transfrontalier, dee mer mat de Fransou se wëllen opbauen a mat den Nopeschgemengen hei zu Lëtzebuerg, den ORT, Office régional du tourisme, de Minettpark, d'Associatiounen, Nature et fo-

rêts, natierlech d'Gemeng selwer, awer och all aner Utilisateuren, mussen do koordinéiert virgoen a Respekt weisen.

Op all déi ugeschnidde Punkte gëtt a soll dëse Programm eng Äntwert ginn. Mir brauchen en am Fong nëmmen ëmzesetzen. Wat eisen Optrag ass, an eis Verantwortung fir eis all.

Ech denken, dass aner Leit nach vill méi ze soen hu wéi ech. Ech freeë mech op d'Stellungsname vun alle Parteien, déi mat hiren Iddien zu dësem Programm kënne bäidroen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Dat war scho ganz gutt.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, de Schäffen- a Gemengerot, Dir Dammen an Häre vun der Press an alleguer, déi haut hei sinn, Merci fir d'Wuert. Am Numm vun der LSAP huelen ech zu dësem Koalitiounsprogramm Stellung. Mir sinn haut de 24. Januar, an et sinn elo scho méi wéi zwee Méint hier säit dem Untrëtt vun där neier Koalitioun, wou d'Oppositioun dann endlech d'Méiglechkeet kritt, op de Koalitiounsprogramm anzegoen. An dat, nodeems de Budget scho gestëmmt ass. Dat ass sécherlech net esou dialogfrëndlech, wéi am Koalitiounsprogramm ugekënnegt.

Wann een de Koalitiounsprogramm am Detail duerchgeet, ass déi éischt Impressioun: Gréng wierkt. Beim zweeten Ubléck stellt een dann awer fest, dass sech eng ganz Partie Iwwerleeungen iwwerschneiden a widderhuelen, an dass der vill eng Kontinuitéit duerstellen zu Moosnamen, déi schonn ëmgesat gou-

Dans le domaine de l'énergie, la Ville de Differdange veut passer entièrement aux énergies renouvelables: le bois des forêts differdangeoises, l'énergie solaire, le vent, la géothermie, la récupération de la chaleur résiduelle d'ArcelorMittal (des projets sont en cours à Esch-sur-Alzette).

Les engagements de la commune au sein du pacte climat seront pris au sérieux. Les économies d'énergie restent un leitmotiv.

Les espaces naturels sur la colline de Differdange doivent être exploités. Les écologistes misent sur un tourisme doux. Les visiteurs doivent pouvoir se promener, faire du vélo ou se relaxer sans rien détruire. Les partenaires de la commune sont le Territoire naturel transfrontalier, l'Office régional du tourisme, le Minettpark, différentes associations, l'Administration de la nature et des forêts, etc.

Le programme de coalition apporte une réponse à toutes ces questions. Il suffira de le mettre en application. Frenz Schwachtgen se réjouit de la prise de position de toutes les fractions.

ERNY MULLER (LSAP) va prendre position au nom du LSAP.

Il constate que nous sommes le 24 janvier, soit deux mois après la prise de pouvoir de la nouvelle majorité. L'opposition a enfin la possibilité de commenter le programme de coalition, et ce, après l'approbation du budget. Le programme de coalition annonce pourtant davantage de dialogue que cela.

À la première lecture du document, on a l'impression que le vert fonctionne. Mais à y regarder de plus près, une partie des réflexions se recoupent et se répètent. Par ailleurs, le programme s'inscrit dans la continuité de ce qui a déjà été réalisé. Tous les partis politiques font des économies d'énergie, de l'économie circulaire ou de la mobilité des priorités. Le programme électoral du LSAP est d'ailleurs fort semblable à celui de la majorité.

En politique, les visions sont nécessaires. À quoi doit ressembler le développement urbain? Combien d'habitants Differdange doit-elle avoir en 2030? Le programme de coalition ne dit rien de concret à ce

2. Programme de coalition

sujet. Que faire pour placer l'homme au centre des préoccupations? Comment dynamiser le centre-ville et ses magasins alors qu'un nouveau centre est en train de se créer? Certes, la commune peut acquérir des locaux, mais elle ne peut pas résoudre tous les problèmes seule. Certains bâtiments sont vides. Il est évident que le «city management» a été un échec. La commune doit recourir à l'aide de professionnels pour mettre en place un concept.

Le développement urbain doit être piloté par le PAG. Pour cela, un périmètre de construction bien défini est nécessaire. Les socialistes sont contraires à son élargissement. Pour créer des parcs ou des couloirs verts dans les quartiers et les lotissements, des zones doivent être indiquées dans le PAG. Certaines places minérales devraient être transformées en espaces verts ou mixtes. Les ressources doivent être préservées. L'utilisation d'énergies renouvelables est à préconiser.

Le trafic est un des problèmes principaux de Differdange. La politique doit proposer des alternatives comme un bus urbain, le transport en commun régional, le «car sharing» ou la mobilité douce. En revanche, les socialistes sont contraires à un dictat.

La ville et la région ont besoin de plus d'emplois. Le Diffbus devrait desservir plus efficacement les entreprises. Les jeunes doivent pouvoir se former pour les emplois locaux. Les structures scolaires et d'accompagnement doivent fonctionner comme il faut. Il faut aussi penser aux seniors et soutenir les associations en tant que facteurs d'intégration.

Erny Muller passe à un résumé du programme de coalition en commençant par les enfants et l'école. Il soutient l'idée de petites écoles décentralisées. Il rappelle que les socialistes ont été les premiers à introduire un accompagnement des enfants sous la forme de cantines. Aujourd'hui, 1500 enfants, soit plus de 50 %, fréquentent les maisons relais. Parallèlement aux infrastructures, la qualité de l'accompagnement est essentielle. Il faut donc du personnel motivé, un dialogue constant entre le personnel, les pa-

fen. Eng besser Liewensqualitéit, Natur an Ëmwelt, eng propper Loft, erneierbar Energien, grad esou wéi Energiespueren, Kreeslafwirtschaft, Mobilitéit an esou weider si Begrëffer, déi an eiser heiteger Gemeengepolitik net méi ewechzedenke sinn. An déi praktesch all Parteien an hirem Wahlprogramm haten. Mir woen, ze behaapten, dass den LSAP-Wahlprogramm a ville Punkten deem vun där aktueller Majoritéit staark ähnelt, mat parteispezifischen Nuancen.

Mir wäerten dofir ganz genee suivéieren, ob déi ugekënnegt Moossnamen och an der Realitéit ëmgesat ginn. A wann net, wäerte mer Iech drun erënneren.

An der Politik, Dir Dammen an Dir Härren, muss ee Visiounen hunn. Wéi soll eis Stadentwécklung ausgesinn? Wéi schnell wëlle mer wuessen? Wat fir eng Awunnerzuel soll Déifferdeng am Joer 2030 hunn? 30.000? 35.000? Oder méi? Konkret Aussoen heiriwwer vermësse mer am Koalitiounsprogramm. Wat kënne mer maachen, fir eist Zil vum Mënsch am Mëttelpunkt beschtméiglech ëmzesetzen? Wéi kann een eise Stadkär mat der aktueller Geschäftswelt nei dynamiséieren? Wëssend, dass an der Entrée en ville sech en neie Geschäftszentrum entwéckelt. Ganz vill Iddien heizou fanne mer net am Programm. Et soll sech wuel ëm déi eidelstoend Geschäftslokaler vu Gemengesäit bekëmmert ginn, wéi dat mam Ukaf vun deenen zwee Geschäftslokaler och déi lescht Gemengerotssitzung geschitt ass, a wat och eis Meenung ass, awer hei kann d'Gemeng sécherlech net alles maachen. Eng Partie Gebaier, wéi Banken oder Post, si schonn deelweis eidel oder kommen nach dobäi. Et muss een haut leider feststellen, dass de Citymanagement fir eis Stad versot huet, an dass mir dréngend müssen nei Weeër goen. Fir d'LSAP ass et wichtig, professionell Hëllef ze engagéieren, fir zesumme mat de Geschäftsleit a Biergerinnen a Bierger en neit Konzept ze entwéckelen.

Steiere kënne mir eis Stadentwécklung, an domatter och d'Awunnerzuel, iwwert de PAG, de Stadentwécklungsplang. Dofir ass et wichtig, dass de Gesamt-PAG dësen Iddie gerecht gëtt duerch e kloer definéierte Bauperimeter. D'LSAP ass absolut domatter averstannen, dass den aktuelle Bauperimeter net

erweidert gëtt. Wa mir gäre Gréngzonen, wéi gréng Schleisen oder Quartiersparken an eise gréissere Lotissementer hätten, musse mir dës am PAG ausweisen.

Och eng Ëmwandlung vun aktuell betonéierte Plazen a Gréngflächen oder eng Mëschung vun deenen zwee ass ungestriewen. Eis Ressourcë musse geschützt ginn. D'erneierbar Energien an energiereduzéierend Moossname sinn ze begreissen.

Ee vun den Haaptproblemer vun eiser Zäit, an dat gëllt net nëmme fir Déifferdeng, ass de Verkéier. Hei muss et zu engem Ëmdenke kommen. An et ass un der Politik, Alternativen unzebidden, wéi e Citybus, de regionalen ëffentleche Verkéier ausbauen, Carsharing, Mobilitéit douce an esou weider.

Un der Politik ass et, all dat unzebidden an duerno de Bierger geziilt iwwert d'Virdeeler opzeklären. D'LSAP ass géint en Diktat. Kuerz Weeër zu den Aarbechtsplazen, dofir d'Schafe vun zousätzlechen Aarbechtsplazen an eiser Gemeng oder Regioun. D'Iddi, fir den Diffbus a puncto Zäit a Parcours méi un d'Betriber unzebannen, déi d'lescht Joer schonn agefouert gouf, muss weider entwéckelt ginn. Mir müssen natierlech oppassen, dass mer eise Jugendlechen déi spezifesch Formatioune vermëttelen, déi fir déi lokal Aarbechtsplazen néideg sinn. An och hei kann d'Gemeng sech als Facilitateur abréngen. Eis Kanner a Jugendlecher sinn d'Zukunft vun eiser Stad, an dofir ass et wichtig, gutt schoulesch Infrastrukturen a Betreuungstrukturen ze hunn. Och un d'Seniore muss geduecht ginn an enger Zäit, wou déi eeler Leit méi laang fit an interesséiert sinn. D'Ënnerstëtzung vun de Veräiner als Integratiouns- a Sozialfaktor ass grad esou wichtig.

Ech erlabe mer, am Resumé op de Koalitiounsprogramm anzegoen. Ech fänken u mam Kapitel Kanner a Schoul. Wéi ech scho gesot hunn: «Eis Kanner sinn eis Zukunft». Dofir brauche mer eng beschtméiglech schoulesch Ausbildung an adequat Infrastrukturen. D'LSAP ënnerstëtzt d'Iddi vu méi klenge dezentrale Schoulen an de Quartieren, wéi déi geplangte Schoul am Matendall an d'place Nelson Mandela.

2. Programme de coalition

Datselwecht gëllt fir d'Kannerbetreung. Ech erënneren drun, dass Déifferdeng eng vun deenen éischte Gemenge war, déi deemools d'Kannerbetreung a sougenannte Kantinnen agefouert hat. Elo hu mir zirka 1.500 Kanner a méi wéi 50% vun de Schoulkanner an eise Maisons relais, wat e ganz gudde Chiffer ass. An d'Demande si praktesch all ofgedeckt.

Nieft den Infrastrukture spillt natierlech den Inhalt eng wichteg Roll. Dofir striewe mer jo och eng héich Qualitéit an der Kannerbetreung un. D'Viraussetzungen heifir sinn: motivéiert Personal, e permanenten Dialog tëschent Personal, Elteren a Kanner, e regelméisseg Bilan, wat déi nei Methoden ubelaangt, méi op d'Personal lauschten, a virun allem manner Personalwiessel. Permanente Wiessel vu Besuchspersonen ass sécherlech net am Interessi vun de Kanner.

Eng aktiv Hausaufgabenhëllef ass säit Joren eng Fuerderung vun der LSAP. Dofir begreisse mir, dass dës Initiativ am Koalitiounsprogramm festgehale gouf. A mir wärend frou, wa si elo schnellstméiglech kéint ëmgesat ginn.

Zum Thema Bëschschoul a Bëschcrèche mussen mir déi éischt Erfahrenge ofwaarden.

Déingschtleeschungen, fir Kanner am Krankheetsfall ze betreiwen, ass sécherlech eng gutt Saach. Awer wéi soll dat geschéien?

Op d'Thema Sport an der Schoul geet den Här Bertinelli an.

Zum Thema Subside fir Schüler. Dir wëllt dës un déi schoulesch Leeschtunge koppelen. D'LSAP ass der Meenung, dass dës Primäre fir vill Elteren eng wichteg Käschtebedeelegung un der schoulescher Ausbildung vun hire Kanner sinn. Am Fall vun enger Non-réussite géifen dës ewechfalen, obwuel d'Käschten dësselwecht sinn, wat mir net kënnen toleréieren.

Lycée international: d'LSAP ënnerstëtzt all Initiativen am Kader vun der internationaler Schoul an och de Bau vun enger neier Primärschoul, wou 50% Déifferdenger Kanner ageschriwwen solle sinn. Zu dësem Sujet muss den neie Schafferot dréngend reagéieren. En neie

Lycée technique soll op d'Plaz vun den aktuelle Gemengenateliere kommen. Kanner- a jugendgerecht Infrastrukture bereetstellen. En neit Jugendhaus um Fousbann ass souwäit fäerdeg. Awer och eng Initiativ, déi d'LSAP an hirem Wahlprogramm hat: dat ass déi, d'Ëffnungszäite vun de Jugendhaiser am Aklang mat de Bedürfnisse vun de Jugendleche festzeleeën.

Zum Thema Jugendarbeitslosigkeit: Déifferdeng huet ee vun deenen héchsten Taxen u Jugendarbeitslosigkeit. Dofir ass et enorm wichteg, dass d'Politik sech um lokale Plang intensiv drëms këmmert. Ze begreissen ass, dass nach méi soll gemaach ginn am Kader vu Léierplazen. Méi Beförderungsverträge bei de Gemengen, wéi CAE a CIE. Déi lokal Betriber solle méi staark agebonne ginn. D'LSAP gesäit zousätzlech spezifesch Ausbildungsmoossnamen an eng Reform mat Verstärkung vum lokalen Jobcenter. Och mussen d'Gemengenautoritéite versichen, am Dialog mat de Betriber bei neien oder oppenen Arbeitsplazen prioritär Leit aus der Gemeng anzustellen. Also dorop hin intervenéieren, wat jo och beim Auchan scho geschitt ass. Mat Succès souguer.

Am Sozialressort begreisse mir Initiative wéi Baby Plus oder Senior Plus. Dës sollten awer de jeeweils gesammelten Erfahrenge ugepasst ginn. D'LSAP hat d'Streetworkkonzept an hirem Programm an ass frou, dass d'Stad Déifferdeng elo endlech op dës Wee geet. D'LSAP hat d'Schafe vun engem kommunale Service logement och op der Lëscht vun de Prioritéiten.

Zur Charta Design for all: dës Initiativ ass scho virun e puer Joer an eiser Gemeng ugefaange ginn. Allerdéngs ass éischter bei den neie Projete duerno gekuckt ginn. Lifter sinn installéiert ginn. Zum Beispill, an der Schoul Déifferdeng Zentrum, virun zwee Joer. Leider mussen mir am ale Stadhaus nobesseren, well den aktuelle Lift vu baussen net adequat ass. Et muss eng Bestandsopnam vun alle Moossname gemaach ginn, betreffend de besteende Gebaier, Trottoiren, ëffentlechen Transport, Eventer an esou weider.

Mir begreissen de Jugend- a Senioreplang. D'Seniore si bei der Schafung vun Treffpunkten, iwwerdeckte Bouleplazen, wéi, zum Beispill, um fréieren AS-Terrain mat anzebannen. Datselwecht

rents et les enfants, des bilans et moins de roulement de personnel. Les socialistes réclament depuis des années une aide active aux devoirs telle que proposée finalement dans le programme de coalition. Pour ce qui est de la crèche et de l'école forestières, il faut attendre le premier bilan. Comment fonctionneront les services aux enfants en cas de maladie?

En ce qui concerne les subsides aux élèves, la majorité veut les coupler à la réussite scolaire. Les socialistes y sont contraires, car les frais de scolarisation ne dépendent pas de la réussite.

Erny Muller soutient toutes les initiatives autour de l'école internationale et la construction d'une nouvelle école où 50 % des enfants inscrits seraient luxembourgeois. Un lycée technique doit être construit sur le site des ateliers communaux. La nouvelle maison des jeunes du Fousbann est presque terminée. Les socialistes exigent que les horaires d'ouverture des maisons des jeunes soient adaptés aux besoins des jeunes.

Differdange a un des taux de chômage pour jeunes les plus élevés. Le nombre de CAE et de CIE va être augmenté et les entreprises locales participeront plus fortement aux mesures. Les socialistes demandent des formations spécifiques et une réforme du Jobcenter. Par ailleurs, les autorités communales doivent dialoguer avec les entreprises pour qu'elles recrutent prioritairement des Differdangeois. C'est ce qui a été fait avec succès dans le cas d'Auchan.

Baby Plus et Senior Plus doivent être adaptés aux besoins. Le «street-work» faisait partie du programme électoral du LSAP. Les socialistes exigeaient aussi la création d'un service du logement.

L'initiative «Design for all» a été lancée il y a quelques années, mais la commune en a surtout appliqué les principes aux nouveaux projets. Plusieurs ascenseurs ont été installés. L'Aalt Stadhaus doit être amélioré, car l'ascenseur externe n'est pas adapté. Il faudra dresser un état des lieux de toutes les mesures.

Erny Muller salue les plans des jeunes et des seniors. Les seniors et les jeunes doivent être consultés lors

2. Programme de coalition

de la création de points de rencontre et d'habitations. L'administration communale doit tenir compte des besoins d'une population atteignant bientôt les 30 000 habitants. Pour ce qui est de politique d'information et de publication, Differdange est championne du monde. Il faut simplement trouver le chemin le plus court pour les informations urgentes. Pour ce qui est des démarches administratives en ligne, si l'État y arrive, la commune devrait y arriver aussi.

En ce qui concerne le PAG, les socialistes ne veulent pas élargir le périmètre de construction. Les nouveaux lotissements doivent comprendre des espaces verts.

Le bâti historique doit être préservé, mais sans exagérations. Erny Muller soutient la protection des maisons unifamiliales. Pour ce qui est des constructions intelligentes, le collègue échevinal pourrait-il expliquer de quoi il s'agit?

Les socialistes soutiennent la création d'un service du logement. Chaque grand lotissement devrait contenir une résidence appartenant à la commune. La commune doit continuer à acheter des terrains constructibles pour y créer des logements abordables. Si ces mesures et si le service du logement et l'AIS Kordall se révélaient inefficaces, il faudra prévoir des taxes.

Une partie des projets en cours actuellement ont été planifiés ou commencés par la majorité précédente. Les agrandissements du campus scolaire du Woiwer et de la maison relais d'Oberkorn seront bientôt terminés. L'agrandissement de l'école Saint-Pierre est dans les délais. En revanche, il semble y avoir des problèmes avec le centre sportif de Niederkorn.

Erny Muller mentionne ensuite la rue Saint-Pierre, la rue Scharlé et le «shared space». Il propose d'inclure la rue du Castel dans le «shared space».

Les socialistes demandent que les nouveaux ateliers à côté de Collé soient construits rapidement. Le collègue échevinal doit acquérir d'autres terrains au lieu dit Lauterbännen et réaliser un nouveau plan directeur. Parallèlement, il faudra définir le tracé de la ligne à haute tension.

gëllt fir nei Wunnkonzepter fir Senioren a Jugendlecher.

Als Gemeindeverwaltung soll een de Bedürfnisse vun enger Stad vun ëmmerhi geschwënn 30.000 Awunner gerecht ginn.

Wat d'Informations- an d'Publikationspolitik ubelaangt, ass eis Gemeng säit Jore Weltmeeschter. Ech mengen, dat kënne mer behaapten. Do si mer net schlecht. Et mussen awer Weeër fonnt ginn, fir déi dréngend Informatiounen, déi de Bierger direkt betreffen, um schnellste Wee un d'Biergerinnen an d'Bierger weiderzeleeden. Do hu mer nach e bëssen Handlungsbedarf.

Wat déi sougenannte Behördengänge per Internet ubelaangt, kann ee soen: „Wann et beim Stat klappt, misst eis Gemeng dat jo och fäerdeg bréngen“.

Ech kéim dann nach zu deenen zwee Domänen, déi ech an der viregter Koalition a menge Ressorten hat, nämlech d'Stadentwécklung an den Tourismus. Fir d'éischt de PAG. Och d'LSAP trëtt dofir an, an ech hat et scho gesot, fir de Bauperimeter net ze erweideren. Bei der Notzung vu Fräiflächen innerhalb vum Bauperimeter ass op genügend Gréngflächen opzepassen, fir esou kleng Parkanlagen an de Quartiere kënnen ze plangen. Dës Gréngfläche mussen am PAG ausgewise ginn, genau esou wéi gréng Schleise fir de Loftaustausch an esou weider. Den Här Schwachtgen ass schonn drop agaangen.

D'LSAP ass fir d'Erhale vun der historischer Bausubstanz. Et soll awer net iwwerdriwwe ginn, a genügend Entwécklungspotential fir d'Renovatioun bleiwen. Soss zerfalen eis Haiser, a speziell déi al Méifamilljenhaiser.

Och si mir weiderhi fir de Schutz vun de besteeënden Eefamilljenhaiser. Am Koalitionsprogramm steet „intelligenter bauen“. Hei misst Der Iech vläicht emol erklären. Eens si mer eis iwwert de kommunale Service logement. D'Gemeng soll selwer aktiv gi beim soziale Mietwunnensbau. Ech erënneren u meng Propositionen, fir bei all gréissere Lotissementer op d'mannst eng Residenz fir d'Gemeng Déifferdeng bauen ze loossen.

D'Gemeng soll weiderhi Bauland opkafen, fir op dësem Wee erschwéngleche Wunnraum fir jiddereen ze schafen. Zum Beispill, duerch de Fonds de logement oder d'Société nationale des habitations à bon marché oder duerch d'Gemeng selwer.

Sollten eis Mesuren, wéi déi vum Service logement, respektiv der AIS, net gräifen, muss op Taxen zeréckgegraff ginn.

Dann zu deenen eenzelne Projete fir eis Gemeng. Eng ganz Partie Projeten, déi eis déi nächst sechs Joer wäerte begleeten, sinn nach ënnert der viregter Majoritéit ugefaang oder geplangt ginn. Ech zielen op, an ech wëll awer och kuerz nach eng Kéier erwähnen, wat eis do wichteg erschénkt, a wou mer Wäert drop leeën. Den Ausbau vum Schoulcampus Woiwer ass deemnächst fäerdeg. Den Ausbau vun der Maison Uewerkuer ebenfalls. Den Ausbau École St. Pierre: ech géif soen, am Delai kann déi ofgeschloss ginn. Déi nei Sportshal zu Nidderkuer: do schénkt et Problemer ze ginn. Dofir wollte mer emol wëssen, wat dann do lass ass, dass mer net ukommen?

(Ënnerbriechung)

Weider Projete fir Nidderkuer: de Bau vun der Mattendallschoul, déi zäitgläich mam Fortschreite vum Quartier soll realiséiert ginn. D'Pläng si fäerdeg. Et ass e flotte Projet. D'rue St. Pierre an d'rue Scharlé mat deels oder komplettem Shared space. Mir proposéieren, och d'rue du Castel, dat heescht, d'Verbindung vun der Mattendallschoul mam Campus Nidderkuer, a Shared space ze transforméieren.

Als LSAP gesi mir elo, nodeems den Terrain fir den CID zu Nidderkuer kloer ass, dass déi nei Ateliere schnellstméiglech nieft dem Collé gebaut ginn. Et ass um Schäfferot, nach weider Terrainen op Lauterbännen ze kafen an en neie Masterplang betreffend deem ganzen Areal auszeschaffen. Gläichzäiteg ass den Tracé vun der Héichspannungsleitung ze definéieren, déi jo op dëser Plaz an de Buedem geluecht gëtt. Zu Déifferdeng gëllt et, de Projet place Nelson Mandela an deene kommende sechs Jore weiderzeféieren a vläicht souguer ofzeschléissen. Zu Uewerkuer geet et mam Bau vun der Eventhal an dem LIPS virun. D'Alentourse ginn als Espa-

2. Programme de coalition

ce de loisir et de récréation aménagiert.

De Schäfferot huet zum Ausdrock bruecht, hie géif d'Pläng betreffend der Modernisatioun, deelweis dem Ausbau vun der Uewerkuerer Sportshal eng Kéier op de Leescht huelen, wat de Käschtepunkt ubelaangt. D'LSAP ass der Meenung, dass hei en zukunftsorientierte Projet soll entstoen, fir déi kommend 30 bis 50 Joer, wéi dat jo och beim aktuelle Centre omnisports de Fall war. Et soll en intensiven Dialog gefouert ginn, souwuel mat eise Gemengeservicer wéi mat de Veräiner. Hei falsch Ofstrécher ze maachen, wär e schlechten Invest an d'Zukunft.

Um Bock soll en neien Turnsall gebaut, duerno déi ganz Schoul restauréiert an ausgebaut ginn. Dat sinn Initiativen, déi schonn am viregte Schäfferot diskutéiert an ausgeschafft goufen. Mir sti selbstverständlech dohannert.

Wat deen neie Liichtathletikstadion um Woiwer ubelaangt, soll dat eiser Meenung no net nëmmen eng regional Infrastruktur fir Liichtathletik a fir de lokale Fussball ginn, mä e komplette Campus fir Sport, mat Gebaier fir eng Sportsschoul, en Internat, Studentewunnengen a Komplex mat Restaurant an esou weider. Ënnert dem Terrain sollen zirka 300 Parkplazen entstoen, fir Visiteure vu Servior a fir de Quartier.

De Projet Servior muss elo definitiv an Ugrëff geholl ginn. Dofir ass eis Fro: Wou si mer hei drun?

Am Quartier Woiwer hu mer och eng Méiglechkeet – e groussen Deel vum Terrain, ëmmerhi 16 Hektar, gehéiert der Gemeng –, fir eis Awunnerzuel iwwert déi kommend Jore geziilt an – dat géif ech, zum Beispill, esou ausdrécken – intelligent kënne steieren ze loossen. Oder wuessen ze loossen. Et muss awer nach zousätzlechen Terrain opkaf ginn.

Dann zu Déifferdeng, eng modern Stad. Ech schwätze vun der Entrée en ville. Mir fannen, dass de Projet Tower e gelongene Projet ass a puncto Architektur a Mixitéit. Et gëllt elo, dësen, wéi virgesinn, bis 2021 ze realiséieren. Wichtig ass, dass op dëser Plaz, zentral geleeën an direkt bei den ëffentleche Verkéiersmëttel, nei Aarbechtsplazen entstinn. Dofir erënnere mer nach eng Kéier

drun, d'Parkhaus Contournement, dat och an dës Richtung geplangt ass an zousätzlech eng urbanistesche Ubannung zum Stadkär erlaabt, an der geplangter Form ze realiséieren.

En zweet Parkhaus kéint an enger nächster Etapp op dem Site vun ArcelorMittal geplangt ginn.

Mir erënnere och nach eng Kéier un d'Wichtigkeet vun deem geplangte Polizeikommissariat.

Nach eng Stellungnam zu deem geplangte Shared space laanscht der Schoul zu Déifferdeng an Nidderkuer. D'LSAP ass, mengen ech, wéi jiddereen heibannen, der Meenung, dass d'Ubannung vun der Entrée en ville Richtung Moartplaz méi attraktiv muss gestalt ginn. Wann een awer elo eng besteeënd Verkéiersachs komplett ausbremst, geet dat nëmmen, wann en Ëmgezungskonzept virläit. Dofir si mir skeptesch a verlaangen an dësem Dossier fir d'ëischt eng gutt ausgeschafften Etüd. Datselwecht gëllt fir den Zentrum zu Nidderkuer.

Ech kéim dann, zum Ofschloss vu menger Interventioun, nach zum Tourismus. Kulturhauptstad Esch a Süden 2022 ass eng grouss Erausforderung, och fir d'Stad Déifferdeng. Leider hu mir scho vill Zäit verluer, well an der viregter Majoritéit keng Bewegung, mä ëschter eng Brems an dësem Dossier war. Dat soll sech jo dann elo änneren. Wéi kann eis Stad zu enger nohalteger Kultur fir de Süde bäidroen, iwwer 2022 eraus?

Eis Regioun, a speziell Déifferdeng, ass geprägt vun eiser Industriekultur. Dofir ass et wichtig, dass mir déi Kultur mat hirem Patrimoine an hiren Inhalter fir déi kommend Generatiounen definitiv ofsécheren. Mir hunn heifir zwou Haaptachsen. Dat sinn engersäits d'Gebaier ëm d'Groussgaassmaschinn an op där anerer Säit de Minettpark Fond-de-Gras mat Lasauvage. Wa mir et fäerdeg bréngen, d'Groussgaassmaschinn ze halen, mat Hëllef vum Stat an ArcelorMittal ze restauréieren, ginn op dëser Plaz onbegrenzte Perspektiven op, wéi e grouss Science Center, e Kongresszenter, e Musée. An hei gëtt et keng Grenzen. Déi zukünftige Visiteure beräichere eis Stad a stäerken den Tourismus. Fir 2022 kéint d'Hal da schonn am Kader vun Eventer fir de Süde benotzt ginn. Am

À Differdange, la place Nelson-Mandela devra être terminée au cours des six prochaines années.

À Oberkorn, la construction de la salle polyvalente et du LIPS se poursuivra. Les alentours seront aménagés en espace de loisir et de récréation. Le collège échevinal a laissé entendre qu'il réévaluerait les coûts de l'agrandissement du centre sportif. Les socialistes demandent la réalisation d'un projet pour les trente à cinquante ans à venir dans le dialogue avec les services communaux et les associations.

L'école du Bock sera restaurée et une salle de sport construite.

Pour Erny Muller, le nouveau stade d'athlétisme doit devenir un campus sportif complet avec une école, un internat, des logements, des restaurants et un parking souterrain.

Où en est le projet de Servior?

Erny Muller rappelle qu'au Woiwer, un terrain de 16 ha appartient à la commune. Il pourrait permettre d'accroître la population de manière intelligente à condition d'acheter d'autres terrains.

Le projet de la tour de l'entrée en ville est réussi tant d'un point de vue architectural que de la mixité. Le site accueillera aussi de nouveaux emplois. Dans ce contexte, il est important de réaliser le parking du contournement comme prévu. Un deuxième parking pourrait être construit plus tard.

Erny Muller rappelle l'importance d'un nouveau commissariat.

Pour ce qui est du «shared space» à Differdange et Niederkorn, un concept est nécessaire pour éviter un blocage complet de la circulation. Les socialistes sont sceptiques. En ce qui concerne Esch 2022, Differdange a pris du retard, car la majorité précédente était un frein. Erny Muller rappelle que la région se caractérise par sa culture industrielle. Pour Differdange, il est essentiel de préserver son patrimoine culturel: les bâtiments autour de la Groussgaschinn et le Minettpark Fond-de-Gras. Si la Groussgaschinn reste à Differdange, les perspectives seront illimitées avec un grand Science Center, un centre des congrès ou un musée.

Les visiteurs dans le cadre de 2022 renforceront le tourisme. Le hall pourrait être utilisé pour organiser

2. Programme de coalition

des événements. Le centre pour visiteurs du Fond-de-Gras est à voir dans le même contexte. Malheureusement, le budget 2018 n'est pas à la hauteur.

Comme le tourisme ne fonctionne pas sans hôtels, il faut en prévoir d'urgence.

Une bonne partie des projets de cette période législative sont signés LSAP. Les socialistes veilleront à ce qu'ils ne soient pas dilués. Ils formeront une opposition constructive et s'engageront pour que Differdange devienne une ville attractive et dynamique.

GUY TEMPELS (CSV) rappelle qu'une coalition politique est le rassemblement de plusieurs partis formant une alliance stable. Le programme de coalition garantit la collaboration entre ces partis ainsi que la réalisation des objectifs.

Guy Tempels va analyser le programme. M. Hartung reviendra sur les détails.

Le programme de coalition se caractérise par ses visions pour Differdange, qui est en train de se transformer de ville industrielle en ville de la formation et des services. Il s'inscrit sous le signe du développement durable et d'une meilleure qualité de vie pour les habitants. La transparence et l'information jouent un rôle central. La population peut donner son avis et est entendue. Guy Tempels propose par exemple une réunion d'information sur le futur du Lommelshaff.

Le programme prévoit un meilleur accompagnement dans les maisons relais et les écoles. Guy Tempels mentionne aussi les nouveaux parkings, le nouveau bassin, le stade d'athlétisme et les infrastructures sportives.

Le programme tient compte de l'inclusion intergénérationnelle, de la mobilité douce, de la protection de l'eau et de la nature... 80 % des espaces verts détruits lors de la réalisation d'un projet de construction seront compensés sur place. La gestion des déchets sera modernisée. La priorité sera donnée aux énergies alternatives.

Des investissements seront opérés dans la culture sans oublier le patrimoine industriel ou le Science Center.

Fond-de-Gras ass de geplangte Besucherzentrum eng Initiativ, déi an déiselwecht Richtung geet. Leider hu mir an dësem Budget, deem vun 2018, déi néideg Moyenen heifir vermësst. Et ass wuel eppes dran. Mä mir haten eis déi méi staark virgestallt.

D'Lasauvager Kierch erméiglecht eis interessant Initiative fir d'Zukunft. Mir si gespaant, wat de Schäfferot deemnächst am Dossier 2022, wou jo gläich dräi Membere vum Schäfferot dru schaffen, ze presentéieren huet.

Well Tourismus net ouni Hoteller funktionéiert, sollte mir de Bau vun Hoteller, respektiv Gîtes touristiques prioriséieren.

Meng Konklusioon: Wéi Der sécher aus mengem Exposé eraushéieren hutt, ass dës Legislaturperiod geprägt vun enger ganzer Partie neie Projeten, déi d'Handschrëft vun der LSAP droen. Mir wäerten allerdéngs an deene kommende Méint a Jore ganz genee oppassen a kritesch analyséieren, ob dës net verwässert ginn, mä am Sënn ausgefouert ginn, wéi d'LSAP sech dat virgestallt hat.

D'LSAP steet fir eng konstruktiv Opposition a setzt sech an, fir dass Déifferdeng sech weiderhin zu enger attraktiver a liewenswäerter Stad entwéckelt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller.

Den Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, an der Politik ass eng Koalitioun eng Vereenegung vu Parteien, fir e stabil Bëndnis ze bilden. E Koalitiounsprogramm soll d'Zesummenaarbecht vun dëse Parteie garantéieren an déi gesaten Ziler am géigesäitege Respekt ëmsetzen.

Ech wëll dëse Programm an de groussen Zich analyséieren. Den Detail wäert herno den Här Hartung maachen.

De Koalitiounsprogramm, deem eis hei virläit, ass gekennzeechent duerch vill Visiounen fir Déifferdeng. Déifferdeng ass am Wandel vun enger renger Industriestad zu enger Bildungs- an Déngschtleeschungsstad. Deen heite Programm dréit deem Rechnung. Et ass ee Programm, deem d'Zukunft vun eiser Stad wäert nohaltege prägen. Et ass ee Programm, deem am Zeeche vun enger nach besserer Liewensqualitéit fir eis Bierger steet. Et ass ee Programm, wou d'Transparenz an d'Informatioun groussgeschriwwen ginn, wou de Bierger nogelauschtert gëtt, a wou si kënne mat schwätzen. Bref, en ass integrativ a participativ. Zum Beispill, firwat net eng Biergerversammlung aberuffen, fir iwwert d'Zukunft vum Lommelshaff ze diskutéieren?

Et ass ee Programm, deem eng besser Betreuung an de Maisons relais an an de Schoule virgesäit. Et ass e Programm, wou nei Schoulen, nei Maisons relais, nei Parkingen, en neie Schwammbaseng an eng interregional Liichtathletikspist virgesi sinn. Et ass e Programm, dee weider exzellent sportlech Infrastrukture garantéiert. Et ass e Programm, wou de Mateneen, dat heescht, d'Zesummespill vun de Generatiounen, sou wéi d'Inklusioun an alle Sparten, erëmfannen ass. Et ass e Programm, wou verstärkt der Mobilité douce Rechnung gedroe gëtt, an déi alternativ Energie gefuerdert ginn. Ee Programm, dee ganz kloer d'Natur an d'Waasser schützt an hinne Virrecht op d'Bebauung gëtt. Et wäerte mussen 80% vun den zerstéierte Gréngfläche bei engem neie Bauprojet op der Plaz kompenséiert ginn. Bei der Müllvermeidung an der Müllentsorgung wëlle mer nei Weeër goen. Grad esou wëlle mir méi energieeffizient ginn an op alternativ Energie bauen.

Et ass e Programm, dee weider vill an d'Kultur wäert investéieren, ouni dass d'Vergaangenheet – ech denken do speziell un eisen industrielle Patrimoine – vergiess gëtt. De Science Center, Här Meisch, gëtt dobäi net vergiess.

Et ass e Programm, wou ganz kloer den S vun der CSV erëmfannen ass, an dee versicht, déi sozial Problemer, déi mer hei kennen, ze reduzéieren. Well ganz léise wäerte mer se wahrscheinlech net kennen.

2. Programme de coalition

Et ass e Programm, deen d'Problemer vun der Sécherheet a vum Verkéier ka léisen, mat deene Pisten, déi hei opgezeechent sinn. Et ass e Programm, deen zur Beliewung op ekonomeschem Plang an eiser Stad wäert bäidroen. Et ass e Programm, deen Déifferdeng verstärkt op déi touristesch Landkaart setze wëll an de kulturellen, industriellen an den Naturpatrimoine de Leit wëll méi no bréngen. Et ass virun allem e Programm, dee finanziell ze realiséieren ass, a wou näischt versprach gëtt, wat net ëmzesetzen ass.

D'CSV ass frou, dass praktesch all d'Punkte vun hirem Wahlprogramm an dësem Programm erëmfanne sinn. Et ass kloer, dass, wann een zënter Joren zesummegeschafft huet, vill Iwwerleeungen zesumme gemaach goufen, an déi fënnt een dann och hei erëm. Dëse Koalitiounsprogramm baut op deem op, wat viru véier Joer hei opgestallt gouf. Et ass e Programm, deen à part égale, géif ech soen, de respektive Grondiddie vun deenen zwee Partner, Déi Gréng an der CSV, Rechnung dréit. Et ass en ausgeglachene Programm fir d'Zukunft vun Déifferdeng, deen am Aklang mat de chrëschtlech-soziale Wäerter vun der CSV ass. Et ass och e Programm, deen tëschent zwee Gewënner vun de leschte Kommunalwahlen ausgehandelt ginn ass, deen also de Wielerwëlle respektéiert.

Dëse Programm soll awer net esou rigid sinn, dass en net nach kéint duerch déi eng oder aner Suggestioun vun anere Parteie komplettéiert ginn. Well schliisslech solle mer hei d'Zukunft vun eiser Stad plangen. An dat mateneen, an net géinteneen.

Zum Schluss wëll ech nach soen: "Et hu sech hei Partner fonnt, déi gréisstendeels op enger Linn leien. Déi sech kennen, déi sech vertrauen, déi eng Visioun fir Déifferdeng hunn, an déi och bereet sinn, Konzessiounen ze maachen, wann et néideg ass". An ech sinn iwwerzeegt, dass déi doten Equipp dësen éiergäizege Programm wäert mam néidegen Engagement realiséieren. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Tempels.

Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, Verrieder vun der Press, léif Matbiergerinnen a Matbierger, a menger Budgetsried sinn ech schonn iwwert déi grouss Linne vum vermeintleche Programm fir déi nächst Joren agaangen. Ech ginn elo net méi an den Detail, awer trotzdeem wëll ech verschidden Elementer widderhuelen.

Ech stelle fest, datt mer gläich Februar sinn, an déi Déifferdenger Biergerinnen a Bierger hunn nach ëmmer kee Koalitiounsaccord ze gesi kritt. Dat erënnert e bëssi un d'Informatiounsblat, also den analytesche Bericht, wou mer elo emol am Summer 2017 ukomm sinn. Zesumme mat menge Kollegeen aus der Demokratescher Partei hu mer déi provisoiresch Versioun vum Koalitiounsaccord begutacht. An déi huet e grousst Gefill vun Enttäuschung bei eis hannerlooss. Wéinst der finanzieller gudder Situatioun vun eiser Gemeng, bedéngt duerch eng virausschauend jorelaang Investitiounspolitik, héich Zomme vu Loyereren, wou mer anzéien, ënnert anere duerch Projete wéi de 1535 °C Creative hub, duerch déi ganz effektiv national Reform vun de Gemeengefinanzen, awer och der positiver Konjunktur an der unhalender Zënspolitik hätte mer eis däitlech méi Wäitsicht a Courage gewénst.

Et fënnt een am groussen Deel vum Text esou vag Formuléierung wéi „wir streben an“, „wir setzen uns ein für“, „wir unterstützen“, „wir fordern“, „wir ermutigen“, „wir bevorzugen“, „wir schlagen vor“ an esou weider. Mir hätte léiwer gewosst, wat da genau soll ëmgesat ginn an den nächste Joren.

Bei deene Saachen, wou konkret do stinn, huet een d'Impressioun, datt et just Saache sinn, déi, bedéngt duerch déi demografesch Entwécklung, musse gemaach ginn. An dat si gréisstendeels Elementer, déi massiv vum Stat subventionéiert ginn. Soss gesinn ech quasi keng nei Impulser.

Vun engem Koalitiounsaccord erwaart ee sech mëttel- a laangfristeg Äntwerten op Zukunftsfroen. Wou soll eis Gemeng an deenen nächste sechs Joer an doriw-

Le programme de coalition est marqué par le «S» du CSV, qui essaie d'atténuer les problèmes sociaux de la ville. Le programme tentera aussi de résoudre les problèmes liés à la sécurité et au trafic. Il contribuera à dynamiser la ville sur le plan économique. Il renforcera Differdange en matière de tourisme. En plus, il est réalisable d'un point de vue financier.

Les chrétiens sociaux sont contents de retrouver tout leur programme électoral dans le programme de coalition. C'est un programme équilibré en accord avec les valeurs du CSV et qui respecte la volonté des électeurs.

Guy Tempels signale que le programme de coalition n'est cependant pas rigide et pourra être complété par les idées des autres partis. Car après tout, le futur de la ville se décide les uns avec les autres et non les uns contre les autres.

Les deux partenaires sont sur la même ligne. Ils se font confiance, ont une vision pour Differdange et sont prêts à faire des concessions. L'équipe actuelle réalisera ce programme ambitieux avec l'engagement nécessaire.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle qu'il a déjà commenté les grandes lignes du programme de coalition lors du débat budgétaire. Il n'entrera donc pas dans les détails, mais répètera certains points.

Il constate tout d'abord que février approche et que les citoyens de Differdange n'ont toujours pas vu l'accord de coalition. Cela rappelle l'Informatiounsblat, où celui de l'été vient d'être distribué.

Les démocrates ont été déçus de la version provisoire du programme de coalition. Compte tenu de la bonne situation financière, les loyers perçus, les subventions pour le 1535° et la réforme des finances communales, le DP s'attendait à un programme visionnaire et courageux.

Le programme est plein de formules du genre «nous voulons», «nous nous engageons», «nous exigeons», «nous privilégions» ou «nous proposons». Mais François Meisch voudrait savoir quand tous ces projets seront réalisés.

2. Programme de coalition

En plus, il a l'impression que les projets concrets sont réalisés uniquement parce qu'il le faut. Sans oublier qu'il s'agit généralement d'éléments fortement subventionnés.

François Meisch s'attendait à des réponses à moyen et long terme. Où la commune doit-elle se diriger? Où sont les solutions? À Differdange, le chômage est particulièrement élevé et les logements y sont chers. La commune doit essayer de libérer les gens de leur dépendance à l'aide sociale et d'offrir de bonnes chances d'avenir aux enfants. Les services sociaux doivent être adaptés aux besoins de la population et les écoles à ceux d'élèves provenant d'horizons divers.

François Meisch salue les initiatives contre le chômage des jeunes et le chômage de longue durée, mais le plus important est de créer des emplois. Il mentionne les friches industrielles et l'industrie créative. Le moment est venu de poser les jalons pour l'avenir. Le programme de coalition ne contient pas de mesures pour renforcer l'économie de Differdange. Les initiatives lancées il y a des années ont permis de créer plus de mille emplois. La marge de manœuvre de la commune est importante. La commune doit s'engager à obtenir des résultats à moyen et long terme. Or la création d'emplois ne semble pas une priorité de la majorité.

Pour ce qui est des logements abordables, la commune possède des terrains. Mais le budget 2018 ne prévoit rien malgré les subventions de l'État. Le fonds de réserve pourrait servir dans ce contexte, car mettre de l'argent de côté est ridicule compte tenu de la situation financière, les subventions et les loyers perçus.

François Meisch salue l'acquisition du Lommelshaff.

L'accord de coalition manque de projets comme la fabrique créative, l'Aalt Stadhaus ou Aquasud, qui servent à moderniser la ville et à faire plus que le strict minimum.

François Meisch se réjouit des efforts pour créer des liens entre les écoles, les maisons relais, l'école de musique et les associations. L'école internationale a donné l'exemple.

wer eraus histeieren? Et erwaart ee sech Léisunge fir déi grouss Erausforderungen, virun deenen d' Stad Déifferdeng nach ëmmer steet. Ech nenne just den iwwerduerschneetlechen héije Chômage an déi deier Wunnpräisser.

Mir müssen de Bierger de Wee aus der Sozialhëllef weisen, de Kanner gerecht Zukunftschancë bidden. Déifferdeng muss sech weider zu enger Stad entwéckelen, wou Wunnen, Schaffen a Fräizäit méi no beienee réckelen. Déi sozial Déingschtleeschtunge mussen mer no de Besoinen vun eiser Populatioun ausriichten. Gutt Schoule fir eng multikulturell Schülerschaft ubidden. An ech widderhuele mech: "Virun allem mussen mer nei Aarbechtsplazen a bezuelbare Wunnraum schaffen".

Initiativen, fir Laangzäit- a jonk Chômeuren ze begleeden, begrësse mer natierlech. Haaptzil, fir de Chômage ze bekämpfen, muss awer sinn, nei an ënnerschiddlech Aarbechtsplazen zu Déifferdeng entstoen ze loosse. Ech denken un d'Notze vun zousätzlechen Industriefrichen, déi de Moment brooch leien. Ech denken un e wäitsiichtegen Ausbau vun der Kreativwirtschaft zu Déifferdeng. D'Aarbechten um leschte Gebai vun der Kreativfabrik ginn an d'Schlussphas. Et ass elo de Moment, fir e weidert Standbeen vun der Kreativwirtschaft an eiser Gemeng ze plangen an an den nächste Joren entstoen ze loosse. Elo missten d'Weiche gestallt ginn. A mir bedauern, dass dat net virgesinn ass.

Mir vermessen nei substanzuell Initiativen am Koalitiounsaccord, déi dozou bäidroen, Déifferdeng wirtschaftlech méi staark opzestellen. Duerch Initiativen, déi viru Jore lancéiert goufen, konnte mëttelfristeg iwwer 1.000 Aarbechtsplazen entstoen, an déi wirtschaftlech Basis vun eiser Gemeng konnt gestärkt ginn. Eng Gemeng huet do vill Spillraum. Et muss sech just dofir engagéiert ginn, fir à moyen oder à long terme Resultater ze erzielen. Mir liesen aus dem Koalitiounsaccord net eraus, dass et soll eng grouss Prioritéit sinn, fir nei Aarbechtsplazen um Territoire vun der Gemeng entstoen ze loosse.

Déiselwecht Froe stelle mer eis bei der Problematik, fir attraktiven a bezuelbare Wunnraum ze schaffen. Gemengeneegen Terraine leien nach ëmmer brooch,

Terrainen, op deenen neie Wunnraum an eiser Gemeng kéint entstoen. Et gëtt zwar kuerz am Text erwähnt, am Budget 2018 ass leider näischt dovun ze fannen. Trotz massiver Ënnerstëtzung vum Stat, déi do méiglech wär.

Firwat net mol, zum Beispill, déi Millioen huelen, wou als Fonds de réserve ausgewisen ass, fir am Beräich vum Wunnengsbau unzufänken? An der aktueller Finanzsituatioun ass et regelrecht Blödsinn, fir déi Suen einfach rouen ze loosse. En plus géifen, zum Beispill, am soziale Wunnengsbau 75% Ënnerstëtzung vum Stat dobäi kommen, an da géifen nach Joer fir Joer Loyerer agezue ginn. Besser kéint ee säi Geld net uleeën.

An engem ähnlechen Kontext begrësse mer de Kaf vum Lommelshaff. Mir hoffen, dass do een innovatiivt Wunnkonzept entsteet. Dat steet jo nach aus.

Am Koalitiounsaccord feelt et mer weiderhin un neien Iddien, déi am Geescht vu Projete wéi der Kreativfabrik, dem Kulturzentrum Aalt Stadhaus, dem Schwamm- a Wellnesskomplex Aquasud, fir nëmmen déi ze nennen, kéinten entwéckelt ginn. Iddien, déi déiselwecht Ziler hunn. Nämlech, eis Stad ze moderniséieren, d'Liewensqualitéit ze erhéijen, an déi vläicht och méi si wéi just dat, wat souwisou muss gemaach ginn, fir datt eis Stad funktionnéiert.

Am Géigesaz dozou begrësse mer, dass eng besser Vernetzung geplangt ass tëscht de Schoulen, Maisons relais op där enger Säit a Veräiner, beispillsweis der Musekschoul, op där anerer Säit. Déi international Schoul huet et virgemaach. Duerch esou eng Initiativ gëtt den Nowuess vun de Sports- a Kulturveräiner gefërdert.

Och begrësse mir, dass interkulturell an intergenerationell Projeten ugeduecht solle ginn. Dass den Diffbus weider gratis soll fieren. Dass a gewinntem Ëmfang an de soziale Beräich investéiert gëtt. Dass, zum Beispill, den Archivage soll deen néidege Stellwäert kréien. Positiv gesi mer de weideren Ausbau vun de Sportsinfrastrukturen. Dat weidert Ëmsetze vum Konzept Design for all. Dass weider Kënschtleratelieren a feste Strukturer solle geschafe ginn. D'Schafe vun neie kommunale Servicier an de Beräicher Logement, Senioren a Mobilité

2. Programme de coalition

douce. An der Hoffnung, dass och endlech d'Personalpenurie an den anere Servicer behuewe gött.

Mir freeën eis och iwwert neie Parkraum, dee soll entstoen. Contournement, Parkhaus oder ënnerierdesche Parking nieft dem Kulturzentrum. Mir bedauern awer, datt et ze laang dauert, bis domat lassgeluecht gött. Mir stinn hannert dem Projet 2022, der europäescher Kulturhauptstad. Awer mir müssen eis endlech selwer abréngen an aktiv matschaffen, fir déi beschtméiglech Rendit fir eis Gemeng erauszuschloen.

Mir begrëssen, dass de PAG net soll erweidert ginn. Positiv gesi mer, dass weider ugeduecht ass, fir eidel Haiser, haaptsächlech Geschäftslokaler, ze lounen oder ze kafen. An deem Kontext hätte mir awer léiwer ee Konzept gesinn, wat de Stadkär sou wéi och de gesamte Kreativstanduert mat abezitt a betrëfft. Ech ernimmen an deem Kontext just kuerz Theme wéi Start-upen, Pop-up-Stores oder Outlet-Geschäfter. Sou vermësse mer och Iddien a Kreativitéit fir d'Beliewe vum Déifferdenger Stadkär. Mä dass déi traditionell Geschäftsstroosse bestoe kënnen, musse mat alle Partner alternativ Konzepter an Iddie fir de Commerce an Déngschtleschtungen ausgeschafft ginn. Mat der Gemeng, de Geschäftsleit an de Propriétaires. Stéchwuert Citymanagement. Ech wollt dat Wuert zwar net méi onbedéngt an de Mond huelen.

Nei Gemengenateliere sollen endlech kommen. Déi schwiereg Aarbechtskonditiounen an engem Bau, dee weder zäitgeméis nach funktionnell ass, kéinten dann der Vergaangenheet ugehéieren. Nodeems d'Rocade endlech op ass, leien d'Verkéisberouegung an d'Neigestaltung vun der Zolwerstrooss souwéi d'Entschäerfung vun der Woiwer Kräizung op der Hand. Gespréchsbedarf besteet awer nach beim geplangte Shared space an den Hauptstroossen op der Héicht vun de Schoulen zu Déifferdeng an zu Nidderkuer. Mat enger Verkéisberouegung si mer ganz kloer averstannen. Ier een awer op de Wee geet vun engem Shared-space-Konzept, müssen alternativ Léisunge fonnt gi fir de Verkéier. Soss schnüre mer eis komplett an. Beispill Bartreng: Fir d'éischt ass de Contournement gebaut ginn, duerno de Shared space. Do bezéien ech och eng Problemléisung fir de Passage à niveau

15, also d'Barrière tëscht Déifferdeng an Uewerkuer, sou wéi d'Entwécklung vun der Entrée en ville mat an.

Ech mengen net, dass ee ka géint erneierbar Energië sinn an och net géint den Asaz vu Wandenergie. Allerdéngs ass et net toleréierbar op just e puer Honnert Meter vun den éischten Haiser. Net verstoe kënnen mer, dass mäi Lieblingsprojet, de Science Center, d'monumental fréier Gaszentral an d'national Monument Groussgaassmaschinn net grouss thematiséiert ginn. Ee Projet mat esou engem Potential, wat eis Gemeng kéint massiv weiderbréngen, misst eng absolut Prioritéit duerstellen. Amplaz einfach op den Träger vum Science Center ze waarden, misst d'Gemeng hei aktiv dofir kämpfen, dass eng Renovatioun vun der Gaszentral an der Groussgaassmaschinn kéint Realitéit ginn. Et geet do nach laang net nëmmen ëm eng finanziell Ënnerstëtzung fir déi Asbl. E Science Center an der sougenannter renovierter Gaszentral kéint sech x-fach vergréisseren an developpéieren. Zesumme mat, ënnert anerem, der Groussgaassmaschinn wär dat eng eemoleg Saach fir déi ganz Groussregioun a géif eise Virstellung vum enger Zukunftsvision gerecht ginn.

D'Politik ka Friichten droen, wann ee sech eng stabil Richtung gött. Wou wëlle mer hin? Wéi kënnen mer eis als Bildungsstanduert entfalten, mat engem faarwegen an aktive Studenteliewen a mat allem, wat dozou gehéiert, wéi de Logement, d'Gastronomie, de Commerce, d'Aarbechtsplazen an esou weider? Wéi kënnen mer Déifferdeng als bedeitenden Akteur an der Kreativindustrie weider placéieren an eis Stärkten op dësem Gebitt ausbauen? Mir hunn Iddien, wéi d'Wunnen, awer och d'Schaffen zu Déifferdeng ëmmer méi attraktiv kënnen ginn, an dem Bierger méi Liebensqualität zegutt kënnt.

Dëse Koalitionsaccord gött deem Stadbild, wat mir als DP vun eiser Gemeng, vun eiser Déifferdeng hunn, net gerecht. Politesch Verantwortung droen, heescht virun allem, eng konzeptuell Wäitsicht fir d'Entwécklung vun eiser Stad hunn. An déi vermësse mir als Demokratesch Partei an dësem Accord. Och well en nu wierklech net weist, wéi d'Gemeng gedenkt, op déi grouss Erausforderunge vun eiser Stad à long terme anzewierken. D'DP wäert hir Aufgab

Les démocrates saluent les projets intergénérationnels, la gratuité du Diffbus, les investissements sociaux, l'importance accordée à l'archivage, le développement des infrastructures sportives, le concept du «Design for all», la création d'ateliers pour artistes, les nouveaux services du logement, des seniors et de la mobilité douce...

Pour ce qui est du stationnement, François Meisch mentionne le parking du contournement et le parking de l'Aalt Stadhaus. Mais la commune perd trop de temps.

Les démocrates soutiennent 2022, mais il est temps que Differdange coopère pour en tirer un maximum de bénéfices.

Que le périmètre de construction ne soit pas étendu est une bonne chose tout comme l'acquisition de locaux vides. Mais il faut créer un concept incluant le centre-ville et l'industrie créative. Pour que le centre puisse survivre, il faut recourir à des idées alternatives. François Meisch propose des startups, des magasins éphémères ou des magasins d'usine. Les nouveaux ateliers communaux permettront d'améliorer les conditions de travail.

Après l'ouverture de la rocade, il est temps de s'attaquer à la route de Soleuvre et au carrefour du Woiwer. En revanche, les «shared spaces» de Differdange et Niederkorn vont faire débat. Sans alternative pour les voitures, le centre va être complètement bloqué. À Bertrange, on a d'abord construit le contournement, puis le «shared space».

François Meisch ne pense pas que l'on puisse être contre les énergies renouvelables ou l'énergie éolienne. Cependant, il est inacceptable de vouloir installer des éoliennes à quelques centaines de mètres des premières maisons.

Les démocrates regrettent que le Science Center et la Groussgasmaschinn n'occupent pas une place plus importante dans le programme. La commune devrait lutter pour la centrale à gaz et la «Groussgasmaschinn» soient rénovées. Il n'est pas seulement question de financement. Ce projet serait unique dans toute la Grande Région.

Dans quelle direction Differdange doit-elle aller? Comment la ville peut-elle devenir un lieu de la for-

2. Programme de coalition

mation et développer une vie estudiantine colorée avec des logements, de la gastronomie, du commerce, des emplois...? Comment renforcer Differdange en tant qu'acteur de l'industrie créative? Les démocrates ont des idées pour rendre Differdange plus attractive et améliorer la qualité de vie des habitants. Or l'accord de coalition ne correspond pas à la vision du DP.

Les démocrates vont remplir leur fonction de contrôle au sein de l'opposition. François Meisch espère que les quelques points concrets du programme de coalition seront réalisés.

ALI RUCKERT (KPL) trouve que ce débat aurait servi à quelque chose s'il avait été mené après la présentation du document ou du moins avant le vote du budget 2018. Aujourd'hui, il ne sert plus à rien, mais apparemment certains conseillers communaux semblent apprécier ce type de discussions.

Ali Ruckert se contente de constater les incohérences entre le programme de coalition et la politique pratiquée par déi gréng et le CSV ces dernières années. À titre d'exemple, la majorité ambitionne de passer entièrement à l'énergie renouvelable. Mais le 28 mars 2012, les écologistes et les chrétiens sociaux ont approuvé le déplacement du conduit électrique raccordant Cattenom à Luxembourg, et ce, à travers une zone Natura 2000. Par ailleurs, le programme propose la création d'une taxe communale sur les habitations vides. Mais le 11 novembre 2015, déi gréng et le CSV ont voté contre une motion du KPL demandant l'introduction d'une telle taxe. Ali Ruckert se réjouit du fait que la majorité reprenne d'anciennes revendications du KPL. Mais il la jugera à ses actions et non à son programme.

Comme il l'a expliqué lors du débat sur le budget, Ali Ruckert trouve que les priorités communistes ne se retrouvent pas dans le programme de coalition. Celui-ci ne prépare pas Differdange aux défis à venir. Les communistes demandent par exemple l'abolition des taxes de stationnement ainsi que la distribution gratuite de vingt litres d'eau potable par personne et par jour. Ils veulent

als Oppositionspartei eescht huelen an eiser Kontrollfunktioon gerecht ginn. Konsequenz, awer fair. Mir hoffen, dass et anescht wäert lafe wéi déi lescht Joren, an dass zumindest déi puer konkret Programmpunkten, déi an deem Text stinn, dann och wäerten an d'Realitéit ëmgesat ginn. Ech soe Merci fir d'No-lauchteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch.

Här Ali Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, déi heiteg Diskussioun iwwert de Koalitiounsprogramm hätt Sënn gemaach, wa se stattfonnt hätt, nodeems mer de Koalitiounsprogramm presentéiert kritt hunn. Op d'mannst awer, wann déi Diskussioun stattfonnt hätt virun der Ofstëmmung iwwert de Budget fir 2018, dee Budget, wou jo schonn en Deel vum Schäfferotsprogramm ëmgesat gëtt. Duerfir ass a mengen Aen déi Diskussioun hei an engem gewësse Sënn kale Kaffi. Awer et schéngt jo och Leit ze ginn, déi dat gär hunn.

Dat gesot, ass feststellen, dass et eng Rei vun Ongereimtheeten am Koalitiounsprogramm gëtt, wann ee se mat der Politik vergläicht, déi Déi Gréng an d'CSV an de vergaangene Joren hei am Gemengerot gemaach hunn. Dofir gëtt et eng ganz Rei Beispiller. Ech wëll just un zwou Saachen erënneren, déi besonnesch krass sinn. Am Koalitiounsprogramm heescht et: „De vollstännegen Ëmstieg op erneierbar Energie gëtt ugestriift“. Ma den 28. März 2012 hunn Déi Gréng an d'CSV bei der Verleeung iwwert d'Stroumleitung, déi Kettenuewe mat Lëtzebuerg verbënnt, dofir gestëmmt. Erschwéierend ass do dozou komm, dass dee Bau duerch e geschützten Natura2000-Gebitt gefouert huet. Déi zweet Saach: Am Koalitiounsprogramm heescht et, kommunal Taxe fir eidelstoend Wunnenge géifen agefouert ginn, wann aner Moossnamen ouni Erfolge bleiwe géifen. Den 11. November 2015, et ass also nach net laang hier, hunn Déi Gréng an d'CSV hei am Ge-

mengerot géint eng Motioun vun der KPL gestëmmt, an där genau d'Aféierung vu kommunalen Taxen op Wunnengen, déi eidel stinn, gefouert gouf. Ech freeë mech natierlech, wann ech ka feststellen, dass elo e gewëssent Ëmdenke bei de Koalitiounsparteie kënnt, an dass se ufänken, dat ze verrieden, wat d'KPL viru Joren hei virgeschloen huet. Awer Pabeier ass gedëlleg. An als Verrieder vun der KPL wäert ech d'Aarbecht vun der Koalitioun net un hirem Programm, ma un hiren Dote miessen.

Als Verrieder vun der KPL wëll ech nëmme ganz kuerz widderhuelen, wat ech während der Diskussioun iwwert de Budget 2018 zum Schäfferotsprogramm gesot hunn. D'Prioritéit vun der KPL fanne sech net, oder nëmme zu engem ganz klengen Deel, an deem Programm erëm. Mir sinn der Meenung, dass de Schäfferotsprogramm den Erausforderungen, virun deene sech Déifferdeng gestallt gesäit, net gerecht gëtt. D'Schafe vun enger juristescher Informations- a Berodungsstell, déi allen Awunner gratis zur Verfügung steet, ass an deem Haushalt net dran, och an deem Koalitiounsprogramm net. D'Ofschaffung vun de Parkgebühren och net. Net berücksichtegt gëtt de Virschlag, beim Drénkwaasser 20 Liter pro Dag a pro Persoun gratis ze maachen. Keng vun deene während de vergaangene Joren duerchgefouert Privatiséierungen, Diffbus, Recyclingcenter, Schwämm a Fussballstadion, gi réckgänge gemaach. Dat ass awer eng vun den Haaptforderungen vun der KPL.

D'KPL begréisst eng Rei Initiativen am Wunnengsbau, wéi och d'Schafe vun engem kommunale Wunnengsdéngscht, fuerdert awer absolut Prioritéit fir de Bau vu bezuelbare Wunnengen, Mietwunnengen, vun deenen der 800 zu Déifferdeng feelen. Déi Mëttel, déi fir d'Bekämpfung fir d'Aarbechtslosegkeet an d'Aarmut bereet gestallt ginn, sinn an eisen Aen ze niddreg. D'KPL leent Taxenerhéijungen a Verbindung mat käschendeckende kommunalen Déngschtleschtungen of. Am Schäfferotsprogramm, am Budget 2018 sinn zwar keng virgesinn, awer no de Parlementswwahlen wäerte se mat Sécherheet kommen. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

2. Programme de coalition

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, ech soen Iech och Merci.

Här Diderich, w.e.gl., Dir hutt d'Wuert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Pardon, ech hu grad en technesche Problem hei, mä deen ass ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech kann och engem aneren d'Wuert ginn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Neen, neen. Et ass schonn erleedegt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wéi Der wëllt.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, fir e bësse Gedold. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, dës Diskussioun hei hätt in der Tat missen éischter stattfannen. Nichtsdestotrotz bleift se wichtig, well nach eng Rei Jore virun eis stinn. Et ass méi wéi ze hoffen, dass et soubal net méi dozou kënnt, dass een net virum éischte Budget dës Diskussioun iwwert de Koalitiounsaccord huert.

Ech ginn elo net op déi méi allgemeng Plattitüden an, déi ee par rapport zu esou engem Koalitiounsaccord scheinbar mécht, a gemaach gi sinn, zum Deel. Ech wëll just drop opmierksam maachen, dass hei verschidde Vertrieeder no méi konkrete richtungsweisende Projete froen, awer selwer der wéineg nennen an och bei Schlagwierder bleiwen, wéi mer se zum Deel am Koalitiounsaccord erëmfannen.

Ech denken, et ass och net de Moment, fir den eegene Wahlprogramm hei virzustellen, dee kann een ëmmer noliesen,

jiddefalls dee vun Déi Lénk. Dofir maachen ech dat nëmme stelleweis, do, wou ech Usätz aus dem Koalitiounsaccord kritiséieren oder einfach just als ze vag empfangen an Ureegung ginn, wéi ee se méi konkret kéint ugoen.

D'Aussoen, wou den Accord sech fir méi Informatioun an Transparenz ausschwätzt, sinn ze begrëssen, awer net konkret. Esou stelle sech, zum Beispill, Froen, ob d'Reglementer vun de Kommissiounen an dem Gemengerot selwer iwwerschafft ginn, sou dass den Zougang zu Informatiounen verbessert gëtt. A wa jo, a wéi engem Sënn? Heiriwwer gi keng konkret Usätz opgeléicht. Als Déi Lénk schloe mir vir, dass ëmmer, soubal ee Sujet fir en nächste Gemengerot komplett ass, wat d'Dokumenten ugeet, dës op d'Cloud gesat ginn, och wann den Ordre du jour eréischt 5 Deeg am Viraus fixéiert gëtt. Esou kann ee sech scho mat verschiddene Sujeten auserneetzen a sech besser op eng Gemengerotssëtzung virbereeden.

Och schloe mir vir, dass Déifferdeng als éischt Gemeng mat engem neien online Outil vun enger Start-up als Entreprise sociale soll experimentéieren, dee quasi wéi e permanente Wahlbüro funktionéiert, wou de Schafferot, respektiv de Gemengerot kéint Projeten zum Vote stellen, also zu engem berodende Vote, un all Bierger kéint erausginn an dann eng Indikatioun géif kréien, wéi d'Bierger e Projet géifen aviséieren, a wéi net.

All Informatiounen kéinten an esou engem online Espace disponibel gemaach gi fir all Bierger, dee sech do aschreift, dee wahlberechtigt ass, oder och fir déi, wou net wahlberechtigt sinn, wat mol ganz interessant wär, fir och drop hinzuschaffen, dass méi Leit un de Wahlen deelhuelen, well se einfach schonn thematesch an d'Diskussiounen abezu ginn. Dat wär do relativ schnell méiglech, ouni vill Opwand.

Eng laangjäreg Fuerderung géife mir an deem Sënn vu méi Transparenz gesinn, nämlech endlech e Conseil de recrutement, ähnlech wéi deen zu Esch, anzesetzen, fir dass d'Astellungspolitik méi transparent gëtt, an all Soupçon vu Rekrutement no Parteivirléiften ofgebaut gëtt, a fir dass virun allem Kritäre fixéiert ginn, wéi d'Astelle vum Sexe sous-représenté ass, wann d'Qualifikatioun déiselwecht ass. Dat wär ganz am

que le collège échevinal fasse machine arrière concernant les privatisations du Diffbus, du centre de recyclage, de la piscine et du stade de football.

Certes, le KPL salue des initiatives comme la construction d'appartements et la création d'un service du logement. Mais la construction d'un parc locatif abordable doit être une priorité absolue. Actuellement, il manque 800 appartements à louer. Par ailleurs, la majorité ne prévoit pas assez pour lutter contre le chômage et la pauvreté. Les communistes sont contraires à l'augmentation des taxes qui aura sans doute lieu après les élections législatives.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate qu'il a un problème technique.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) lui propose de céder la parole à quelqu'un d'autre.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répond que le problème semble résolu.

Il concorde avec le fait que ce débat aurait dû avoir lieu avant. Mais ce débat reste important, car le programme de coalition porte sur plusieurs années.

Gary Diderich ne va pas revenir sur les platitudes énoncées jusqu'à présent. Il semble clair que certains conseillers communaux réclament des projets plus concrets, mais ne proposent eux-mêmes que des formules toutes faites telles qu'on les retrouve dans l'accord de coalition. Gary Diderich ne pense pas non plus que les différents partis doivent présenter encore une fois leur programme électoral. Il se bornera à présenter les idées de déi Lénk là où il n'est pas d'accord avec le programme de coalition ou quand celui-ci est trop vague.

La majorité veut se montrer transparente. C'est bien. Mais encore faut-il qu'elle le fasse concrètement. Les règlements portant sur les commissions et le conseil communal doivent-ils être retravaillés pour que les informations circulent mieux? Gary Diderich propose que les documents portant sur un sujet à traiter au sein du conseil communal soient téléversés sur le «cloud» dès qu'ils sont disponibles, et ce, même si l'ordre du jour est fixé cinq jours

2. Programme de coalition

avant la séance. Il propose également que la commune utilise un outil en ligne lui permettant de soumettre des projets au vote des citoyens en permanence. Cela pourrait convaincre plus de gens à aller voter, car ils connaîtraient déjà les thématiques. Déi Lénk demande également la création d'un conseil du recrutement comme à Esch pour que les embauches se fassent en toute transparence. Cela permettrait aussi de veiller à l'égalité des chances entre hommes et femmes lors de recrutements, et ce, y compris à des postes atypiques.

Dans le domaine du logement, le programme est ambitieux. Une prise de conscience a eu lieu au cours des six dernières années. Gary Diderich rappelle que la commission du logement a remis un avis au collège échevinal il y a un an demandant l'investissement de cinq millions dans la création d'appartements sociaux à louer. Malheureusement, le programme n'est pas assez concret. Déi gréng et le CSV n'avancent aucun chiffre. Combien de logements communaux seront-ils construits et quand? Quand la nouvelle taxe sera-t-elle introduite? Qui jugera du succès des mesures?

Gary Diderich salue l'approche du «housing first» pour aider les sans-abris. Mais encore faut-il que la commune possède des logements. Le conseiller communal revient sur la motion qu'il a déposée il y a six mois sur base d'une circulaire du ministre de l'Intérieur. D'après cette circulaire, il faut mettre des logements à disposition à la fois des personnes dans le besoin et des BPI. Le programme parle de réfugiés. S'agit-il de demandeurs ou de bénéficiaires de protection internationale? Le collège échevinal est-il disposé à faire ce que la circulaire demande? La nouvelle coalition veut se montrer active dans le volet social. C'est une bonne chose. Malheureusement, de nombreux projets restent vagues.

Le domaine de la mobilité est traité, en revanche, de façon moins vague. Un service de la mobilité comprenant deux employés sera créé. Gary Diderich salue expressément cette mesure.

Pour ce qui est de l'école, la majorité compte-t-elle construire de nou-

Sënn vun enger Rei Ureegungen am Koalitiounsaccord, dass bei der Astellungspolitik soll drop gekuckt ginn, wéi eng Leit, also wéi eng Geschlechter, a wéi engem Beräich méi vertruete sinn, a wou se manner vertruete sinn, an da proaktiv virzegoen.

Am Beräich vum Logement fanne mir de Programm ganz ambitiéis. Dat freet eis besonnesch. Et weist, dass eng Prise de conscience geschitt ass an de leschte sechs Joer. Mir denken, dass mir och eise Bäitrag dozou gemaach hunn. Ech erënneren drun, dass d'Logementskommissioun scho virun engem Joer een unanimen Avis un de Schäfferot adressiert hat, fir zousätzlech 5 Milliounen Euro fir sozial Mietwunnengen a Gemengenhand ze investéieren. Dat heescht, et ass eng breet Majoritéit do, fir an déi Richtung ze goen. Natierlech geziilt a gesteiert, an net blann op eenzel Plaze konzentréiert.

Et feelt awer och hei erëm een Niveau vu Konkretiséierung. Do, wou mir an aner Parteie kloer chiffriert hunn, wéivill bis wéini misst kaaft a gebaut ginn, nennt de Koalitiounsaccord vun Déi Gréng an CSV keng eng Zuel. Wéivill eege Wunnenge solle bis wéini kommen? Wéini soll déi Tax kommen? Wee jugéiert, ob Moosnamen ouni Erfolleg bliwwen sinn oder net? Ass dat net elo schonn evident, no de leschte sechs, respektiv zwielef Joer?

D'Approche vum Housing first begréisst mir, fir d'Obdachlosegkeet ze bekämpfen. Mä déi wäert och just méiglech sinn, wann d'Gemeng Wunnraum an d'eegen Hand hält. An dat ass och kuerzfristeg méiglech. Ech weisen nach eng Kéier op déi Motioun hin, déi ech viru méi wéi engem hallwe Joer erabruucht hat, opgrond vun enger Circulaire vum Inneminister. Déi Circulaire viséiert zu gläichen Deeler Residenten, déi Urecht op sozial Mietwunnengen hunn, wéi Flüchtlingen, déi de Statut kritt hunn, also BPI. Dofir wollt ech froen, ob Dir am Punkt „Wir stellen Wohnmöglichkeiten zur Verfügung für die Aufnahme von Flüchtlingen“, dann elo DPI, also Demandeurs de protection internationale, mengt, oder BPI, also Bénéficiaires de protection internationale? Dat si jo ënnerschiddlech Wunnméiglechkeeten, déi een do géif ariichten. Dofir wollt ech déi Präzisioun froen.

Ass déi nei Koalitioun, als Schlussfolgerung, an deem Punkt bereet, sou schnell wéi méiglech um Wunnengsmarché unzelounen a weider ze verlounen, sou wéi dat an där Circulaire virgesinn ass? Wat relativ schnell kéint goen, well jo näischt muss gebaut ginn, a wou och keng negativ finanziell Repercussione fir d'Gemeng domatter verbonne wären.

Positiv fanne mir allgemeng, ouni elo an den Detail ze goen, dass am soziale Beräich d'Koalitioun ganz vill wëlles huet. Senioren, Kanner, Jonker, Chômeuren, Flüchtlingen, Persounen mat Behënnerungen, Integratioun an Inklusioun. Iwwerall hei soll vill gemaach ginn. Och wann een hei muss soen, dass viles nach vag bleift. Manner vag, an dorunner sollt ee sech e Beispill huele fir aner Beräicher, ass et an der Mobilitéit. Ee Service mobilité douce, dee mat zwee Leit soll ausgestatt ginn. Dat begréisst mir ausdrécklech, sou wéi och d'Vëlosweeër, d'Vël'Oken an de Carsharing.

Bei de Schoule wollt mir Präzisiounen froen, ob dat selbstänneg Sitë ginn, déi a méi iwwersiichtlecher Gréisst an de Quartiere solle geplangt ginn, oder ob dat Annexe vun den Zentrumsschoule solle ginn? E weidert Beispill vu vage Formuléierungen ass déi vum Dialog mat den Elteren. Ech denken, dee wëll jiddereen.

Sou wéi jiddereen eng besser Ëmwelt, manner Verkéier wëll. Dat sinn eben déi Schlagwierder, déi mer och haut erëm héieren, a wou ech ebe géif froen: „Ass de Koalitiounsaccord net d'Plaz, wou ee seet, wat een da selwer als Koalitioun konkret wëlles huet an deem Beräich?“ Och ass et vag, ze soen: „In Zusammenarbeit mit spezialisierten Strukturen bieten wir Dienstleistungen an, die Kinder im Krankheitsfall betreuen“. Wéi soll dat konkret ausgesinn? U sech ass et jo ze begréissten. Mä do kéint ee jo awer ganz konkret soen, dass een eng Zousatzkonventioun als Gemeng mam Service Krank Kanner doheem mécht, dass déi méi Personal hunn an doduerch méi oft kënnen aktiv ginn, wa se da gebraucht a geruff ginn.

Mir begréissten d'Ariichte vun Alarmvorrichtungen an de Schoulen, dass do am Fall vun engem Noutfall méi schnell a méi effikass ka kommunizéiert ginn. Ech mengen, dat ass néideg, an dat ass déi richteg Konsequenz aus deem Vir-

2. Programme de coalition

fall, dee mer haten, wat, Gott sei Dank, net esou seriö ginn ass, wéi et gefaart gi war.

Dass d'Verschwendung vu Liewensmëttel reduzéiert soll ginn, begrësse mir. Mir haten do eng Iddi an eisem Wahlprogramm entwéckelt, déi vun engem Restaurant solidaire, wou am Fong an deem Restaurant Liewensmëttel, déi nach gutt sinn, awer net méi verkaaft oder ausgedeelt kënne ginn, un de Mann bruecht ginn, déi kéinten an esou engem Restaurant ëmmer weiderverwärt ginn. Do kéint een och pädagogesch virgoen am Sënn, dass een do op eng Kiche spezialiséiert wär mat esou mann wéi méiglech Offäll, an och souguer Plaze kéint virgesinn, wou d'Leit selwer kéinte kache kommen. Well mir musse wëssen, dass mer eng Rei Wunnraim hunn hei zu Déifferdeng, wou Jonker oder manner Jonker wunnen, wou guer keng Kichen ass. Déi dann duebel bestrooft sinn. Dat heescht, déi fir hir eegen Ernährung fir e korrekte Präis net kënne selwer suergen. An esou e Restaurant solidaire kéint eng ganz konkret Initiativ sinn, fir déi zwou Saachen unze-goen.

Wat eis am Beräich vun de Kanner feelt, ass ee wierklecht Konzept fir eis Bierger a Visiteuren, dat soll ausgebaut an als Ganzes no bausse kommunizéiert ginn. Mir hunn dat an eisem Wahlprogramm ënnert dem Begrëff vun der Kannerstad ausgeschafft. Zum Beispill sinn do konkret Ureegungen dran, wéi zousätzlech Personal an der Technischoul an an der Naturschoul, fir dass déi positiv Initiativen och ausserhalb vun der Schoulzäit an ebe complémentaire zu aneren Offeren, wéi engem Science Center an esou, fir Visiteuren a fir d'Leit an der Fräizäit, fir d'Kanner kënnen opge-maach ginn.

Och eng Kachschoul, hu mir virgeschloen, anzeriichten. An eng Initiativ, déi mer hei am Koalitiounsaccord gesinn, déi schonn an eng ähnlech Richtung geet vun esou enger Kannerstad, ass déi, fir geziilt kulturell Veräiner a Kulturschaffender ze ënnerstëtzen, fir dass se Kanner a Jonker participativ abannen, wann et ëm Integratioun an intergenerationellen Austausch geet. Ganz gespaant si mer op d'konkret Ëmsetzung vun där doter gudder Intentioun, déi am Koalitiounsaccord steet.

Wat eis feelt, ass, dass bei de Spillplazen explizit steet, dass net nëmme méi op d'Quantitéit gesat gëtt, an zum Deel och op d'Sécherheet, mä och de spillpädagogeschen Aspekt verstärkt gëtt. Ze begrëssen ass, dass d'Kanner an Zukunft méi sollen abezu ginn. Mä och do ass et wichteg, dass dat professionell begleet gëtt. Well et seet ee schnell: „Mir wëllen eng schéi Spillplatz mat Piraten drop, oder Asterixen oder Prinzessinnen a Präzen“, mä u sech huet dat mam Spill selwer vum Kand relativ wéineg ze dinn. Dat gesäit schéin aus vu baussen, mä dat ass net do, wou d'Spill vum Kand sech am meeschten dorunner entwéckelt. Ech soe just als Beispill eng Spillsaach, de Kapla, einfach esou Stécker Holz. Do ass thematesch näischt drun, an d'Kanner kënnen hir Kreativitéit immens entwéckelen, well se einfach selwer der Saach eng Bedeitung kënne ginn, amplaz dass déi am Fong scho virgesat ginn ass.

Am Beräich vun der Energie wëll ech begrëssen, dass kloer drasteet, dass d'Wandenergie just zum Asaz kënnt, wann et keng negativ Konsequenzen huet. Ech wollt emol nofroen, wou mer do dru si mat deem Dossier.

Am „Wort“ stoung virun enger Rei Wochen, dass d'Ministesch Dieschbourg anscheinend gesot huet, dass si schonn e Retour ginn huet op d'Gemeng. Ech wollt froen, ob schonn eng Reaktioun op de Scoping komm ass. Oder ob dat iergendwéi falsch eriwwekkomm ass an der Zeitung, dass den Environnement schonn en Avis ofginn hätt.

Et ass ze begrëssen, dass d'Lichtverschmutzung endlech thematiséiert gëtt. Ma do sollt een, mengen ech, relativ schnell konkret ginn. Ech nennen e puer Beispiller. D'Stadhaus: Wéi laang muss dat owes beliicht sinn, a mat wéi enger Intensitéit? Oder den neie Centre commercial: et wär emol ze kucken, ob déi Luuchten do wierklech permanent, banné wéi baussen, musse liichten, dass d'ganzt Ëmfeld do héich beliicht ass.

Wat mir wierklech net kënnen ënnerstëtzen, ass den Asaz vun Iwwerwachungskameraen. Studien iwwert den Asaz vu Kameraen, zum Beispill, an der Stad, weisen, dass doduercher d'Problemer just verlagert ginn. Wann een op enger Platz eng Kamera hi setzt, ginn déi Aktivitéiten, déi ee vläicht net a senger

veaux établissements ou aménager des annexes à ceux existants?

La formulation portant sur le dialogue avec les parents d'élèves reste vague. Car tous les partis souhaitent davantage de dialogue, un meilleur environnement et moins de trafic. Ce sont des formules toutes faites. Le programme de coalition ne devrait-il pas être plus concret?

Gary Diderich salue l'installation de systèmes d'alarme dans les écoles pour pouvoir communiquer de façon plus efficace en cas d'urgence. Lutter contre le gaspillage alimentaire est une bonne chose. Dans son programme électoral, déi Lénk a proposé l'ouverture d'un restaurant solidaire où déposer des aliments encore frais, mais ne pouvant plus être vendus ou distribués. On pourrait même prévoir des locaux où les gens pourraient cuisiner. Car de nombreux logements pour jeunes ou seniors ne disposent pas de cuisine. Un restaurant solidaire permettrait de lutter contre ces deux problèmes.

Pour ce qui est enfants, il manque un concept. Déi Lénk parle de ville des enfants dans son programme électoral. Concrètement, Gary Diderich propose de renforcer l'équipe de l'école technique et de l'école nature afin de proposer en dehors des heures de cours des activités complémentaires au Science Center. Il suggère aussi la création d'une école de cuisine. Il approuve l'idée de soutenir les associations culturelles promouvant les échanges intergénérationnels. Il est impatient de voir comment le collège échevinal entend s'y prendre concrètement.

Gary Diderich regrette qu'en matière d'aires de jeux, la commune ne mise pas plus sur la qualité pédagogique. Que les enfants soient consultés est une bonne chose. Mais encore faut-il accompagner le tout professionnellement. Il est facile d'aménager une belle aire de jeux avec des pirates ou des princesses. Une aire de jeux Kapla, par exemple, est moins attractive, mais le fait que les enfants puissent assembler des morceaux de bois développe énormément leur créativité.

Pour ce qui est de l'énergie éolienne, il est important que son utilisation n'entraîne pas de conséquences négatives. Où en est le dossier? Dans

2. Programme de coalition

le «Wort», la ministre Dieschbourg déclarait récemment que le ministère de l'Environnement avait remis son avis à la commune.

Gary Diderich salue le fait que l'on parle enfin de la pollution lumineuse. À titre d'exemple, combien de temps, l'Aalt Stadhaus ou le centre commercial doivent-ils être illuminés le soir?

Déi Lénk est contraire à l'utilisation de caméras de surveillance. Des études ont montré que cela ne fait que déplacer les problèmes au lieu de les résoudre. Il vaudrait bien mieux recourir aux instruments légaux disponibles. Par exemple le comité de prévention communal, dont Gary Diderich n'a jamais entendu parler en six ans.

(Interruption)

Gary Diderich propose que ce comité soit composé de représentants de tous les partis. Il faut rechercher le dialogue régulier avec la police. En matière de sécurité, on parle toujours beaucoup, mais ce que l'on dit ne correspond pas toujours à la réalité. Et on a toujours l'impression que l'on est moins sûr aujourd'hui qu'hier. Mais pour en être certain, il faut analyser la situation et mener un vaste dialogue.

Il va être question de l'hôpital de Niederkorn. Les feedbacks sont positifs récemment. Que va-t-il se passer? Des perspectives s'ouvrent-elles grâce au sport? La clinique du dos reste-t-elle une piste actuelle?

Gary Diderich salue les efforts prévus dans les domaines du social, de l'écologie et de la mobilité douce. En revanche, les mesures portant sur le logement et la lutte contre le chômage doivent être plus concrètes. Par ailleurs, déi Lénk ne soutient pas la privatisation de la piscine, du Diffbus et d'autres services ou l'augmentation des taxes. Le programme de coalition parle du principe du pollueur payeur, mais Gary Diderich craint que l'on fasse plus allusion aux particuliers qu'aux entreprises. Il cite l'exemple de la décharge. Si la commune y appliquait le principe du pollueur payeur, la facture serait salée pour l'entreprise en question.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
souhaite revenir sur certains points.

Gemeng wëll gesinn, op eng aner Plaz. Erreecht huet een domatter selte vill. Wat d'Sécherheet ugeet, wär et méi wichteg, emol déi legal virgesinnen Instrumenter méi ze notzen. Zum Beispill, de Comité de prévention communal, dee per Règlement grand-ducal virgesinn ass. Vun deem hunn ech a sechs Joer Gemengerot nach ni eppes héieren.

(Ënnerbriechung)

Ech denken, et wär wichteg, dass do Verrieder vun alle Parteie géife genannt ginn, an dass ee regelméisseg am Dialog mat der Police eng Analys kéint maache vun der Sécherheet zu Déifferdeng, a wou Mesuren ausgelotst géife ginn. Oft ass et am Beräich Sécherheet esou, dass geschwat gëtt, an dass dat, wat esou geschwat gëtt, net onbedéngt ëmmer mat der Realitéit iwwerteneestëmmt. An een ëmmer d'Gefill huet, dass et méi onsécher haut ass wéi gëschter. Wat, in der Tat, net onbedéngt ëmmer de Fall ass. Et kann awer de Fall sinn. An ech denken, dofir sinn Analysen an eng sachlech Diskussioun ganz wichteg an deem Beräich.

Weider soll d'Zukunft vum Nidderkuerer Spidol debattéiert ginn. Dat fanne mir ganz wichteg. Mir kréien do an de leschte Jore positiv Réckmeldungen iwwert eist Spidol, wou een, wéi soss nëierens, esou schnell Rendez-vous fir den IRM kritt, a wou d'Proximitéit an d'Aarbecht, déi geleescht gëtt vu ville Leit, begréisst gëtt. Wéi geet et elo domatter weider? Wéi eng Piste gëtt et momentan? Maache sech do nei Perspektiven op, duerch den Ausbau vum Volet Sport zu Déifferdeng, mat der Sportsstad, mat der Uni, mam Sportslabo oder dem Liichtathletikstadion? Ass d'Clinique du dos och nach ëmmer eng aktuell Pist? Et wär interessant, ze wëssen, wéi déi Debatt soll gefouert ginn, a wéi eng Richtung et do geet, a wéi de Gemengerot an d'Leit doranner kéinten abezu ginn.

Ofschléissend begréisst mir déi Politik, déi verstärkt an d'Richtung vu sozialen an ökologeschen Erausforderunge geet. Och wann een domatter manner grouss Aushängeprojekter kann aweien. Mobilité douce, zum Beispill, ass eng laangfristeg Weichstellung, wa se konsequent ugaange gëtt. Och wann et manner spektakulär ass, wéi eng Strooss oder e Parking opzemaachen.

An de Beräicher Wunnen a Chômage sinn awer nach vill méi konkret Mesuren néideg, fir dass déi Richtung vill méi kloer gëtt, an een do wierklech Faarf bekennt. Och an de Beräicher Privatisierung vun eise Servicer, wéi d'Schwämm, de Citybus, also den Diffbus an eise Fall, respektiv, wann et drëm geet, de käschendeckende Prinzip vun den Taxen ëmzesetzen: do gesi mir an deem Koalitiounsaccord keng Iwwerteneestëmmung mat eiser programmatescher Basis.

Et gëtt am Koalitiounsaccord vum Principe pollueur-payeur geschwat. Ech fäerten, dass deen awer méi d'Privathaushalter viséiert wéi d'Industrie. De Fall, dee mer hei haten a puncto Deponie, vun deem elo erëm vill manner geschwat gëtt, wou nach ëmmer all Dag Saachen do asickeren an eist Grondwaasser: wa mer do emol richteg vum Principe pollueur-payeur géife schwätzen, géif d'Rechnung relativ deier gi fir dee Betrib, deen do am Fall ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich.

Madame Brassel-Rausch Christiane, Dir hutt d'Wuert.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Damen an Dir Hären, erlaabt mer, zu e puer Punkte vun deem Koalitiounsprogramm Stellung ze huelen. Ech stelle fest, dass d'Kontinuitéit e Leitmotiv ass a bleift an deem Koalitiounsvertrag.

Dat gëllt besonnesch, wat d'Schoulen an d'Structures d'accueillir ugeet. An da kommen ech erëm op dat zeréck, wat ech schonn eng Kéier gesot hunn: "Fir iwwerhaupt Chancëgläichheet ëmzesetzen an all Kand matzehuelen, ass et wichteg – an do soen ech ganz sécher näischt Neies –, de Kanner Raum ze ginn, wou se sech kënnen an dierfen entwéckelen." Op deem Wee ass Déifferdeng schonn zanter e puer Joer ënnerwee. D'Schafung vun den neie Quartiersschoulen an de Maisons relais steet an deem Koalitiounsprogramm

2. Programme de coalition

un ieweschter Stell. Dat ass de Moien och schonn e puermol erwähnt ginn.

Genau sou wichteg ass, dass d'Zesummenaarbecht vun de Schoulen an de Structures d'accueilen nach weider verdéift gëtt, do, wou de Besoin ass, verbessert soll ginn, an am Sënn vum Wuel vun de Kanner, a vun alle Kanner, ganz grouss geschriwwen gëtt. D'Inklusioun ass ganz wichteg an deem Schoulprojet. Si huet eng Prioritéit an deem Koalitiounsprogramm, wou dann och responsabel Leit sollen agestallt ginn, wa se pädagogesch gebraucht ginn, an natierlech och Säll zur Verfügung gestallt ginn, fir déi Inklusioun richteg kënnen ëmzesetzen.

Et ass unerkannt, dass ganz grouss Efforte gemaach ginn, fir d'Zesummenaarbecht vu Schoul, Maisons relais an deene verschiddene Lokaler, Veräiner, sief et kulturell wéi sportlech, ze erméiglechen. Mä do besteet einfach nach Verbesserungsbedarf. An dorunner schaffen déi Responsabel. Dat huet vill mat Organisatioun ze dinn. Mir wëssen dat. De Wëlle vun de Koalitiounspartner ass op jidde Fall do.

All Schoul soll d'Méiglechkeet kréien, sech esou ze entwéckelen, wéi et fir si gutt a wichteg ass, am Sënn vun der Inklusioun, der Differenzéierung an der Zesummenaarbecht. Ganz konkret gëtt et do, zum Beispill, d'Offer vun der Bëschcrèche an der Bëschschoul. D'Maison relais Kannerbongert ass och schonn ugeschwat ginn. Ofwaarden, wat bréngt et? Si ass ganz nei. Mir sollen eis d'Méiglechkeet ginn, wann et e Succès ass – an ech mengen, d'Demande ass do –, fir se weider auszubauen.

Gesicht gëtt, an Zesummenaarbecht mat der Péitenger Gemeng – ech mengen, dat ass e Problem, dee laang schonn hei um Ordre du jour steet –, no der Léisung vum berühmte Schwammen. Ech mengen, do sinn déi Responsabel wierklech gewëllt, eng Léisung ze fannen, mat der Péitenger Gemeng. Well et dierf kee Schwammunterrecht méi ausfallen. Sport an de Schoulen ass wichteg a gëtt, an Zäite vun Tablet, Smartphone, Televisioun a wat et an Zukunft nach esou wäert ginn, ëmmer méi wichteg. Dofir läit eis vill drun, do wierklech eng Léisung ze fannen.

Wichtig ass de séchere Schoulwee, d'Beleichte vun de Foussgängersträifen, virun allem déi, wou d'Kanner driwwer mussen goen. Et ass scho gesot ginn, dass dat eng Prioritéit ass. Wichtig ass richteg Iessen, op d'mannst an der Schoul an an de Kantinnen. Regional a Bioproduiten. A wichteg ass och – ech mengen, als Gréng dierf een dat soen –, d'Wichtigkeet vun der Natur am Léierprogramm ze ënnersträichen, fir d'Kanner vum Tablet eraus an d'Natur ze kréien.

Dat ass ee Punkt. Een anere Punkt, ganz kuerz ugeschwat, ass d'Kultur. Ech war nach ëmmer der Meenung, bleiwen et a sinn et, dass d'Kultur en absolut wichtigen Integrationsfaktor an eiser Gesellschaft ass. Kultur ass meeschtens net rentabel, dat muss een einfach esou soen, am Sënn vu Suen, mä Kultur mécht awer Dieren op. Kultur mécht Dieren op an de Käpp, an de Gefiller an an den eenzelne Perséinlechkeeten. Dofir ass et eis immens wichteg, Kultur fir jiddereen, wa méiglech, hei zu Déifferdeng unzebidden. Ech mengen, dat ass amgaangen. A ganz wichteg ass, ze ënnersträichen, Kanner a Jonker mat an d'Kulturrevenementen a virun allem d'Kulturaktivitéiten anzebeziehen. Mir kënnen ganz vill riichtbéien, wa mer jonke Leit de Wee an d'Kultur weisen. Wat et och ëmmer ass, ob et Musek ass, Theater, egal, wat et ass. Mä dass se sech einfach mat der Kultur kënnen auserneesetzen.

E wichtige Punkt ass den Archivage digital. Deen ass, genau esou wéi d'Mobilitéé douce, net ganz spektakulär. Et huet keen direkt eppes dovunner. Mä ech denken, dass d'Archiver en enorme Wäert hu fir d'Identitéit vun enger Gemeng a vun enger Stad.

Mir verstinn eis Zäit, jidderee versteet seng Zäit, awer et geet jo drëm, dass déi nächst Generatiounen och capabel sinn, nozevollzéien, wat mol iergendwann eng Kéier geschitt war, fir dass et do ukomm ass, wou si da wäerte sinn. Dofir ass et immens wichteg, an deem Archivage digital ze investéieren. D'Spréchwuert seet jo och: „Wee seng Vergaangenheet net kennt, ass net fäeg, seng Zukunft ze gestalten“. An deem Sënn ass dee Projet wichteg.

Genau esou wichteg ass de Minettpark, Parc industriel naturel et ferroviaire, well do jo och soll eng Plaz geschafe ginn, wou d'Geschicht vun der Eisenin-

Elle constate que la continuité est un leitmotiv du programme. Cela est particulièrement vrai pour les écoles et les structures d'accueil. Afin de garantir l'égalité des chances à tous les enfants, il faut leur octroyer des espaces dans lesquels ils peuvent se développer. C'est pourquoi le programme de coalition accorde une place de choix à la construction d'écoles de quartier et de maisons relais. Parallèlement, la collaboration entre les écoles et les structures d'accueil va être approfondie et améliorée. L'inclusion joue un rôle essentiel. Il faut recruter du personnel et lui mettre des locaux à disposition.

Des efforts en vue d'une meilleure collaboration entre les écoles, les maisons relais et les associations culturelles et sportives sont faits. Mais il reste du pain sur la planche en matière d'organisation. Mais la volonté d'y parvenir est là.

Christiane Brassel-Rausch mentionne ensuite la crèche et l'école en forêt ainsi que la maison relais du Kannerbongert. Il faudra voir ce que ces établissements apportent. Si le succès est au rendez-vous, il faudra développer l'offre.

Ensemble avec la commune de Pétange, la Ville de Differdange cherche des solutions pour ce qui est des cours de natation. Il faut éviter à tout prix que ceux-ci ne soient annulés.

Le sport scolaire est particulièrement important à l'époque des tablettes, des téléphones intelligents et de la télévision.

Pour ce qui est du «séchere Schoulwee», il est essentiel d'éclairer les passages pour piétons.

Dans les cantines scolaires, il faut privilégier les produits biologiques et régionaux. Les programmes scolaires doivent mettre en avant la nature.

Christiane Brassel-Rausch passe à la culture, qui est pour elle un facteur d'intégration important. Certes, la culture n'est généralement pas rentable, mais elle ouvre les barrières mentales. Differdange doit donc proposer une culture pour tous. Les jeunes doivent notamment être inclus dans les événements et les activités culturelles.

Les archives sont importantes pour l'identité d'une ville. Les généra-

2. Programme de coalition

tions futures doivent pouvoir comprendre ce qui s'est passé avant eux. Dans un contexte similaire, le Minnettpark permet aux visiteurs de découvrir l'histoire de l'industrie du fer. C'est de là que vient la richesse de Differdange. Les Differdangeois sont là où ils sont parce que d'autres avant eux ont travaillé dans l'industrie de l'acier. Bien sûr, il faut aller de l'avant, mais dans le respect du passé.

La Ville de Differdange est très engagée dans le volet social. Bien entendu, on peut toujours faire mieux. Mais Christiane Brassel-Rausch ne veut pas oublier tout ce qui a déjà été fait et ce qui est nouveau. Elle regarde ce qu'a réalisé la majorité précédente et ce qui figure dans le programme de coalition. Elle mentionne les projets Bébé Plus et Senior Plus, l'épicerie sociale, l'agence immobilière sociale du Kordall, la maison des conflits, le projet du «streetworking», «housing first», le point-conseil pour les toxicomanes, l'aide aux réfugiés...

Comme l'a souligné M. Diderich, le logement reste un grand problème. Il faudra réfléchir aux moyens de le résoudre. La majorité et l'opposition doivent chercher ensemble des solutions pour le bien de Differdange.

Parmi les nouveaux projets tenant à cœur à Christiane Brassel-Rausch figurent les magasins de seconde main, les «repair cafés», etc. Elle signale qu'en Allemagne, on peut louer des vêtements — une façon de lutter contre la folie de la consommation. De tels magasins, s'ils ouvriraient dans le centre-ville, proposeraient des produits et services qu'on ne trouve pas dans les supermarchés. Grâce à la collaboration de tous, il devrait être possible de trouver une solution acceptable.

Christiane Brassel-Rausch en profite pour remercier les bénévoles. Le bénévolat doit être soutenu. Le Mérite sociétal est important, mais il ne faut pas oublier de remercier les bénévoles personnellement.

Differdange est une commune ouverte, accessible et simple. Pour Christiane Brassel-Rausch, ces mots permettent de résumer la façon dont les partis de la coalition voient la commune. La Ville de Differdange doit aller de l'avant. Elle ne

dustrie soll erzielt ginn an zougängelech ginn, souwuel fir d'Visiteuren, wéi fir déi jonk Generatiounen an déi, déi komme wäerten, déi dat net méi kennen. Mir wëssen nach alleguer, wann d'Portal, wann d'Stroosse gespaart waren, well Dausende vun Aarbechter do mam Vëlo oder mam Moto oder ze Fouss erauskomm sinn. Iergendwann ass dat net méi zougängelech, an da muss een de Leit d'Méiglechkeet ginn, dat kënnen nozevollzéien. Well eise Räichtum kënnt doduerch. Mir sinn elo hei, wou mer sinn, a mir kënnen doriwwer schwätzen, wouriwwer mer schwätzen, well et iergendwann eng Kéier Leit gi sinn, déi an der Stolindustrie geschafft hunn. Natierlech sinn d'Zäiten elo aner. A mir müssen an d'Zukunft kucken. Ech soen dat och herno nach eng Kéier. Mir müssen eis och der Zäit upassen, mä et geet och drëm, d'Vergaangenheet ze respektéieren.

Wat de soziale Volet an der Gemeng ugeet, an d'Engagement an d'Hëllef, ech mengen, déi sinn evident, a si sinn och net ze iwwersinn. Um soziale Plang ass d'Stad Déifferdeng immens engagéiert. Ech weess, et geet nach net duer. Et kann een ëmmer méi maachen. Mä ech wëll awer doriwwer eraus net vergiesen a soen, wat schonn alles gemaach ginn ass, wat an d'Weer geleet ginn ass, wat soll weider ausgebaut ginn, a wat nei ugebuede gëtt.

Mir müssen och emol kucken, wat gutt gemaach ginn ass, souwuel an deene vieregte Koalitiounsperiode wéi elo, wat am neie Koalitiounsprogramm steet. Do ass, zum Beispill, de Bébé Plus, de Projet Senior Plus, dee soll weider ausgebaut ginn a feste Bestanddeel soll sinn. Mir hunn eng Epicerie sociale, d'Agence Immobilière Sociale Kordall ass e grouse Succès, dat gesi mer alleguer, an déi soll och weider ausgebaut ginn. Mir hunn eng Maison des conflits, déi eng weider Tâche kritt huet mat der Médiation socio-culturelle. Mir wëllen e Projet mat de Streetworker ausschaffen. Housing first, Berodungs- an Ulafstell fir Drogekranker gëtt et och hei an der Gemeng. An ech denken, d'Flüchtlinge wäerte weiderhin nach op d'Hëllef vun der Gemeng Déifferdeng ziele kënnen.

De Problem ass just d'Wunnen. Déi Fro ass och schonn hei gestallt ginn, mengen ech, vum Här Diderich. D'Wunnen ass en allgemenge Problem. Mir musse just

kucken, wéi mer dee geléist kréien. Dofir sëtze mer hei alleguer zesummen – ech denken och un d'Oppositoun –, fir Léisungen ze fannen, déi eiser Gemeng gutt dinn.

Et gëtt awer och nei Projeten, déi mir um Häerz leien. Dat sinn esou Initiative wéi Secondhand-Shope mat Repaircafé, mat enger circulaire Economie. Et kéint een och vläicht, firwat net – an Däitschland gëtt et dat –, Kleeder verlounen, fir vun deem Wahnsinnskonsum erofzekommen. All déi Saache wäeren eng Méiglechkeet, am Stadzentrum unzebidden, déi et net an anere grouse Supermarché gëtt, fir elo keen Numm ze soen. Ech denken, do si mir ganz motivéiert, a mat Ärer Hëllef brénge mer vläicht eppes Uerdentlechtes op d'Been.

An deem Zesammenhang läit et mer wierklech um Häerz, all deene Leit, déi fräiwëlleg hëllefen, Merci ze soen. Ech mengen, am Koalitiounsprogramm steet jo och, dass déi Leit weider solle méi encouragéiert ginn. Mat deem Mérite sociétal, ech weess net, en ass wichteg, mä ech mengen, et ass och wichteg, dass déi Leit einfach un hirer eegener Persoun d'Unerkennung erfueren an de Merci kréien, dee se verdéngt hunn.

Uff, de leschte Punkt, well mir hunn elo alleguer scho laang geschwat: do wëll ech einfach soen: „Déifferdeng ass eng oppe Gemeng“. Déifferdeng ass eng zougängelech Gemeng. Déifferdeng wëll eng onkomplizéiert Gemeng ginn. Esou géif ech an e puer Wieder zesumme faassen, wat d'Koalitiounsparteie sech op de Fändel geschriwwen hunn.

Dat heescht, och wann ech elo vun der aler Industrie geschwat hunn, wëll Déifferdeng mat der Zäit virugoen. Mir kënnen eis iwwerhaupt guer net méi erlaben, stoen ze bleiwen. Et geet einfach alles méi séier. Dofir, mengen ech, si ganz vill Wieder wéi Vereinfachung, Ergänzungen a Verännerungen, virun allem um digitale Wee. Do dierfe mer net stoe bleiwen.

De Wëllen ass do. Ech erwähnen d'Diffapp, déi gratis ass. Et muss ee se just nach méi populär maachen. Dat heescht, de Leit soen, dass et se gëtt, dass se drop zeréckgräife kënnen. Et sinn Informatiounspanseue virgesinn, wou een Informatioun kritt. Informatioun ass souwisou den Haaptbegrëff

2. Programme de coalition

vun der ganzer Well, wou mer elo am Moment dra sinn.

D'Leit, eis Bierger sollen iwwert den Internet méi en einfachen Zoutrëtt zu de Gemenge kréien, iwwert den digitale Reider, iwwert déi vereinfacht administrativ Prozedur. Dat Ganzt ass jo am Sënn, fir den Dialog mam Bierger opzebauen. Deen Dialog ass wichteg. Deen hate mer schonn an de Biergerversammlungen. Dee kréie mer, mengen ech, an dëser Legislaturperiod ganz sécher mat esou wichtege Projete wéi PAG, wou d'Leit mussen mat agebonne ginn, wou se mussen kënne hir Meenung soen, a wou mir hinnen och mussen nolauschteren. Ech mengen, dat deet der ganzer Gemeng gutt. A firwat net och, wéi den Här Tempels gesot huet, d'Leit froen, wat mer mam Lommelshaff kënne maachen.

Als Beispill kann ech nach soen: „D'Kommissioun ginn op fir d'Leit, déi wëllen, an déi interesséiert sinn, drun deelzehuelen“. Mir wëllen alleguer eng Gemeng am Dénkscht vum Bierger sinn. An deem Sënn schafft d'Gemeng u sech selwer. Dat heescht, d'Personal wäert encouragéiert ginn, weider Formatiounen, d'Formation continue ze encouragéieren. Wéi gesot, den administrative Prozess soll vereinfacht ginn.

An da gëtt et esou Wieder wéi Teambuilding, well et wichteg ass. Wann et hei uwen an der Gemeng gutt funktionéiert, geet et och no baussen ouni Problem.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madame Christiane Brassel-Rausch.

An den Här Bertinelli freet d'Wuert.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kollegeinnen, léif Kollegen, ech wëll mech haut just op de Sport konzentrieren, well meng Kollegen iwwer Verkéier a Sécherheet wäerte schwätzen. Dofir leeën ech mäin Haaptwuert op de Sport.

Eise Fraktiounssprecher ass en long et en large op de Koalitiounsprogramm agaangen. Ech wëll och soen, wat elo vu verschiddene Säiten hei e bëssen eriwierkomm ass, wat ech net mengen: de Koalitiounsprogramm soll e Programm si fir fënnf Joer, net nëmme fir de Budget 2018. Ech mengen, hei seet den neie Schäfferot d'Politik aus, wat se déi nächst fënnf Joer wëlle maachen, a wou se d'Richtung hierstellen, an net nëmme, wat am Budget 2018 drasteet. Duerfir mengen ech, datt een dat eent oder dat anert muss vläicht e bësse méi kritesch, an dat eent vläicht muss anescht kucken.

Wat de Sport an deem Koalitiounsvertrag ugeet, muss ech soen, datt ech en gros mat den Infrastrukturen zefridde sinn, well an deene leschte Joren enorm vill doru geschafft ginn ass. An ech sinn och frou, datt Déifferdeng erëm Courage huet.

Virun ass vun de 60er, 70er Jore geschwat ginn. Déifferdeng war déi éischt Gemeng am Land, déi eng Sportshal hat, wou praktesch all national an international sportlech a kulturell Bewegungen zu Déifferdeng waren, well esou eppes zu Déifferdeng stoung. Esou eng Sportshal stoung soss néierens. Do hat de Schäfferot deemools scho Courage bewisen, well et esou eppes néierens am Land gouf.

Ech fuerderen den neie Schäfferot op, dee Courage och ze hunn. Ech hat a menger Ried zum Budget gesot, datt ee soll Courage hunn, well ech mengen, datt Déifferdeng endlech um nationale Sportskalenner opgetratt ass wéi déi Grouss. Wéi ech gesot hunn: d'Coque, de Sportslycée, den INS an Déifferdeng ginn an engem Wuert genannt, wann iwwer Sport zu Lëtzebuerg geschwat gëtt. Mir haten duerch d'Aarbecht vum viregte Schäfferot, mä och munchmol duerch aner Leit zougedroe kritt, datt mer d'Chance haten, fir eng Sportsuni op Déifferdeng ze kréien, datt mer e Labo de Moment zu Déifferdeng hunn. Dat ass enorm ausbaufäeg. Dat gesäit een och, et ass schonn hei gefall.

D'Spidol: do gëtt et Interêt, fir och am Sportsmilieu Saachen ze integréieren, wat herno kéint eng Aufgab fir dat Spidol ginn, wann dat neit Spidol zu Esch sollt a Funktioun trieden. Op jidde Fall ass den Interêt vu ville Säiten do. An et

peut pas se permettre de stagner. Dans ce contexte, Christiane Brassel-Rausch mentionne l'application mobile de la commune, qui est gratuite. Des panneaux d'information seront installés. Internet doit permettre de faciliter les procédures administratives et le dialogue avec les citoyens. Les citoyens devront de toute façon participer à des projets aussi importants que le nouveau PAG. Ils pourront donner leur avis et la commune devra les écouter. Comme l'a dit M. Tempels, on pourrait demander l'avis des habitants quant au Lommelshaff.

Les commissions consultatives vont s'ouvrir aux personnes intéressées. La commune doit être au service des citoyens. Dans ce contexte, il faut encourager la formation continue des employés et fonctionnaires. Le renforcement d'équipe est lui aussi important, car si les choses fonctionnent comme prévu à la mairie, il y aura moins de problèmes à l'extérieur.

FRED BERTINELLI (LSAP) souhaite commenter uniquement le volet sportif, car ses collègues socialistes ont abordé la circulation et la sécurité.

Le porte-parole du LSAP a analysé en détail le programme de coalition. Celui-ci porte sur cinq ans et ne constitue donc pas la même chose que le budget 2018. Il définit ce que le nouveau collègue échevinal compte faire au cours des prochaines années. Il doit donc être analysé d'une manière différente que le budget.

En matière de sport, Fred Bertinelli se dit satisfait des infrastructures prévues. Il rappelle l'énorme travail réalisé au cours des dernières années. Differdange a montré qu'elle avait du courage. Elle a été la première commune du pays à disposer d'un centre sportif pouvant accueillir tous les mouvements sportifs et culturels nationaux et internationaux. Il n'existait pas de centre sportif comparable ailleurs.

Fred Bertinelli exhorte le nouveau collègue échevinal à voir le même courage. Aujourd'hui, la Coque, le lycée sportif, l'INS et Differdange peuvent figurer dans une même phrase. Differdange dispose d'une université du sport et d'un labora-

2. Programme de coalition

toire du sport. Ces structures ont un énorme potentiel. Pour ce qui est de l'hôpital, il pourrait intégrer des missions liées au milieu sportif. Les socialistes se réjouissent du fait que ces efforts soient poursuivis.

Le sport a aussi une énorme valeur économique. Il a, en effet, permis de créer des infrastructures, des entreprises et des emplois. En plus, si les écoles et les lycées pratiquent beaucoup de sport à Differdange, cela attirera aussi des centres de fitness et des magasins de sport.

Pour ce qui est du sport scolaire, le programme de coalition prévoit que les cours de sport auront lieu dans les établissements scolaires pour éviter de devoir transporter les enfants en bus. Or Fred Bertinelli croit avoir compris que les cours de natation auront lieu dans une commune voisine — en l'occurrence Pétange.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

parlait d'une solution commune avec la commune de Pétange en ce qui concerne les maîtres nageurs. (Discussions)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

interrompt Mme Brassel-Rausch. Elle lui est très sympathique, mais il lui fait remarquer qu'il ne lui a pas donné la parole.

FRED BERTINELLI (LSAP) répond que ce n'est pas grave.

Il espère qu'un second bassin d'apprentissage sera aménagé à Differdange. Il demande à ce qu'il soit géré par la commune et non par un acteur privé. Actuellement, il n'y a pas assez de bassins pour les écoles et quand on sait combien d'écoles vont encore ouvrir dans la ville, la situation ne va pas s'améliorer.

Fred Bertinelli exhorte le collègue échevin à signer une convention avec le ministère de l'Éducation nationale pour que les infrastructures sportives dans les écoles puissent être utilisées par les associations locales lorsqu'il n'y a pas cours. Il sait que ce n'est pas toujours facile et rappelle les problèmes rencontrés au Jenker lorsqu'il a fallu ouvrir la salle de sport le soir pour les clubs. Beaucoup a été fait au cours des dernières années, mais il reste du pain sur la planche en matière de

freet eis natierlech fir esou e Gebai an och, datt et an déi dote Richtung weitergeet.

Da menge mer och, datt de Sport zu Déifferdeng eng ekonomesch Valeur hu et, déi enorm ass, well mir gesi jo, an deene leschte Joren, wat un Infrastrukturen, wat u Betriber, wat un Aarbechtsplaze geschaaft ginn ass, iwwert de Wee vum Sport. An deen ass nach enorm ausbaufäeg. Mir wëssen, datt, wa vill Sport gemaach gëtt mat deene Schoulen, Lycéeën, déi an d'Gemeng Déifferdeng kommen, dat aner Leit aus der Ekonomie unzitt, wéi e Fitnesszenter, wéi Sportsgeschäfter an esou weider. Ech hoffen, datt de Schäfferot weider un deene Relatiounen schafft, fir datt dat zu Déifferdeng geschitt.

Am Koalitiounsprogramm steet, datt, wat d'Schoul ubelaangt, souwäit et méiglech ass, probéiert gëtt, net mat de Kanner mat Busser ronderëm eis Gemeng ze fueren, mä dass se op de Sitë selwer kënnen turnen oder schwammen. Elo grad hu mer just héieren, datt dat mam Schwammen nach net esou ass, datt mer dann héchstwahrscheinlech an d'Nopeschgemenge musse fueren, fir mat de Kanner schwammen ze goen. Mä effektiv ass et e grouse Problem. Mat Péiteng hat Der gesot, ne? Schwamme mat Péiteng

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Fir eng Léisung ze fannen, dass se hei ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Jo.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

... kënnen schwamme mat der Gemeng Péiteng, mat der Hëllef vun der Gemeng, fir méi Schwammmeeschteren ze kréien.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir sidd mer jo ganz sympathesch. Mä hei ass eng Uerdnung. An et freet een d'Wuert. An Dir hätt et och net kritt. Dir kritt et ganz gär duerno.

Här Bertinelli, fuert Dir weider.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass awer net schlëmm. Wéi gesot, hoffe mer, datt mer et fäerdeg bréngen, fir en zweete Baseng, e Léierbaseng op Déifferdeng ze kréien. D'LSAP hält drop, datt dat e Baseng ass, dee vun der Gemeng soll geréiert sinn an net iwwert e privaten Akteur soll funktionnéieren. Mir fannen et séier wichteg, an et gesäit ee mat de Schoulen, wéi knapp et ass. A wann ee weess, wat fir eng Schoulen nach op eis duerkommen, de Lycée international, weess een, datt et do ganz enk gëtt.

Ech ruffen de Schäfferot op, esou schnell wéi méiglech vläicht eng Konventioun mam Schoulministère ze maache fir all déi Gebaier, déi mer elo kréien, a wou mir jo gewisen hunn als Gemeng Déifferdeng, datt mer Initiativ weisen an zum groussen Deel ënnert eiser Regie gebaut hunn, datt mer en Accord mam Stat hunn, datt all déi Sportsraim owes, wa keng Schoul ass, vun eise Sportsveräiner kënnen genotzt ginn. Mir wëssen, datt dat net ëmmer esou einfach ass. Ech wëll do nëmmen un de Jenker denken, wou mer laang vill Problemer haten, wou mer vill hu missen diskutéieren, fir dee Sall nuets opzekeréien, fir déi sëllege Veräiner, déi Trainingsplaze sichen an eiser Gemeng, ënnerdaach ze kréien.

Wéi gesot, an deene leschte Joren ass ganz vill geschitt. Mä den Haaptakzent musse mer setzen op de Schoulsport an an eis Structures d'accueilen. Mir musse et endlech fäerdeg bréngen, fir déi Strukturen opzekeréien, fir zesumme mat eise Veräiner, mat Spezialisten a Medeziner ze kucken, fir endlech e System ze fannen, deen drobar ass, fir dass d'Kanner kënnen Sport maachen.

Mir wësse jo alleguerten, datt mer munchmol e bëssen d'Initiativ vun den Eltere mussen iwwerhuele fir d'Gesond-

2. Programme de coalition

heet vun de Kanner, datt se Sport oder Kultur kënnen maachen. Et ass vill ugeduecht, mä nach näischt esou richtig konkret. Ech maachen en Opruff un de Schafferot, fir a ganz kuerzer Zäit, well do d'Zäit och knapp ass, ze kucken, fir e System ze fannen, vläicht och an engem Pilotprojet. Et gött der jo e puer am Land, déi funktionéieren.

Mir haten der och schonn e puer ausprobiert. Mä esou ganz richtig eppes, wat funktionéiert huet, well do och wierklech d'Gemeng sech nach méi muss involvéieren, wat den Transport ugeet, a wat d'Kontrakter mat de Veräiner ugeet, fir déi Kanner dann opzehuelen. An och ass et zum groussen Deel eng Fro vu Sécuritéit, vu Sécherheet vun de Kanner. Mä ech mengen, datt dat awer nach ëmmer manner schlëmm ass, wéi wann een d'Kanner a Strukturé léisst, wou se kee Sport oder keng Kultur maache kënnen. Ech mengen, datt dat e ganz wesentleche Punkt ass an deenen nächste fënnef Joer, wat do muss geschéien.

De Schwammsport hat ech ugeschwat. Mir als LSAP froen en zweete Baseng. De Léierbaseng zu Nidderkuer hu mer verluer. Deen hat net méi der Zäit entsprach. Et stëmmt, dass deen um Enn war. Et war wierklech net vu Muttwëll, datt deen ewechgeholl ginn ass. Alleng scho wéinst der Schoulinfrastruktur zu Nidderkuer, déi dee Raum gebraucht huet. Mä et ass awer batter néideg, datt an enger Gemeng, déi no un déi 30.000 Awunner geet, mer net nëmmen eng Privatschwämm hunn, déi der Offer net méi nokënnt an déi an allen Hisiichten, schoulesch a sportlech, net méi esou kann accueiléieren, a mer hinnen déi Méiglechkeete ginn, déi awer an eisen Ae wichteg wieren.

Mir mengen, datt den Dialog am Sport muss weidergefouert ginn. Net vun uewen erof, mä mateneen. Well mer alle guerte wëssen, datt et hei an der Gemeng d'Veräiner, de Sport ass, wou déi meeschte Mënschen zesummen eppes maachen, ausser d'Schoulen, well se do hi musse goen. Mä wann een de Sport hält an eiser Gemeng, ass et déi Plaz, wou sech déi meeschte Leit zesumme gesinn, a wou effektiv d'Zesummeliewen an d'Integratioun am beschte geschitt, ouni datt d'Gemeng do vill muss maachen, ausser déi sportlech Infrastrukturen hierzestellen. De Sport ass e

grousse Vektor nach ëmmer gewiescht vun der Integratioun. An dat sollt ee weiderféieren an de Veräiner méi Méiglechkeete ginn.

Am Koalitiounsprogramm steet, wouriwwer ech wierklech frou sinn, datt d'Veräiner finanziell, logistesche an och vläicht iwwert en anere Wee ënnerstëtzt ginn, iwwer Kontrakter, déi d'Gemeng mat Trainere mécht, oder wou si eise Service des sports ausbaut, mä net an eng Richtung, wéi et de Moment funktionéiert, mat Fonctionnairen an Aarbechter, mä mat Sportsproffen oder Leit, déi Coursen ubidden, well mer och als Gemeng vill Coursen ubidden. Mä hei kéint een nach méi maachen, andeems datt ee Leit, een oder zwee Leit astellt. D'Gemeng Lëtzebuerg weist et, d'Gemeng Diddeleng huet der elo, d'Gemeng Esch huet der elo. An ech mengen, mir sinn an enger Gréisstenuerdnung, wou d'Gemeng Déifferdeng och muss Leit hunn iwwert de Sport, wat d'Coursen ugeet, well mer déi da vill méi regelméisseg a vill méi konkret eise Bierger kënnen ubidden.

Hei geet et ëm méi Sport, méi Gesellschaft an och méi Économie, an d'LSAP fënnt dat enorm wichteg a fënnt e groussen Deel am Koalitiounsprogramm erëm. Mä wéi gesot, et ass d'Ëmsetzung. An op d'Ëmsetzung wäerte mer ganz genau kucken, wat do gemaach gött. A wann eis do eppes net gefält, wäerte mer natierlech eise Rôle als Oppositioun notzen, fir dann e bëssen ze meckeren a probéieren, déi Saachen an déi richtig Richtung ze kréien.

Ech wëll just nach eng Kéier den Opruff maachen, deeselwechten, deen ech fir de Budget gemaach hunn, datt een hei soll Courage hunn. Ech mengen, ëmmer wa mer e gewisen hunn an deene leschte Joren, ass de Courage belount ginn. Déifferdeng huet en anere Stelleg wäert kritt.

Sport ass en ekonomesche Faktor, wat vläicht elo deen een oder aneren net esou gesäit, wéi ech et gesinn, oder aner Leit et gesinn. Mä ech fannen, datt et en enorm wichtige Vektor ass fir d'Gemeng Déifferdeng. A wat nach ganz vill aner Leit wäert op Déifferdeng zéien, wat de Point de vue Aarbechtsplazen, Économie ugeet. Dat ass eng Kaart, déi mer onbedéngt musse spillen, well mer op där anerer Säit, wat eis Geschäftsleit ugeet, jo och e bëssen eng, wéi ech hei

sport scolaire et de maisons relais. Il faut trouver un système pour que les enfants fassent du sport. La commune n'a pas d'autre choix que de prendre parfois l'initiative à la place des parents. Pour le moment, il n'y a pas de mesures concrètes. Le collège échevinal devrait peut-être lancer un projet pilote. Il y a eu des tentatives, mais la commune doit probablement s'impliquer davantage dans le transport des enfants et dans la réalisation de contrats avec les associations. C'est aussi une question de sécurité. Mais le pire serait de laisser les enfants dans les maisons relais sans la possibilité de pratiquer une activité.

Pour ce qui est de la natation, Fred Bertinelli demande un deuxième bassin. Il rappelle que celui de Niederkorn a disparu. Une commune de près de 30 000 habitants ne peut pas se contenter d'une piscine privée, qui ne peut d'ailleurs plus satisfaire la demande.

Le dialogue est nécessaire. Le sport permet de réunir les gens plus que toute autre activité. C'est là où l'intégration a lieu, et ce, sans intervention de la commune — abstraction faite de la mise à disposition d'infrastructures sportives. Le sport est un vecteur d'intégration à ne pas négliger.

D'après le programme de coalition, la commune entend soutenir les associations financièrement, logistiquement ou à travers des contrats avec les entraîneurs. Le service des sports pourrait être développé avec des enseignants de sport. Certes, la commune propose déjà de nombreux cours, mais elle pourrait recruter quelques personnes en plus. Fred Bertinelli signale que les communes de Luxembourg, Dudelange et Esch ont recruté des enseignants et que la commune de Differdange devrait s'en inspirer.

Il n'est pas seulement question de sport, mais aussi de société et d'économie. Les socialistes retrouvent de larges pans de leurs idées dans le programme de coalition. Mais ce qui compte, c'est la réalisation. Si tout ne leur plaît pas dans la réalisation, ils joueront leur rôle d'opposition.

Fred Bertinelli exhorte le collège échevinal à montrer du courage, car cela paie. Le sport joue un rôle éco-

2. Programme de coalition

nomique. Il permet d'attirer des gens à Differdange et de créer des emplois. La commune doit jouer cette carte à fond alors qu'elle a abandonné la partie concernant les commerçants. Au cours des dernières années, le «city management» n'a pas fonctionné. Il faut faire attention à ne pas perdre les infrastructures dans le sport.

Fred Bertinelli se réjouit que des structures régionales ouvrent leurs portes à Differdange. Le collègue échevinal précédent s'est beaucoup investi dans ce domaine. Fred Bertinelli est disposé à collaborer avec la majorité pour que d'autres infrastructures soient créées. Il trouve scandaleux que l'université d'Esch-Belval ne dispose pas d'infrastructures sportives. On ne peut pas planifier d'écoles sans salles d'entraînement.

Fred Bertinelli répète que les socialistes sont d'accord avec une large partie du programme, mais c'est la mise en pratique qui compte. C'est ce qu'il faudra évaluer au cours des prochaines années.

Comme Fred Bertinelli s'est occupé de la sécurité au cours des dernières années, il souhaite répondre à M. Diderich. Celui-ci ne lui a jamais posé aucune question à ce sujet. Il lui signale par ailleurs que le collège échevinal s'est réuni vingt fois avec la police au cours des quatre dernières années et il espère que le nouvel échevin à la sécurité poursuivra sur cette voie. La police souhaite que les questions autour de la sécurité soient traitées de manière discrète. Mais M. Diderich aurait pu s'adresser à tout moment à un échevin. Au lieu de cela, il préfère prétendre aujourd'hui que rien n'a été fait pendant quatre ans. C'est faux. Le commissariat est né dans des séances de ce genre. Beaucoup de problèmes y ont été résolus même si le collège échevinal n'en a pas toujours parlé dans les séances du conseil communal.

JERRY HARTUNG (CSV) constate que le programme de coalition constitue la base pour le travail du conseil communal au cours des six prochaines années. Un grand nombre d'éléments se retrouvent aussi dans les programmes des autres partis. Jerry Hartung espère donc que les

elo schonn e puermol héieren hunn, Failliteserklärung gemaach hunn. Wat eise City Management ugeet, ass dat heiten awer an deene leschte Joren eppes, wat wierklech operblitt ass, a wou een elo soll dovunner profitéieren an net däerf noloossen, wat d'Infrastrukturen ugeet, a wat dee ganzen Invest an de Sport ugeet.

Natierlech si mer frou, datt och regional Strukturen am Sport op Déifferdeng kommen. Am viregte Schäfferot ware Leit, déi ganz laang a vill doru geschafft hunn. Dat hei ass e Resultat, wou ee soll weiderféieren. An ech sinn och bereet, mat ze schaffen, wann an anere Beräicher regional oder interregional Infrastrukturen musse geschafft ginn. Ech mengen, et ass jo bal praktesch e Skandal, datt mer eng Uni op Esch/Belval stoen hunn, déi keng Sportsinfrastrukturen huet, déi lénks a riets musse kucke goen, datt se sportlech ännerdaach kommen oder schwamme kënnen goen. Esou Saache soll een net plangen, sou wéi mer eis Schoulen net solle plangen, ouni Trainings- oder Sportssäll. Dofir mengen ech, datt dat dee richtege Wee ass, fir an esou eng Richtung ze goen.

D'LSAP ass zum groussen Deel mam Koalitiounsaccord d'accord, soss hätt se de Budget jo och net gestëmmt. An eise Fraktiounssprichter huet jo och gesot, bis op eenzel Definitioune kéint et ee sinn, deen d'LSAP mat geschriwwen hätt. Mä wéi gesot, et ass d'Ausübungsform, a mer kucke mol, wat aus deem engen oder anere geschitt, a wéi et och gemengt ass. A mer wäerten Uecht ginn, datt et an deenen nächste Joren och esou dohigestallt gëtt.

Dat war et fir de Sport. Ech wollt awer nach kuerz, well ech dorop ugeschwat gi sinn, an ech jo awer hei de Responsabelen déi lescht Joer fir d'Sécherheet war, Här Buergermeeschter, dem Här Diderich äntweren. En huet mer an deene leschte véier Joer net eng Kéier eng Fro gestallt, wat d'Sécherheet an der Gemeng ugeet.

Ech wëll dem Här Diderich soen, datt mer 20 Sitzungen an deene leschte véier Joer mat der Police haten. An ech weess, datt de Buergermeeschter nach eenzel Sitzungen mat der Police hat, wat d'Sécherheet an eiser Gemeng ugaangen ass. An ech hoffen, datt deen neie Sécherheetsschäffen et och esou weidermécht.

Well dat näischt ass, wat op d'Place publique dobausse gedroe gëtt. Well och d'Police wëll, datt déi Saachen diskret behandelt ginn, well soss soe se engem näischt méi déi zweete Kéier, wa se kommen. An duerfir, Här Diderich, wann Der eng Fro dozou gehat hätt, mengen ech, hätt awer all Member aus dem Gemengerot zu all Moment déi Fro beäntwert kritt, wann e se gefrot hätt. An dofir ze soen: „Do ass véier Joer näischt geschitt“, ass einfach falsch. Ech wëll dat net esou stoe loossen, well do ganz vill geschafft ginn ass.

Dat neit Police-Gebai ass an esou Sitzung gebuer ginn. An och wëll ech soen, datt do ganz vill Aarbecht gemaach ginn ass, woumat mer net ëmmer hei an de Gemengerot kommen, wat do u Problemer geléist ginn ass. Mä ech hoffen, datt deen neie Sécherheetsschäffen an deemselwechte Stil weiderfiert. Also ech mengen, e war aus dem Soziale komm, wou en och net alles op déi grouss Klack gehaangen huet. An ech hoffen, datt dat och dee richtege Wee ass.

Dat gesot, wëll ech Iech Merci soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Bertinelli.

Den Här Hartung Jerry huet d'Wuert.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Damen, Dir Hären, de Koalitiounsprogramm ass d'Basis fir d'Aarbecht vun deem Schäffen- a Gemengerot fir déi kommend sechs Joer. Déi Gréng an d'CSV hunn dëst Dokument zesammen, op Basis vun hire Wahlprogrammer, erstellt. Et si vill Punkten, wou mer Déifferdeng laangfristeg no vir wäerte bréngen. Vill vun dese Punkten, den Här Muller sot et schonn, ware bei anere Parteien am Wahlprogramm erëmfan, a mer hoffen, datt mer all 19 zesammen, mat de Bierger dobaussen, konstruktiv un déi verschidden Dossier an deser Ëmsetzung wäerten erugen.

Dës Majoritéit wäert an de kommende sechs Joer vill Dossier ugoen. Et sinn déi kommend sechs Joer, wou Schoulen

2. Programme de coalition

a Betreuungsstrukture gebaut ginn. Ënnert anerem Schoulraum zu Nidderkuer an zu Déifferdeng. Maisons relaise si quasi an all de Quartiere virgesinn, fir déi weider auszubauen.

Et sinn déi kommend sechs Joer, wou vill an de Sport investéiert gëtt. Den Här Bertinelli huet scho ganz villes opgezielt, d'Renovéierung vum Centre sportif, der Sportshal um Bock, eng nei Sportshal zu Nidderkuer, d'Liichtathletikspist um Woiwer an e weidert Lernschwimmbekken, fir ebe just déi ganz grouss Projeten ze ernimmen.

Et sinn déi kommend sechs Joer, wou vill fir d'Senioren an déi Jonk gemaach gëtt. Zum Beispill gëtt d'Subsidereglement fir d'Studenten iwwerschafft, fir méi geziilt ze sinn. Et gëtt och vill am Beräich Wunne gemaach. Sou, zum Beispill, betreit Wunne fir Jonker, Seniorewunnengen, Studentewunnengen, sou wéi vill Projete fir Integratioun an Inklusioun, fir déi verschidden Altersgruppen.

Et sinn déi kommend sechs Joer, wou vill an d'Kultur investéiert gëtt. Besonnesch mat der Kulturhauptstad 2022 wäert Déifferdeng am Mëttelpunkt stoen.

Et sinn déi kommend sechs Joer, wou d'Nohaltegkeet, den Naturschutz, d'Konsumverhalten, d'alternativ Energien ëmgeduecht ginn. D'Gemeng geet hei selwer mam gudden Beispill vir a bitt de Bierger mat ville Subsiden d'Méiglechkeet, fir och selwer an dës Richtung ëmzedenken.

Et sinn déi kommend sechs Joer, wou vill an der Mobilitéit, dem Urbanismus, der Stadentwécklung wäert geschéien. De Fassadeschutz steet haut um Ordre du jour. Et ass u sech d'Viraarbecht fir de PAP/PAG, dee muss iwwerschafft ginn. Et gouf scho gesot, datt de Baupérimeter net erweidert gëtt. Ech denken, dat ass vun all de Parteien hei um Dësch zimlech approuvéiert ginn. Innerhalb vun de Wunnquartiere solle Parken, Spillplazen, gréng Korridore geschafe ginn, déi déi verschidde Quartiere verbannen. E grouss Projet sinn déi grouss Weiere vun der ArcelorMittal zu Nidderkuer, déi solle renaturéiert ginn.

En Ëmdenken am Verkéier ass endlech ginn, wou an de Wunnquartieren an an

Deeler ronderëm d'Schoulen d'douce Mobilitéit Virrang soll kréien. Haaptsächlech a Form vu Shared space.

Et sinn déi kommend sechs Joer, wou d'Thema Sécherheet ugepaakt gëtt. Et ass vill driwwer geschwat ginn. Den Här Diderich huet d'Kameraiwwerwachung ugeschwat. Dëst kann net isoléiert ëmgesat ginn, mä déi gëtt natierlech zesumme mat anere Moossnamen ëmgesat. Ënnert anerem Sensibiliséierung a Präventiounsprojeten, déi mat alle Partner, déi am Sozialen an an der Sécherheet intervenéieren, geplangt an ëmgesat ginn.

D'Zebrastreifen, wou am viregte Schäferot, mat der zoustänneger Verkéierskommissioun, vill gemaach gouf, gi besser amenagéiert.

Et sinn déi kommend sechs Joer, wou vill am Soziale wäert geschéien. Déifferdeng huet a wäert och zukünfteg vill am soziale Wunnengsbau maachen. Grad an der AIS Kordall péckt Déifferdeng ganz vill un. Et ass fir eis e wichtege Projet. Ënnert anerem fir Jonker an net esou Jonker aus eiser Gemeng, déi net genuch verdéngen oder net genuch Sécherheete kënnen hannerleeën, fir um normalen Immobiliemarché en Daach iwwert dem Kapp ze fannen, an awer ze vill verdéngen, fir an anere Sozialstrukturen en Ënnerdaach ze fannen.

Dëst waren Awunner, déi fréier op déi aner Säit vun der Grenz hu misse wunne goen. Mat der AISK, wat Déifferdeng ganz vill ënnerstëtzt, zesumme mat eisen Nopeschgemengen aus dem Kordall, kënnen mer dësen Awunner hei zu Déifferdeng eng gutt Alternativ bidden.

Et sinn déi kommend sechs Joer, wou eng Politik vun der Biergerinformatioun an der Biergerbedeelegung virgesinn ass. Ënnert anerem sollen d'Kommissiounen fir Netpolitiker opgemaach ginn.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci Här Hartung.

D'Madame Richartz Yvonne, Dir hutt d'Wuert. Et ass alles ofgekläert, Här

19 conseillers communaux se montreront constructifs.

Des dossiers importants vont être abordés comme la construction d'écoles — par exemple à Niederkorn — et de maisons relais dans tous les quartiers.

Des investissements sont prévus dans le sport: la rénovation du centre sportif, la salle de sport du Bock, le centre sportif de Niederkorn, le stade d'athlétisme au Woiwer, le bassin d'apprentissage...

Beaucoup sera fait dans le domaine des jeunes et des seniors — notamment en ce qui concerne les subsides pour étudiants, le logement accompagné, les appartements pour étudiants, etc.

Des investissements sont prévus dans la culture, surtout dans le cadre de la capitale européenne 2022. Un changement de mentalité devra avoir lieu dans le domaine de l'écologie, de la consommation et des énergies alternatives. La commune montre l'exemple et propose de nombreux subsides aux citoyens.

Beaucoup sera fait dans le domaine de la mobilité et de l'urbanisme. Jerry Hartung mentionne la protection des façades, le nouveau PAG, le périmètre de construction — tous les partis sont d'accord pour ne pas l'élargir —, la création de parcs, d'aires de jeux et de corridors verts dans les lotissements et la renaturation des étangs d'ArcelorMittal à Niederkorn. La priorité sera accordée à la mobilité douce autour des écoles, notamment grâce à des «shared spaces».

M. Diderich a abordé la question des caméras de surveillance. Elles seront mises en place dans le cadre d'autres mesures et notamment des campagnes de sensibilisation.

Les passages pour piétons seront aménagés de manière plus efficace. En ce qui concerne le volet social, la Ville de Differdange compte investir dans le logement. L'AIS Kordall est un projet important. Beaucoup de Differdangeois ne gagnent pas suffisamment pour acquérir une habitation. Autrefois, ils étaient souvent obligés d'aller vivre de l'autre côté de la frontière. Aujourd'hui, l'AISK constitue une alternative.

La politique d'information et de participation citoyenne sera déve-

2. Programme de coalition

loppée et les commissions seront ouvertes aux habitants.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

explique que le CSV et déi gréng veulent atteindre un niveau de sécurité maximal pour les piétons, les enfants, les cyclistes et les automobilistes. C'est pourquoi ils planifient une réduction de la vitesse autour des écoles. Des «shared spaces» seront aménagés avec l'aide d'experts. Yvonne Richartz-Nilles mentionne aussi un nouveau système de parking relais permettant de rejoindre le centre à vélo ou à pied plus facilement. Le carrefour du Woiwer doit être revu.

Le Diffbus est gratuit et électrique. Les benmes deviendront électriques aussi et pourront être chargées aux mêmes endroits que le Diffbus.

Un nouveau trajet pour le Diffbus est déjà prévu. Cependant, il faut attendre de connaître le succès du trajet route de Pétange-Prënzebiërg. La majorité soutient le projet du tram pour le bassin minier. Des abribus et des tableaux horaires électriques seront installés. Les passagers seront informés d'éventuels retards immédiatement et sur place.

Les pistes cyclables et les routes seront signalisées. Un concept de «carsharing» est à l'étude avec les communes voisines. Le «car sharing» permet de réduire le trafic, de lutter contre la pollution et coûte moins cher. La majorité soutient aussi le «Night Rider».

Pour ce qui est du troisième âge, la commune va créer un service communal pour les séniors pour empêcher les personnes âgées de tomber dans l'isolation. Le service contactera par exemple les gens pour leur proposer son aide en cas de décès ou de maladie. Un guide pour les séniors informera les personnes âgées des activités sportives et culturelles.

SERGE GOFFINET (LSAP) *souhaite revenir sur quatre points du programme de coalition: les transports en commun, la culture, l'environnement et le social.*

Les transports en commun semblent s'arrêter à la frontière de la commune. Rien n'est prévu au-delà et rien n'est prévu si Differdange continue de croître.

Schwachtgen. Ech hunn d'Saach bis elo nach ëmmer am Grëff.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, d'Press an all Bierger dobaussen, eise Koalitiounspartner a mir, dat sinn d'CSV a mir, Déi Gréng, wëllen, dass de Foussgänger, eis Kanner, de Cyclist an d'Automobilisten duerch eng gutt duerchduechte Planung de Maximum u Sécherheet kréien. Wéi den Här Liesch scho sot, si mir fir manner Vitesse, virun allem bei eise Schoulen, duerfir 30er-Zonen. Mir wäerten och Shared-space-Zonen amenagéieren, wou mir op d'Hëllef vun Experten zeréckgräifen. Well esou Zone musse geplangt sinn a ginn.

En neie System Parking relais, PR, fir schlussendlech méi einfach a besser mam Bus oder Vëlo an den Zentrum ze kommen. An dann déi ominéis Woiwer Kräizung. Nodeems de Contournement Rocade fonctionnéiert, muss d'Woiwer Kräizung onbedéngt nei iwwerduecht ginn.

Mir garantéieren nach ëmmer gratis Fuere mat eisem elektresch bedriwwene Bus an hu wëlles, eis Poubellesscamionen och elektresch fueren ze loossen. Déi kënnen am Parc Gerlache an zu Nidderkuer am Mai geluede ginn, souwéi dat scho mam Diffbus geschitt.

En neien Trajet fir den Diffbus ass schonn an eise Käpp. Mir mussen awer de Succès vum Trajet Péitenger Strooss – Prënzebiërg ofwaardén. Mir ënnerstëtze selbstverständlech den Tram sur roues fir de Bassin minier. Weider maahe mir Abris-Bus, Abrise fir de Bus, an elektresch Tableaue fir de Bushoraire. A ganz wichteg ass, dass, wann e Retard ass, oder wann de Bus ganz ausfällt, de Passagéier dat direkt matgedeelt kritt, sur place.

Mir maachen eng besser Beschëlderung vun eise Vëlosweeër a vun eise Stroossen. Mat eisen Nopeschgemenge schaffe mir un engem Konzept fir Autopartage, Carsharing. Carsharing verhënnert d'Iwwerbelaaschtung vun eise Stroossen, verréngert d'Loftverschmutzung a gëtt och méi bëlle. Natierlech ënnerstëtze mir weider de Bus Night Rider.

Zum Schluss nach e puer Bemierkungen zum drëtten Alter. Mir grënnen e Service communal pour seniors. Dee Service soll verhënnern, dass allengsteeënd eeler Leit an d'Isolatioun ofrutschen. Zum Beispill, Leit systematesch kontaktéieren, fir Hëllef unzëbieden, sief dat bei engem Stierffall oder Krankheet oder soss eppes.

Iwwert e Guide Senior, deen a verschiddene Sproochen erauskënnt, wëlle mir déi eeler Leit iwwer sportlech a kulturell Evenementer informéieren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och der Madame Richartz.

Den Här Goffinet nach.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt just kuerz zu véier Punkten am Koalitiounsprogramm Stellung huelen. Den éischte Punkt – wat soll et soss sinn als Eisebunner? –, den ëffentlechen Transport, Kultur, Ëmwelt a Soziales.

Den ëffentlechen Transport hält an dësem Koalitiounsaccord op de Grenze vun eiser Gemeng op. Dat mierkt een. Et gëtt näischt weider iwwert d'Grenze geduecht, an et gëtt och net weider geduecht, wat een iwwerhaupt kéint anescht maachen, wann een an dëser Gemeng nach weider wüsst.

Mir hunn zu Déifferdeng an der Schmelz Gleiser leien, déi um Fousbann, bei der Ëmgeungsstrooss erauskommen, déi a Richtung Zolwerek duerch den Tunnel, ënnert der Bieleser Gemeng, Richtung Arrêt Belval Universitéit féieren. Mir kéinten déiselwecht Gleiser verlängern, Richtung Déifferdeng an da laanscht den neie Parking vum Contournement, Richtung al Gare an Nidderkuer an un d'Zuchstreck Péiteng, Käerjeng, Dippech, Lëtzebuerg plangen a fuerderen. An dat op nationalem Plang natierlech.

Op der Zuchstreck Déifferdeng kéint ee sech och endlech asetze fir en neien Arrêt Breitfeld. Soubal deen Arrêt Breitfeld

2. Programme de coalition

gebaut wier, kéint d'Suessemer Gemeng, wat ëmmer e Besoin war, hiren Arrêt réckelen an an de Stadzentrum setzen. Dat sinn d'Iddien an d'Akzenter, déi ee muss setzen, fir d'Leit op den ëffentlechen Transport ze bréngen an domat och en Deel Autoe vun der Strooss ze kréien.

Ech wollt de Leit heibanne soen, dass ech scho virun zwielef Joer mat Kollegen aus dem Verwaltungsrot vum Mouvement écologique dëse Projet ausgeschafft hat, d'Grondgedanken op jidde Fall, ënnert anerem mam René Wampach, engem fréiere grénge Conseiller. Fir dass esou e Projet Succès huet, muss ee sech asetzen, an net alleng op der Gemeng, mä och 100%eg dozou stoen an dat op nationalem Plang an och an der Chamber.

Eng nei Gare zu Déifferdeng, nieft dem neie Polizeikommissariat, wier natierlech eng wonnerbar Saach. An déi muss kommen. Dës Plaz kéint den Dréi- an Aangelpunkt vun dem ëffentlechen Transport hei an der Gemeng ginn.

Fir de Rescht berufft Der Iech op Shared-space-Zonen, Tempo-30-Zonen, Carsharing, Vëlo an esou weider. Dat sinn etlech Iddien. Mä Déifferdeng brauch definitiv e Mobilitéitskonzept, dat vu capabele Leit ausgeschafft gëtt a Schrëtt fir Schrëtt duerchgezu gëtt. D'Mobilitéit ass definitiv e Ganzt. Op nationalem Plang wier et wichteg, dass all d'Parteien, déi hei am Sall vertruete sinn, sech géifen asetze fir eng besser Mobilitéit am Süden an natierlech besonnesch an eiser Gemeng.

Den zweete Punkt ass d'Ëmwelt. Bei dësem Punkt ass u sech net esou vill ze bemängelen an dësem Koalitiounsprogramm. Mir hunn ähnlech Virstellungen. Et gëtt awer zwee Punkten, déi ech wëll kuerz uschneiden, dat ass d'Elektromobilitéit an d'Wandmillen. Mir sinn hei am Land, an och hei an der Gemeng, um totalen Hype fir d'Elektromobilitéit. Ech wëll just bemierken, dass grouss Batterie spëder eng riseg Problematik gi fir d'Entsuegung. Déi Materialien, déi hei gebraucht ginn, komme meeschtens aus Länner, wou d'Leit kräfteg ausgebaut ginn, a wou riseg Konzern sech d'Täsche voll verdéngen. Eng nohalteg Geschicht ass dat net onbedéngt.

Dann zu de Wandmillen. Mir stinn zu de Wandmillen. Wann een d'Leit awer gären iwwerzeegt, fir een oder zwee Wandparken ze bauen, muss alles gemaach ginn, fir dass déi Leit net dorënner leiden. Ech denken do besonnesch un de Kaméidi, de Schattenwurf an esou weider. Wann dat garantéiert ass, kritt Der d'Leit och iwwerzeegt vun dëse Projeten.

Den drëtten Punkt ass d'Kultur. Wat mir besonnesch um Häerz läit, ass d'Geschicht vun eiser Gemeng an der Ëmgéigend. Déi meescht Leit kennen net vill vun der Geschicht vun eiser Gemeng, well se entweder net hei gelieft hunn, well se bäigepënnert sinn, oder well se sech net dofir interesséieren. Et gëtt awer net nëmmen déi industriell Geschicht. D'Geschicht ass vill méi laang. Déi Déifferdenger Geschicht hält net 2018 op a fänkt och net 1880 bei der industrieller Entwécklung un. Ech mengen, mir haten d'Kelten hei, mir haten d'Reimer hei. Mir hunn eng ganz Panoplin u Geschicht, déi ee kann erzielen. A wourunner ee muss schaffen.

Mir musse stolz sinn op déi Geschicht. Mir mussen dofir e Konzept ausschaffen, fir dass et e Succès gëtt. Dat Ganzt kann een a Form vun engem Buch maachen. Et kann een et a Form vu Kulturweeër maachen, wéi och am Koalitiounsprogramm steet. Dat kann een awer och a Form vu Léierfilmer an esou weider maachen.

Et ass iwwerhaupt schwéier, d'Geschicht vun de Gemengen oder vum Land uerdentlech an e Léierprogramm ze setzen. Dat weess ech aus menger Zäit aus der Schoul. Mir hunn iwwer Lëtzebuerg vläicht aacht oder zéng Säite geléiert. Mä iwwert den Napoleon a Gott an der Däiwel 20, 30 Säiten, oder iwwert iergend ee Krich, wat ech haut net méi weess.

Ech si sécher, datt een, deen d'Geschicht kennt oder op d'mannst e bëssen appreciéiert an e bëssen driwwer liest, an enger moderner flotter Form, sech och besser fillt hei an der Gemeng a sech och e bësse méi identifizéiert. Dat gëllt fir Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger.

Kuerz zu 2022. Ech loosse mech do iwerrraschen. Et ass jo nach net vill fest. Ausser déi 100.000 Euro am Budget. Ech hoffen, dass d'Gemeng e flotte Pro-

Serge Goffinet mentionne les rails de l'usine aboutissant au Fousbann près du contournement et continuant vers le Zolwereck et Belval. Ces rails pourraient être prolongés en direction de Differdange, du parking du contournement, de l'ancienne gare de Niederkorn et de la voie ferrée en direction de Luxembourg-ville.

Serge Goffinet propose aussi la création d'un nouvel arrêt de train dans la cité Breitfeld. La commune de Sanem pourrait alors déplacer son arrêt dans le centre de la commune.

Serge Goffinet a déjà discuté de mobilité il y a 12 ans avec le conseiller écologique René Wampach. Pour que les gens abandonnent la voiture au profit des transports en commun, le soutien de la Chambre est absolument nécessaire.

Differdange a besoin d'une nouvelle gare, qui deviendrait l'axe du transport en commun de la ville.

Il faut élaborer un concept de mobilité. Tous les partis doivent s'engager auprès de leurs représentants nationaux pour une mobilité plus efficace à Differdange et dans tout le sud.

Pour ce qui est de l'environnement, les socialistes ont un programme comparable à celui de la coalition. Il se distingue cependant sur deux points: l'électromobilité et les éoliennes. Pour ce qui est de l'électromobilité, Serge Goffinet signale que se débarrasser des grandes batteries va devenir un grand problème. En plus, les matériaux proviennent de pays où les gens sont exploités.

Les socialistes soutiennent les éoliennes. En revanche, il faut veiller à ce que les habitants ne souffrent pas du bruit et de l'ombre.

L'histoire de Differdange et des alentours tient à cœur à Serge Goffinet. La plupart des habitants de la commune ne la connaissent pas. Celle-ci ne commence pas avec le développement industriel en 1880 et elle ne s'arrête pas en 2018. Serge Goffinet mentionne les Celtes et les Romains. Les Differdangeois doivent être fiers de l'histoire de leur ville. Il faut donc développer un concert, par exemple sous la forme d'un livre, de sentiers culturels ou de films. Serge Goffinet se souvient qu'à l'école, on apprenait une di-

2. Programme de coalition

zaine de pages sur le Luxembourg, mais vingt ou trente pages sur Napoléon ou une guerre quelconque. Or quelqu'un qui connaît un peu l'histoire de sa ville, s'y sent mieux et parvient à s'identifier à elle.

Il n'y a pas grand-chose à dire concernant 2022. Cent-mille euros sont prévus dans le budget.

Pour ce qui est du volet social, 20 % des habitants du pays vivent sous le seuil de la pauvreté ou risquent d'y sombrer. Ces personnes sont soutenues par le RMG, les allocations de chômage, les subventions de loyer... Mais on ne s'occupe pas vraiment des problèmes. Dans tout le pays, il manque des appartements à louer. À Differdange, il en manque 800. Or les loyers commencent à 900 € — et même 1500 € ou 1600 € pour les familles.

(Interruption)

Serge Goffinet constate qu'une famille avec deux enfants payant un loyer de 1500 € ne parvient qu'à survivre si elle dispose d'un salaire bas. C'est pourquoi il faut que la commune intervienne pour s'assurer que les familles dans le besoin peuvent louer un appartement à un prix raisonnable. Malheureusement, le CSV et déi gréng semblent avoir des problèmes avec une taxe sur les immeubles vides, car leur texte est vague. En tout cas, Differdange a besoin d'habitations à louer et à acheter. C'est à la commune d'agir et pas aux promoteurs pour faire baisser le prix du mètre carré.

En ce qui concerne l'emploi, le ministre du Travail socialiste Nicolas Schmit réalise de l'excellent travail et soutient les personnes à la recherche d'emploi grâce à de nombreuses initiatives modernes. Une annexe de l'ADEM a notamment ouvert à Differdange. Le Jobcenter de Differdange doit être un complément à l'ADEM. Mais avant qu'il ne soit agrandi, il faut mettre en place un concept et contacter toutes les entreprises de la ville.

Pour ce qui est des problèmes de drogue, le programme de coalition mentionne le «streetwork» et les points-conseils. Serge Goffinet espère que le collègue échevinal inclura la police dans les discussions, car il s'agit d'un partenaire social important.

jet mat hiren anere Partner dohinner bréngt, a sech e laangjäerege Succès dooraus ergëtt.

Zum leschten a ganz wichtege Punkt, dem soziale Volet am Koalitiounsprogramm. Ech wollt just eng kleng Remarque maachen. Ongefëier 20% hei am Land gëllen als aarm oder sinn um direkte Wee fir an d'Aarmut. Si kréien iwwer verschidde Weeër gehollef. Dat sinn den RMG, de Complément RMG, de Chômage, well se hir Aarbecht verluer hunn, Zouschuss bei Mieten an esou weider an esou fort. Déi eigentlech Grënn ginn zwar ugesprach, awer net richtig an d'Hand geholl. Am ganze Land, an och hei zu Déifferdeng, feelt et u bezuelbare Mietwunnengen. Dat ass jo gesot ginn. Et ass souguer vun 800 Mietwunnenge geschwat ginn. Wat ech elo net onbedéngt weess. Mä et kéint an déi Richtung lafen. Op jidde Fall vu bezuelbare Mietwunnengen.

Eng Wunneng ze lounen, fänkt bei ongeféier 900 Euro un, um fräie Marché, a geet séier bis 1.500, 1.600 Euro fir Familljen.

(Ënnerbriechung)

Souguer méi, richtig, Jo.

Ech wollt et net extrem maachen, et get bis 1.500, 1.600 Euro fir Famillje mat e puer Kanner. Dat heescht, Famillje mat kleng Paie kënnen net liewe vun hirer Pai, mä just iwwerliewen. Aneschters kann een dat net nennen.

Et ass also wichtig a richtig, dass dës Gemeng Initiativen ergräift, fir dass sech sozial schwach Familljen och eng Wunneng kënnen lounen, zu engem sozialen Tarif. Mat der Tax op eidelstoend Haiser hunn déi zwou Parteien, d'CSV an Déi Gréng, et gesäit emol esou aus, nach hir Problemer, soss wier deen Text net esou schwammeg geschriwwen.

Egal wéi, mir brauche bezuelbare Wunnraum hei zu Déifferdeng, ob dat fir ze lounen oder fir ze kafen ass. Mir brauchen déi zwee. Et ass un der Gemeng, fir dat an d'Hand ze huelen, an net un de grouse Promoteuren. Et ass och un der Gemeng, déi geckeg Metercarréspräisser ze drécken a fir besser Uerdnung ze suergen, wann eise Stat an dësem Punkt verseet.

Zum Arbeitsamt an zum Jobcenter. Den Aarbechtsminister Nicolas Schmit, den LSAP-Aarbechtsminister, ass amgaangen, extrem gutt Aarbecht ze leeschten a probéiert, mat zäitgeméisse Projeten a villen Initiative ville Leit erëm d'Méiglechkeet ze kreéieren, eng Aarbecht ze vermëttelen. Ënnert anerem hu mer duerch hien d'Arbeitsamt op Déifferdeng kritt.

Eisen Jobcenter gesinn ech als Complément dozou. Dee musse mer ausbauen, mat méi Personal a mat Iddien natierlech. Ier deen awer ausgebaut gëtt, muss een alt erëm e Konzept hunn an domatter d'Chancë vergréisseren, fir eng Aarbecht ze kréien. Et muss un en dauerhafte Kontakt zu alle méigleche Betriber, kleng oder grouss, hei zu Déifferdeng geduecht ginn. Dat ass eng riseg Aarbecht, awer deen eenzeg richtige Wee.

Da wollt ech nach ganz kuerz, awer wierklech ganz kuerz, zur Drogeproblematik Stellung huelen. Am Koalitiounsprogramm si verschidde Punkten ernimmt, wéi d'Streetwork-Konzept, d'Berodungsstell fir Drogekonsumenten an esou weider.

Ech hoffen, dass och un d'Police geduecht gëtt, an dass déi uerdentlech mat agebonne gëtt, well dat ass och e Sozialpartner, och wa vill Leit deen net onbedéngt ëmmer als Sozialpartner gesinn. D'Police gesäit oft als éischten um Terrain, wou e Problem ass.

Oder dass vläicht och un eng Fixerstuff geduecht gëtt. Dat wier vläicht och e Gedanken.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wäert Dir dofir?

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech hu gefrot, ob Der un eng Fixerstuff geduecht hutt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hat just gefrot, ob Dir dofir wäert.

2. Programme de coalition

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech sinn dofir. Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Okay. Merci.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech sinn dofir.

An dann nach eng lescht Bemierkung zu den Taxen. Ech hoffen, dass dës Schäferot d'Fangere vun den Taxe léisst an net erëm probéiert, alles Méigleches käschtedeckend ze maachen. De klenge Mann huet och e Recht op en Deel vun de Milliounen Euro, déi eis zoukomm sinn duerch d'Gemengefinanzen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. An entschëllegt, datt ech Iech gestéiert hunn.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, de Koalitiounsprogramm setzt sech aus sechs Haaptkapiteln zesammen. Ze kuerz kommen d'Sécherheet an d'Mobilitéit an dësem Programm. Dës wichteg Theme ginn a verschiddene Sparte liicht behandelt, ouni awer an de Fong ze goen.

An der Gemeng sollen zwou Shared-space-Situatiounen geschafe ginn. An esou Stroosse ginn d'Regele vum normale Stroosseverkéier gebrach. Et gëtt eng Gläichstellung vun Auto, Vëlo a Foussgänger geschafen. D'Strooss soll

Mëttelpunkt an Treffpunkt vun deenen dräi Kategorie sinn. Am Mëttelpunkt vun der Planungsphilosophie muss d'Verkéisersécherheet stoen. Den Haaptverkéier muss laanscht dës Plaz fléissen. Eng mega Erausforderung fir d'Emil-Mark-Strooss an d'Haaptkräizung zu Nidderkuer.

Ze vill Verkéier, hu Beispiller am Ausland bewisen, erlabt, keng Shared spaces ze schafen, respektiv féiert zu méi Accidenter mat Foussgänger. An dat laanscht eis Primärschoulen. Sollt et zu Visité vu Shared-space-Plazen am Inoder am Ausland kommen, kuckt Iech, wann ech gelift, och déi Plazen un, déi zeréckgebaut gi sinn, well ze vill Verkéier an Accidenter opkomm sinn.

Zousätzleche Parkraum mat Laangzäitlocatiounen fir eis Awunner ass eng Noutwennegkeet a soll net duerch nei Verhandlungen a Verspéidung geroden. Ech denken do speziell un d'Awunner vum Zentrum vun Déifferdeng.

E Plus u Liewensqualitéit bréngt d'Schafe vun engem Ruffbus. E Besoin, deen de Koalitiounsprogramm net respektéiert. Sonndes ouni Diffbus, mat dem reduzéierte Fahrplang vum T.I.C.E., sëtze vill al Leit a Leit mat reduzéierter Mobilitéit alleng doheem a kënnen net vum kulturellen a Fräizäitprogramm vun der Déifferdenger Gemeng profitéieren.

De séchere Schoulwee muss ausgebaut ginn duerch Ausbildung vu Schülerlotsen, Instruktioun vun eisen Agents municipaux betreffend d'Ënnerstëtzung vum Foussgänger, d'Zesummenaarbecht mat der Sécurité routière muss prononcéiert ginn, a wichteg ass et och, fir Opklärungsversammlungen mat den Elteren ze halen. Well et si ganz oft déi, déi déi gravste Feeler maachen um Schoulwee.

D'Ëmsetze vu Verkéiserspolitik brauch ëmmer méi Fachkompetenz. Dofir muss d'Politik ëmmer méi op Fachexperten zeréckgräifen an net politesch Ziler an dësem liewenswichtege Beräich virzéien.

Ech begrëssen, dass un den Asaz vu Kameraen an aneren technesche Moyene geduecht ginn ass, fir eis ëffentlech Gebaier a Plazen ofzesécheren. Leider ass dës Uschafung am Budget 2018 net virgesinn, sou dass dës Onsécherheet nach ee Joer muss bestoe bleiwen. D'LSAP Déifferdeng stellt fest, dass Wahlver-

La majorité a-t-elle pensé à un centre d'injection pour toxicomanes?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande à M. Goffinet s'il soutiendrait un tel projet.

SERGE GOFFINET (LSAP) *répond qu'il n'a fait que poser une question.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui demande à nouveau s'il serait pour.

SERGE GOFFINET (LSAP) *répond que oui.*

Il espère que le collège échevinal ne touchera pas aux taxes et qu'il n'essaiera pas de couvrir tous les frais. Les petites gens ont droit à une partie des millions touchés à travers la réforme des finances communales.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

s'excuse d'avoir interrompu M. Goffinet tout à l'heure.

Il cède la parole à M. Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *rappelle que le programme de coalition se compose de six chapitres. La sécurité et la mobilité n'y occupent pas la place qu'elles méritent. Elles sont traitées rapidement sans que la majorité n'entre dans les détails.*

Deux «shared spaces» sont prévus. Dans ces zones, les règles de la circulation normales ne comptent plus. Les voitures, les vélos et les piétons sont mis sur un pied d'égalité. Mais la sécurité doit être au centre de toute philosophie concernant le trafic. Les voitures doivent pouvoir circuler autour de ces zones. Cela représente un énorme défi dans la rue Émile-Mark et au carrefour de Niederkorn. Les expériences à l'étranger démontrent que les «shared spaces» sont dangereux s'il y a trop de voitures.

De nouveaux parcs de stationnement constituent une nécessité pour les habitants. Les projets ne doivent pas être retardés.

Le programme de coalition ne prévoit pas de bus sur appel. Serge Goffinet rappelle que le dimanche, le Diffbus ne circule pas et le TICE moins souvent. Les personnes à mobilité réduite ne peuvent donc pas

2. Programme de coalition

profiter de l'offre culturelle et de loisir de Differdange.

Pour sécuriser le chemin vers l'école, la formation des agents municipaux est nécessaire, tout comme la collaboration avec la sécurité routière et la sensibilisation des parents.

Mettre en place une politique des transports demande des compétences. C'est pourquoi il faut demander l'aide d'experts au lieu de privilégier les objectifs politiques.

Guy Altmeisch salue la mise en place de caméras pour surveiller les bâtiments et les places publics. Malheureusement, le budget 2018 ne prévoit pas de fonds. Cette promesse électorale ne figure pas dans le programme de coalition.

Guy Altmeisch regrette l'absence d'un concept des transports. Il espère que la majorité se rend compte des problèmes d'insécurité.

PAULO AGUIAR (DP) trouve le programme de coalition équilibré, car il améliore la situation de tous les habitants de Differdange. Il comprend des mesures pour les enfants, les jeunes, les seniors et les personnes dans le besoin. Il met l'homme au centre des préoccupations. Paulo Aguiar ne souhaite pas commenter le programme en détail, mais revenir sur certains points et notamment les enfants et les jeunes. Quand on parle des difficultés que rencontrent les jeunes, il faut mentionner l'emploi. Paulo Aguiar salue le fait que la commune continuera de recruter des jeunes à travers le contrat appui emploi et le contrat d'initiation emploi.

Le programme de coalition mentionne une stratégie de lutte contre le chômage. Dans ce contexte, la commune doit collaborer étroitement avec le Jobcenter et les entreprises locales. Le collège échevinal a-t-il déjà des détails?

Comme il l'a dit la dernière fois, Paulo Aguiar se réjouit du fait que l'assistante sociale qui s'est occupée du projet «Outreach Youth» soit recrutée.

Il est question du développement de l'offre en maisons des jeunes et de l'organisation d'activités pour les enfants et les jeunes. C'est une bonne chose.

Les conseils communaux des enfants et des jeunes seront poursui-

viser et net bis an de Koalitiounsprogramm gepackt hunn. Ech ginn an den Detail, wann déi Situatioun konkret gëtt.

D'Sécherheet an d'Mobilitéit sinn d'Stéifkanner am Koalitiounsprogramm. Ech vermessen e globaalt Verkéierskonzept fir eis Gemeng, wat mëttelfristeg ëmgesat gëtt. Ech hoffen, dass d'Koalitiounspartner sech bewusst sinn iwwert d'Sécherheetslag an eiser Gemeng. Zesumme mussen mir no Verbesserungen sichen, zum Wuel vun eise Bierger.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Altmeisch.

An den Här Aguiar Paulo, w.e.gl.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen.

Ech erlabe mir, kuerz zum Accord de coalition vun de Gréngen an der CSV Stellung ze huelen. Am groussen Ganzen denken ech, dass et en equilibréiert Ofkommen ass. Equilibréiert, well et verschidde Situatiounen vu sämtlechen Leit an der Gemeng verbessert. Et si Mesurë fir eis Kanner, fir déi Jonk, fir eis Senioren, fir eis sozial méi schwach Matbierger. Et gesäit een, dass deen heissen Accord ausgeschafft ginn ass mam Mënsch am Mëttelpunkt. An ech mengen, et ass och dat, wat eng Gemeng maache soll.

Ech wäert elo net dat ganz Ofkommen am Detail kommentéieren, mä well op verschidde Punkten zeréckkommen a géif mat de Kanner an der Jugend ufänken.

Wann ee vun de Jugendlechen a vun hire Schwiegerkeete schwätzt, denkt een direkt un Aarbecht. Ech kann natierlech nëmme begrëssen, dass d'Gemeng weider jonk Leit am Kader vum Contrat appui emploi a Contrat d'initiation emploi wäert astellen. An deem Kontext gëtt et schon eng genee Virstellung, wéivill et all Joer sinn, déi agestellt ginn.

Am Ofkommen gëtt vun der Entwécklung vun enger Strategie geschwat, fir lokal géint de Chômage ze kämpfen. An deem Kader ass et natierlech extrem wichteg, dass d'Gemeng enk mat eisem Jobcenter a mat eise lokalen Entreprises kollaboréiert.

Meng Fro un de Schäfferot: Gëtt et scho konkret Iddien, wéi esou eng Strategie kéint ausgesinn?

Ech hu schon déi leschte Kéier gesot, ech ka mech awer nëmme widderhuelen: Ech freeë mech aussergewöhnlech, dass mir de Projet Outreach youth work net nëmme weider féieren, mä de Streetworker, dee sech ëm de Prjet gekëmmert huet, agestellt gëtt. Dat ass mat Sécherheet dee richteg Wee, fir de Jonken ze hëllefen, ob se scho schaffen oder nach an d'Schoul ginn.

D'Ofkommen schwätzt vum Developpement vun der Offer an de Jugendhaiser souwéi vun der Organisatioun vun de Fräizäitaktivitéiten fir Kanner a Jugendlecher. Dat kann een nëmme begrëssen.

De Kannergemengerot an der Jugendgemengerot gi weidergefouert. Dat ass eng gutt Saach. Well et ass wichteg, dass d'Kanner fréi ufänken, sech fir d'Politik ze interesséieren a virun allem, dass se och gesinn, dass se duerch hir Participatioun konkret Saachen an hirer Gemeng an an hirem Alldag änneren a verbessere kënnen.

Wann ee vu Jugendlechen schwätzt, kënn net nëmme de Chômage, mä och en anert Thema ëmmer erëm zur Diskussioun, dat sinn d'Logementen.

Mir hunn am Accord Mesurë virgesinn, déi een nëmme positiv bewäerte kann. Fir der elo e puer ze nennen, d'Aarbecht vun der Agence Immobilière Sociale Kordall gëtt weidergefouert. Dat heescht, déi wäert weider als Intermediaire déngen tëschent Propriétaires, déi en eidelt Logement hunn, a sozial schwache Leit, déi eng Wunneng oder en Haus brauchen zu engem abordabele Präis. D'AIS Kordall huet an der leschte Joren interessant Resultater erreecht. Ech denken awer, dass am Fall, wou esou Mesuren net géifen duergoen, ee muss no anere Méiglechkeeten sichen. Et kann een déi Situatioun, déi mer hautdesdaags an eisem Land hunn, net méi toleréieren, dass verschidde Propriétaires

2. Programme de coalition

ren hir Wunnengen heiansdo jorelaang eidel stoe loossen. Do soll een dann, an d'Ofkommen gesäit dat vir, un eng Tax denken.

Datt de Logement eng Prioritéit ass, erkennt een och dorunner, datt e Service communal de logement soll gegrennt ginn. Gëtt et eng präzise Virstellung, wat deem Service seng Aarbecht wäert sinn?

Il y a un autre point qui me tient à cœur, je profite pour parler en français, c'est la diversité culturelle et la cohésion sociale. J'ai eu l'occasion de dire dans ce lieu que je crois que nous disposons déjà de beaucoup d'instruments favorisant l'intégration et la cohésion sociale. Il faut assurer que la population a accès à l'information en la mettant à disposition dans un langage simple et en plusieurs langues. Et quand je dis « plusieurs langues », je me réjouis d'avoir vu, que dans l'accord de coalition, il est aussi question de la langue des signes. Car quand on parle de la cohésion sociale, on ne fait pas seulement allusion à notre population étrangère, mais aussi à nos concitoyens à besoins spécifiques.

Une autre mesure, qui attire mon attention, est celle du parrainage aux nouveaux citoyens. Je pense qu'il peut s'agir d'un outil intéressant pour aider les nouveaux arrivants à se familiariser rapidement avec leur nouvel environnement. Est-il déjà prévu de lancer un appel à la population pour trouver un tel parrain?

J'ai mentionné, il y a quelques secondes, nos concitoyens à besoins spécifiques, quels que soient leurs besoins. Il est le devoir de la commune de permettre à tous ces citoyens d'accéder aux services qu'elle propose.

L'accord de coalition prévoit de faciliter l'accessibilité aux infrastructures publiques et aux offres touristiques, au transport en commun, entre autres. Je pense que dans tous ces domaines il reste du pain sur la planche, et je suis convaincu que le collège échevinal en fera une de ces grandes priorités.

Je passerai maintenant au dernier point, l'égalité des chances. La commune a signé la charte égalité des chances entre femmes et hommes le 3 mars 2010. Le plan d'action intervient pour toute une

série de mesures de court et à long terme.

Il est dit dans ce cadre de la coalition entre Déi Gréng et CSV que certaines mesures interviennent à différents niveaux. C'est pour ça qu'il est important de thématiser la collaboration avec le Service égalité des femmes et des hommes, et en ce qui concerne l'égalité entre femmes et hommes, de veiller à que ça se déroule avec une transparence dans tous nos services communaux. Il faut veiller également à une répartition équilibrée des emplois, ainsi qu'à une évolution de la structure des postes. Et nous veillerons à ce que chaque fonctionnaire, employé et ouvrier puisse concilier également la vie familiale et professionnelle. C'est également une de nos priorités.

Avec toutes ces mesures établies dans le cadre de la coalition entre Déi Gréng et CSV, nous mettons en place différentes campagnes de sensibilisation contre les discriminations et les violences homophobes et une politique en faveur de l'égalité.

Merci de m'avoir écouté.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar.

Ech géif ganz kuerz op verschidde konkret Froen äntweren, déi gestallt gi sinn. Fir d'éischt villmools Merci fir déi flott Ureegungen. An och fir de Koalitiounsprogramm, well ech hunn et esou verstanen, datt mer do net um falsche Wee sinn. Wat mech och gewonnert hätt. Well et am Fong geholl eng Kontinuitéit ass vun deem, wat an de leschte Joren hei an der Gemeng geschitt ass. Dofir e grousse Merci.

An och Merci fir déi Ënnerstëtzung, fir dee Koalitiounsaccord ëmzesetzen. Plus natierlech Är konstruktiv Iddien, déi Déifferdeng wäerten no vir bréngen. Ech sinn do wierklech op. An ech mengen, mir alleguerten heibanne sinn dofir op, fir datt et dann och esou geschitt.

E puer vun Iech hu gemengt, verschidde Saache wieren net esou kloer am Koalitiounsaccord. Mä eppes ass kloer: verschidde Problemer hu mer erkannt. A

vis. C'est important, car les enfants doivent s'intéresser à la politique et voir qu'ils peuvent améliorer les choses dans leur commune.

L'autre thème important concernant les jeunes est celui des logements. Paulo Aguiar rappelle que l'agence immobilière sociale du Kordall sert d'intermédiaire entre les propriétaires de logements vides et personnes dans le besoin recherchant une habitation. Si les mesures actuelles ne suffisaient pas, il faudrait penser à introduire une taxe, car il est intolérable que certains propriétaires gardent leurs maisons vides pendant des années.

La majorité va créer un service du logement. Quelles seront ses tâches? Pour ce qui est de l'intégration, la commune propose déjà de nombreux instruments. Il faut juste s'assurer qu'ils seront mis à disposition de la population dans un langage simple et en plusieurs langues. Le programme de coalition fait même allusion au langage des signes. C'est important, car l'intégration concerne aussi les citoyens aux besoins spécifiques.

Le parrainage aux nouveaux citoyens va aider les nouveaux arrivants à se familiariser avec leur nouvel environnement.

Pour ce qui est des citoyens aux besoins spécifiques, la commune doit leur permettre de profiter des services qu'elle propose en facilitant l'accès aux infrastructures publiques, aux offres touristiques, aux transports en commun, etc. Dans tous ces domaines, il reste du pain sur la planche.

En ce qui concerne la charte à l'égalité des chances, le plan d'action prévoit des mesures à court et à long terme. Il faut veiller à ce que l'égalité des chances entre hommes et femmes soit appliquée dans les services communaux. Par ailleurs, chaque fonctionnaire et employé communal doit pouvoir concilier vie professionnelle et vie familiale. Des campagnes de sensibilisation sont prévues contre les discriminations et les violences homophobes et en faveur de l'égalité.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) remercie les conseillers communaux pour leurs commentaires. Il a l'impression que le collège échevinal est

2. Programme de coalition

sur la bonne voie. D'ailleurs, son programme est un programme de la continuité. Roberto Traversini remercie le conseil communal pour ses idées constructives qui feront avancer Differdange.

Certains se sont plaints que tout n'est pas clair dans le programme de coalition. Ce qui est sûr, c'est que la majorité a reconnu les problèmes et qu'elle a compris qu'il faut emprunter une nouvelle voie.

M. Diderich, par exemple, a abordé la question des enfants malades. Le problème existe. Une mesure est proposée, mais il y en a d'autres. Le conseil communal devra décider dans ce cas-ci, mais aussi dans d'autres cas, quelle voie est la meilleure pour Differdange.

Le fait que le collège échevinal n'ait pas répondu à tout montre qu'il existe une marge de manœuvre. La discussion avec le conseil communal, les commissions et les citoyens est possible. L'accord de coalition n'est pas un dictat. Certains points sont concrets; d'autres ne seront peut-être pas réalisés si les experts ou les conseillers communaux convainquent le collège échevinal du contraire. En tout cas, le programme montre clairement dans quelle direction la coalition veut aller: Differdange doit être attractive pour y vivre, pour y travailler et pour profiter de la nature.

Roberto Traversini est surpris d'entendre que le programme de coalition ne correspond pas aux programmes électoraux. Les deux programmes électoraux ont été repris ligne par ligne. Les seules parties supprimées sont celles qui étaient complémentaires. Les conseillers communaux peuvent-ils montrer ce qui manque? La raison pour laquelle les deux partis ont trouvé un accord rapidement est qu'ils étaient du même avis sur presque tout. La coopération durait depuis plusieurs années.

Roberto Traversini s'étonne que les conseillers communaux découvrent aujourd'hui l'importance des logements sociaux. Il est impatient de présenter les projets et de voir la réaction des partis politiques lorsque trois résidents réclameront. Au cours des dernières années, un parti en particulier n'a cessé de critiquer le collège échevinal sur ce

bei verschiddene Problemer muss gekuckt ginn, wéi eng Weeër mer huelen.

E ganz einfacht Beispill: Wann d'Kanner krank sinn doheem: den Här Diderich huet ganz kloer gesot, do gëtt et eppes. Mä et gëtt net nëmmen dat. Et gëtt e puer Saachen, wat een do ka maachen. An dat soll matenee beschwat ginn. Mä et ass schonn emol erkannt. An elo muss eng Léisung fonnt ginn, dat musse mer zesumme kucken.

An da kënnt bei verschiddene Saachen eraus, datt e Problem do ass, wou et am Moment zwee, dräi Weeër gëtt, oder véier. Do musse mer zesumme kucken, wat déi beschte Saach fir eis Stad ass.

Effektiv hu mer net op alles eng Äntwert. Dat ass en Zeechen, datt nach vill Spillraum besteet. A wat mer wëlle mateneen, mat de Kommissiounen, mat Iech heibannen a mat de Bierger a Biergerinnen diskutéieren. Soss wier et jo am Fong geholl kee Koalitiounsaccord. Soss wier et een Diktat, wat déi eeel Leit op dëser Säit wélten duerchféieren. Mä dat ass et net. Et si Weeër, déi mer opzeechnen.

Et si méi konkret Saachen dran, well d'Visioun eben esouwäit ass, datt ee ka soen: „Dat do ass et“. An et si Saachen dran, déi mer wahrscheinlech net wäerte maachen, wa mer iwwerzeegt gi si vun Experten, oder vun Iech heibannen, Här Altmeisch, datt dat da vläicht net dat Richtegt wär. Mä et ass awer dat, wat mer wëlle weisen. An ech mengen, datt dëse Koalitiounsprogramm ganz kloer weist, wou dës Stad wëll hi goen. Dës Stad am Süde wëll weiderhi ganz attraktiv sinn, fir ze wunnen, fir schaffen ze kommen a fir d'Natur ze genéissen. An zwar, wou jidderee sech wuel fillt.

Wat mech e bësse wonnert, ass, wa gesot gëtt, et wier net dat, wat déi verschidde Parteien am Programm haten. Dat kann net sinn. Well mer hu keen ee Saz vun deenen zwee Programmer erausgeholl. De Koalitiounsprogramm ass genau dat, wat an deenen zwee Programmer stoung, déi mer de Bierger an de Biergerinne ginn hunn. Do ass näischt gestrach ginn, op kenge vun deenen zwou Säiten. Au contraire, verschidde Saache si vläicht gestrach ginn, well se complémentaire waren. Mä ech wëll wëssen: „Weist mer, wou dat steet.“

Ech hunn d'Nouvelle kritt, dass en ukomm ass. Ech kann Iech en herno ausdeelen, mat de Fotoen. Da kënnt Der mer soen, wou dat steet.

Mä ech ka mer net virstellen, datt eppes gestrach gi war. Dofir ware mer eis och ganz schnell eens, well mer verschidde Saachen net hu bräichte weider ze diskutéieren. Awer och, wéi richteg gesot ginn ass, well mer déi lescht Jore schonn zesumme geschafft hunn. Dofir war et dann och ech e bësse méi einfach.

Sozialwunnengen: ech ka mech just wonneren, datt mer op eemol alleguerte ronderëm den Dësch mierken, wéi wichtig dat ass. Ech fannen et flott. An et wäert mech dann och freeën, wa mer déi verschidde Projeten hei virstellen, wou deelweis vläicht Spillplaze musse getosch ginn, oder de Projet Ouschterbuer, wann dann och d'selwecht diskutéiert gëtt. An net op eemol, wann dräi Leit meckeren, dann op eemol ëmkippen.

Dat war an deene leschte véier Joer awer oft de Fall, datt, soubal mer Wunnprojeten haten, eng Partei op eis geschloen huet, dat wier net dat Richtegt. An elo ass et dann déiselwecht Partei, déi haut seet, mir sollen dat maachen. Ech sinn op alle Fall frou driwwer, datt d'Leit bäiléieren, datt se agesinn hunn, datt mer vläicht net alles falsch gemaach hunn.

D'Taxe sinn ugeschwat ginn. Ech hunn et schonn d'leschte Kéier gesot: „Mir wäerten d'Taxen net dëst Joer upassen, well mer wëllen an de Kommissiounen driwwer schwätzen. Sief et an der Ëmweltkommissioun, sief et an der Finanzkommissioun. Mir wäerten d'Taxen upassen“.

Wann ee mengt, an den nächste sechs Joer géifen d'Taxen net erhéicht ginn, ass dat falsch, Här Ruckert. An ech sot dat och scho virun de Wahlen. D'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer wäerte mer d'Taxen upassen. Dat ass glaskloer. Ech brauch mech do net ze verstoppen. Dat ass dat, wat mer wëllen. An et ass iwwregens och dat, wat d'Gesetz virgesäit. Wéivill a wéi, an déi 20 Liter stinn net dran. Mä, wéi gesot, ech hunn et ausgerechent, ech hunn absolut kee Problem, wann herno en Accord besteet, e bësse Waasser fir näischt ze ginn. Et ass net dat, wat de Leit, déi am Besoin sinn,

2. Programme de coalition

wäert hëllef. Mä de ganze Schäfferot ass fir alles op.

D'Flüchtlingen: dat ass och ugeschwat ginn. Mir wäerte weider Strukture schaffen fir all Mënsch, deem et net gutt geet.

Dir hutt vun zwou Zorte vu Flüchtlinge geschwat. Dat ass ganz richtig. Déi eng, wou de Statut hunn: déi hu souwisou déiselwecht Rechter wéi all Bierger aus dem Land. Dat heescht, déi hunn den RMG zegutt, déi hunn all Sozialhëllef zegutt. An dann déi aner, déi en nach net hunn, déi drop waarden. Do mengen ech, datt een deene weider muss Plaz maachen, fir datt si och adequat kënnen wunnen. Déi zwou Saache si wichteg.

(Ënnerbriechung)

Jo, selbstverständlech. Eng flott Mixitéit.

Et ass vun 30.000, 35.000-Awunnergemeng geschwat ginn. Ech wëll Iech just soen: „Well mer net méi esou schnell wëlle wuessen, hu mer den 1. Oktober 2014, deen Datum verhalen ech, e wichtigen Datum, schonn eppes gemaach mam Schutz vun den Eefamilljenhaiser“. Doduerch hu mer schonn eng kleng Brems ageluecht.

Et ass och dowéinst, zënter dräi, véier Joer, dass mer all Terrain kaf hunn, dee mer nëmme konnte kafen, natierlech zu engem räsonabele Präis, well mer der Meenung sinn, wat virun net war, viru véier Joer, datt, wann d'Gemeng den Terrain huet, d'Gemeng kann decidéieren, wat drop kënnt, a wéini eppes drop kënnt. Datt een do eng kleng Steierung huet.

An ech soen Iech – mir sinn haut bei 26.200 an e puer Awunner –, datt mer net méi esou wäerte wuesse wéi déi lescht Joren. Natierlech hu mer e Matendall, natierlech hu mer nach de Plateau du funiculaire, wou weidergeschafft gëtt. Mä ech mengen, et wäert awer nach e Strapp daueren, bis mer op 35.000 Awunner sinn. Mir sollen eis deem net verschléissen. Mä ech mengen, wa mer op deem Chiffer sinn, wäert kee méi vun Iech, an ech och net, hei am Gemengerot sinn.

A jiddereen heibannen ass jo géint eng Erweiterung vum PAG, dann hu mer jo net méi vill. Da bleiwen d'Baulücken.

Da kucke mer, ob mer eis eens ginn, drop ze bauen oder net. Dat gesi mer. Mä mir wäerten awer net sou schnell zu enger 35.000-Awunnergemeng ginn.

Dat ass souwisou net eist Zil. Ech mengen, mir sollten eis déi nächst 100, 150 Joer Zäit huelen, fir op dee Chiffer do ze kommen. Well, wéi Der ganz richtig gesot hutt, mir müssen hannendru kommen mat de Schoulen, mat de Maisons relaisen, mat de Strukturen, mat de Sportsinfrastrukturen. Do hutt Der Recht. Mir sinn amgaangen, drun ze schaffen. An déi Visioun stinn och ganz kloer am Koalitiounsaccord.

D'Elektromobilitéit ass ugeschwat ginn. Natierlech huet déi Nodeeler. Dir hutt do net Onrecht, datt een och muss kucken, wou déi produzéiert gëtt, wéi iwwerengs alles, wat eng Gemeng keeft. Sief et an de Kantinnen, sief et d'Produkt, déi mir brauchen, fir ze funktionnéieren. Bei allem musse mer kucken, wou et produzéiert gëtt, wéini et produzéiert gëtt, a vu weem et produzéiert gëtt, a wéi den Transport ass.

Da kréie mer natierlech och aner Präisser. Dat hutt Der ganz genau gemierkt, wéi mer extrem eropgaange si mam Budget, wou mer riseg Efforte maachen an der Qualitéit vun deem, wat eis Kanner iessen. Datt mer vill méi ausginn, wéi mer vum Ministère erëmkréien, well dat eis extrem wichteg ass. Déi Fro vun der Nohaltegkeet, déi Fro, wou d'Saache produzéiert ginn, muss sech eng Gemeng bei allem stellen. An d'Gemeng soll och do, wann et méi deier gëtt, Virbild sinn. Soss kënnen mer kengem de Fanger weisen, wa mir et selwer net maachen. Do hutt Der vollkomme Recht.

Den Här Aguiar hat zwou, dräi Froen gestallt. Mir sinn amgaangen, Kontakt mat de Patronen an de Betriber hei an der Gemeng opzehuelen. Mir wäerten eis an den nächste Woche gesinn, wou mer se froen, wéi mer se kënnen ënnerstëtzen. Vlächte andeems hinnen d'administrativ Aarbecht ofgeholll gëtt a vun engem Jobcenter iwwerholll gëtt, wa se Léierbouwen oder Léiermeederchen astellen. Well et ass haut net méi esou einfach, e Léierbouf oder e Léiermeederchen anzustellen. Dat ass mat vill administrativem Opwand verbonnen. An an der Privatwirtschaft gëtt méi drop opgepasst wéi bei der Gemeng, well d'Ren-

point. Et voilà que maintenant, ce même parti défend les logements sociaux. Roberto Traversini est content de voir que ces conseillers communaux sont capables d'appréhender.

Pour ce qui est des taxes, il a déjà dit qu'elles seraient adaptées, mais pas cette année parce qu'elles seront débattues au sein de la commission de l'environnement et de la commission des finances. Il n'a pas peur de le dire avant les élections. Augmenter les taxes est le souhait de la majorité et c'est ce que prévoit aussi la loi. Roberto Traversini n'est pas contraire à l'idée d'offrir quelques litres d'eau, mais ce n'est pas ce qui sauvera les personnes dans le besoin.

Il existe deux sortes de réfugiés: ceux qui en ont le statut et qui bénéficient des mêmes droits que les autres citoyens, et ceux en attente de ce statut. Il faut des structures pour tous.

(Interruption)

Il a été question de 35 000 habitants. Comme ce n'est pas ce que veut le collège échevinal, les maisons unifamiliales ont été protégées le 1er octobre 2014. Depuis quelques années, la commune acquiert aussi beaucoup de terrains, car cela lui permet de décider quoi en faire.

Aujourd'hui, la population se monte à 26 200 habitants. Roberto Traversini est convaincu que la croissance va ralentir. Le jour, où elle atteindra les 35 000 unités, les membres actuels du conseil communal ne seront plus là. En plus, tous les conseillers communaux sont contraires à un élargissement du PAG. Il ne reste donc plus beaucoup de place. Roberto Traversini pense que Differdange doit se laisser quelque 100 ou 150 ans avant d'atteindre 35 000 habitants. Car la croissance de la population augmente aussi les besoins en écoles, maisons relais et infrastructures sportives.

Il est clair que l'électromobilité a des inconvénients. Peu importe ce qu'achète une commune, elle doit toujours en vérifier la provenance, le producteur et le transport nécessaire. Mais cela a un prix. C'est pourquoi le budget alloué à la cantine scolaire a nettement augmenté.

3. Projets communaux

La commune se doit de donner l'exemple. Autrement, elle ne peut pas montrer du doigt ceux qui ne le font pas.

M. Aguiar a posé une question concernant l'emploi. Le collègue échevinal va contacter les patrons d'entreprises pour voir comment les soutenir. Une idée consiste à faire réaliser une partie de leur travail administratif par le Jobcenter lorsqu'ils recrutent des apprentis. C'est important, car dans le privé, la rentabilité compte plus que dans le public.

Pour ce qui est des parrainages, M. Aguiar est président de la commission de l'intégration. Il n'a qu'à faire une proposition sur la façon dont il faut s'y prendre.

Roberto Traversini répète que la discussion a été intéressante. Personne n'a claqué la porte. De toute façon, le programme ne pourra être réalisé qu'en collaboration avec l'opposition. Le programme de coalition n'est pas une bible, mais une directive. Les conseillers communaux peuvent montrer du doigt les points avec lesquels ils ne sont pas d'accord.

S'il n'y a pas de questions, Roberto Traversini suggère de passer au point suivant. Il ne voit pas de raison de soumettre ce point au vote. Il propose d'aller chercher l'accord de coalition dans son bureau et de le distribuer.

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle que grâce au travail réalisé par la commune, Differdange est «European City of Sport». Lors de la présentation du budget, le bourgmestre avait promis un programme. Comme 12 mois passent vite, Fred Bertinelli voudrait savoir quand les discussions auront lieu.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que le collègue échevinal a rencontré les premiers clubs sportifs samedi dernier. D'autres rencontres suivront. La commune veut en effet inclure les clubs dans la planification. L'aide ne doit pas forcément être financière. Elle peut aussi être logistique. En tout cas, le programme sera présenté avant ou après Pâques. Des rencontres sont aussi prévues avec plusieurs fédérations.

tabilité muss stëmmen. Sou datt eng Gemeng géif soen: „Kommt, mir iwwerhuelen deen Deel“. Dat ass amgaangen, gekuckt ze ginn. Doru si mer amgaangen ze schaffen.

An e Parrain ze fannen: ech mengen, Dir sidd President vun der Integratiounskommissioun. Schlot eis vir, wéi mer et solle maachen, an dann ass et deen aneren Dag gemaach, Här Aguiar. Dat ass absolut kee Problem.

Mä ech widderhuelen et nach eng Kéier: „Ech fannen, datt et e flott Gespréich war, flott Iddien, flott Ureegungen“. Jiddereen huet Dieren opgemaach. Et ass keen do, deen eng Dier zougeklaakt hu et. Au contraire. Et sinn Iddie komm.

De Fanger ass och gewise ginn. Mat Recht. Mir kënnen net alles esou kucken. Pabeier ass gedëlleg. Mir all si gefuerdert, déi eelef op dëser Säit wéi déi aacht op där anerer Säit. Well nëmme mat enger propperer a gudder Oppositionspolitik kréie mer dee Programm realiséiert. A sot eis, weist eis all Kéiers drop hin, wann eppes gemaach gëtt, wat soll aneschters gemaach ginn oder net gemaach ginn, wat am Koalitiounsaccord steet. Et ass keng Bibel. Mä et ass awer eng Richtlinn, un déi ee sech hale soll. Mir hunn eng Verpflichtung vis-à-vis vun de Bierger a Biergerinnen. An et ass wichteg, dat mir allen 19 dru schaffen, fir dat dann och ze realiséieren.

Wann elo keng Froe méi dozou sinn, géife mer zum nächste Punkt kommen. Ech gesi kee Grond, dat heiten zum Vote ze bréngen. Et war e flotte Bäitrag zu der Gestaltung vun der Gemeng bis 2023. An ech ginn de Koalitiounsaccord ganz gären a mäi Büro sichen an deelen Iech en aus.
Jo, Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech hätt nach eng kleng Fro.

Well mer esou gutt geschafft hunn, si mir 2018 City of sport ginn. An Dir hat eis an Ärer Presentatioun vum Budget gesot, datt mer géifen e Programm virgestallt kréien. Ech weess, wéi schnell zwielef Méint kënnen eriwwer sinn. Duerfir wollt ech nach eng Kéier froen, wéini mer dee Programm ongeféier géife

kréien an eng Diskussioun féieren iwwert de Programm fir dat Joer.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Bertinelli. Dat ass amgaangen, ausgeschafft ze ginn. De leschte Samschdeg hu mer déi éischt Sportsveräiner aus eiser Gemeng getraff. Dat waren der ganz vill. An dëse Samschdeg treffe mer se nach eng Kéier, vu moies bis mëttes. Mir wëllen d'Veräiner mat abezéien. Net nëmme fir d'Joer 2018, mä doriwwer eraus.

Well Dir hutt ganz richtig gesot: „Et muss net ëmmer mat Geld gehollef ginn, an der Logistik kann een och hëllefen“. Mir wäerten e Programm virstellen.

Eis schwieft vir, op alle Fall dem Aarbechtsgrupp, deen am Moment dorunner schafft, datt mer dee ganze Programm entweder virun oder no der Ouschtervakanz presentéieren. An da géif et awer net nëmme bis 2018 goen, mä wahrscheinlech doriwwer eraus. Et stinn och nach verschidde Versammlungen mat Federatiounen un, well déi och extrem gutt Iddien hunn, déi Déifferdeng wëllen ënnerstëtzen.

Da géife mer zum drëtten Punkt kommen. Et ass um Här Ulveling, wann e startbereet ass. Et geet am Fong gehollëm d'Trottoiren, de Reprofilage. Wëllt Der dozou e puer Erklärungen ginn, Här Ulveling?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat eent ass en Devis, fir d'Trottoiren nei ze maache fir 240.000 Euro am Laf vum ganze Joer.

An dat anert ass – ech mengen, mir kënnen déi zwee Punkte mateneen huelen – de Reprofilage vun de Stroossen, wou mer 300.000 Euro virgesinn hunn.

Dat ass esou virgesi bei den Trottoiren, dass am Beräich Chantier vu Sudgaz d'Trottoire mussen nei gemaach ginn. Och ausserhalb, wa mer Tranchéee maachen, mussen d'Trottoiren nei gemaach ginn. Mir wäerten eng Prioritéit

3. Projets communaux

telëscht opstelle vun deenen, déi futti sinn a gefléckt musse ginn, wou d'Leit riskéieren ze falen.

Dat anert ass de Reprofilage vun de Stroossen. Do sinn haaptsächlech déi Chantiere mat Sudgaz virgesinn. Dat ass d'Cité Breitfeld, d'rue de la Montagne an d'avenue Charlotte, vun der Barrière bis bei de Contournement, an d'rue de la Chapelle. Do, wou, wéi gesot, dëst Joer Sudgaz wäert aktiv ginn.

An do musse mer natierlech eisen Deel bäidroen. Dat gesot, dat sinn also zwee Sammelposten, wou mer kënnen Aarbechten un den Trottoire sou wéi un de Stroossen duerchféieren. An ech géif Iech bieden, déi ze ënnerstëtzen an och ze stëmmen, w.e.gl.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Et ass just duergaangen, fir de Koalitionsprogramm sichen ze goen, Här Ulveling.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eng Fro.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ganz gären, Här Bertinelli, Dir hutt d'Wuert.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eng Fro un den Här Ulveling. Mir haten d'lescht Joer geschwat – ech weess, vu wat ech schwätzen – mam Här Sing-Loon, deen zoustänneg war fir alleguerten eis Trottoire, alles, wat Mobilité réduite ass, wat Rollstill ubelaangt, iwwert alles, wat mer an eise Zentrum geschafft hunn, an dass op verschiddene Plaze Leit mat Rollstill Problemer hätten, d'Trottoire erof an erop ze kommen.

An deem Kader wollt ech den Här Ulveling, well Dir d'Trottoire jo traitéiert, froen, well jo hei och e Budget ass: Dir

wäert jo och mussen op déi eng oder aner Säit kucken, datt ee mam Rollstill iwwerall hi kënnt. Well dat awer wichteg ass. Esou Saache ginn ëmmer gär vergiess. Dofir wollt ech drop opmierksam maachen, datt déi Saachen awer solle gekuckt ginn.

Well ech weess, datt mer en Optrag ginn haten un eis Servicer, fir dat ze kucken a fir eng Oplëschung ze maachen, wou der sinn, a wou der nach géife feelen. A vu que datt iwwerall, an zemools am Zentrum, op ville Plazen nei Trottoire kommen, datt een dat awer net an deem Kader vergësst.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Ech wëll Iech just soen: „Nodeems mer d'Koalition stoen haten, war dat deen éischten Optrag”.

Den Här Liesch kritt d'Wuert, hie seet Iech souguer, wéivill Trottoire et de Moment sinn. An haalt Iech gutt un. Da wäert Der erfëieren, wéivill dat der nach sinn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Lo leet Der d'Lat awer héich, well ech weess déi Zuelen net. Et sinn der ganz vill.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et sinn der bal 400.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mir hunn effektiv, wéi den Här Buergermeeschter sot, direkt un deem Dossier geschafft. Mir hate schonn zwou Reunione mam Aarbechtsgrupp, fir déi Lëscht ze kompletéieren.

An an engems – wat mer jo och gesot haten, am Budget sti jo relativ vill Suen dran –, fir d'Foussgängerweeër ze belichten. Mam Schwéierpunkt natierlech op dem séchere Schoulwee, well mer jo

Roberto Traversini passe au point 3, le reprofilage des trottoirs.

TOM ULVELING (CSV) commence par un devis de 240 000 € pour refaire les trottoirs sur une année. Le reprofilage des rues couvrira, quant à lui, 300 000 €.

Les trottoirs doivent être réaménagés près du chantier de Sudgaz. Le collègue échevinal dressera une liste des trottoirs à refaire.

Le reprofilage concerne aussi les chantiers de Sudgaz dans la cité Breitfeld, la rue de la Montagne, la rue de la Chapelle et l'avenue Charlotte de la barrière au contournement.

Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver les devis.

FRED BERTINELLI (LSAP) signale que l'année dernière, il a discuté avec M. Sing-Loon, qui est responsable de tout ce qui concerne la mobilité réduite. À certains endroits, il est difficile de monter sur les trottoirs ou d'en descendre en fauteuil roulant. M. Ulveling va donc être obligé d'agir. Fred Bertinelli ne voudrait pas que ce point soit oublié. Les services communaux ont été chargés de dresser une liste.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) réplique que c'est la première chose dont s'est occupée la coalition. M. Liesch sait même de combien de trottoirs il s'agit exactement.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) constate que le bourgmestre a placé la barre trop haut. Il ne connaît pas les chiffres.

3. Projets communaux / 4. PAG et PAP

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

précise qu'il y en a près de 400.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

ajoute que deux réunions du groupe de travail ont eu lieu. Le budget prévoit aussi des fonds pour éclairer les passages pour piétons. Mais tous les travaux ne pourront pas être réalisés en un an.

La commune vérifie tous les trottoirs pour voir s'ils sont adaptés aux écoliers, s'ils sont éclairés et s'ils sont utilisables par les personnes handicapées.

De toute façon, M. Bertinelli sait mieux que quiconque qu'il faudra plusieurs années pour réaliser tous les travaux.

GUY TEMPELS (CSV)

a une question concernant les bouches d'égout. Il ne sait pas si cela fait partie des trottoirs.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'il peut poser sa question à M. Ulveling.

GUY TEMPELS (CSV)

a constaté que certaines bouches d'égout ne fonctionnent plus. Il ne sait pas qui est censé s'en occuper. Il suppose que les services communaux entretiennent les routes communales. Il ne voudrait pas que les caves des habitants soient inondées.

TOM ULVELING (CSV)

lui demande de le prévenir lorsqu'il voit de telles bouches d'égout. Les services communaux disposent de l'équipement qu'il faut.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé au PAG. Il signale que le document n'est pas encore fini, mais il espère qu'il sera soumis au vote le 19 juillet.

net alles an engem Joer packen. Dat leeft.

Mir kucken all Trottoiren no, wéi Dir gesot hutt. Si se éischtens emol um séchere Schoulwee? Si se beliicht? Si se behënnterecht fir all déi Leit, déi dat brauchen? Doru schaffe mer.

Mä dat ass natierlech e Projet, dee wäert iwwer Jore goen. Dat packe mer net – mä dat wësst Dir besser wéi ech – an engem Joer. Mä et ass eppes, wouru geschafft gëtt, a wou ech hoffen, dass een dann all Joer ëmmer gesäit, wat fir eng Stécker realiséiert goufen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Mir fueren do weider, wou mer ugefaangen haten. Da géife mer déi zwou Saachen zum Vote huelen. Ah, Pardon, ech hat Iech vergiess, Här ...

GUY TEMPELS (CSV):

Et ass näischt geschitt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

GUY TEMPELS (CSV):

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just kuerz zu den Trottoire soen: „Do ass nach eppes anescht ze gesinn“. Ech weess net, ob dat dozou gehéiert. D'Gullien, déi bei den Trottoire sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, dat ass och den Här Ulveling.

GUY TEMPELS (CSV):

Op ville Plazen, deelweis och op de Statsstroossen, gesäit een, dass d'Gullien net zou sinn oder deelweis net méi funktionnéieren. Ween ass dofir zustänneg? Ech weess, an der Zäit hunn eis Gemengeservicer d'Gemengestroosse gemaach. Ech weess net. Ginn déi nach ëmmer gemaach? An dann elo eben

d'Statsstroossen: op ville Plaze si se zou. Net, dass d'Leit Waasser an de Keller kréien.

Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wann esou Gullie sinn, mellet eis se, da ginn ech dat virun un eis Servicer, dass déi eng Kéier spulle ginn. Mir si jo dofir equipéiert. Ech mengen, dat wäert kee Problem sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer déi zwee zum Vote ginn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à l'entretien des trottoirs.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif au reprofilage de diverses rues.

Dann zum véierte Punkt, niewent deem, wat mer elo hannert eis bruecht hunn an zwou an enger hallwer Stonn, och eppes extrem Wichteges fir eis Stad: dat ass eise PAG. E PAG, dee mer am Fong geholl nach net fäerdeg ausgeschafft hunn. Wou ech awer hoffen, a mir all heibannen, datt en den 19. Juli ka gestëmmt ginn. Dat ass dann déi lescht Sitzung virun der grousser Vakanz. Mir schaffen op alle Fall drun. Dat gëtt och e groussen Aschnëtt.

Ech kéint am Fong geholl zwee Leit heifir d'Wuert ginn, vu que datt den Här Liesch elo dee Ressort iwwerholl huet. An ech sinn iwwerzeegt, dass den Här Muller duerno direkt d'Wuert wäert froen, fir op dat Ganzt anzegoen.

Ech wäert e bëssen d'Prozedur erklären, wéi ech mer dat elo virgestallt hunn, fir datt mer weiderkommen. Ech géif déi zwou Saachen trennen. Dat heescht, dat éischt, déi Saisine, déi mer virun e puer

Méint gemaach hunn, an déi 65 Reklamatiounen, déi erakomm sinn, géife mer beschwätzen an eenzel ofstëmmen. Ech wier frou, wa mer iwwert déi 65 Reklamatioune kéinten eenzel ofstëmmen. An duerno géife mer den Avis vun der Commission d'aménagement huelen. Dir hutt dat alles an Ärem Dossier.

Ech hu mer dat erausschreiwe gelooss. Do gëtt et dräi Proposen. An déi dräi Propose géif ech virschloen, en bloc ofzestëmmen. Den Här Liesch wäert dat erklären. Am Fong geholl kënnen d'Leit just nach beim Minister intervenéieren. Dee gesäit dat anescht. Mir gesinn dat, mengen ech, awer dës Kéier méi richtig wéi hien.

Fir d'éischt iwwert d'Saisine, an dann den Avis vun der Kommissioun. Ech géif dann d'Diskussioun opmaachen.

Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Dat ass effektiv en Dossier, deem ech vum viregte Bauteschaffen, dem Erny Muller, iwwerholl hunn, deem dës Prozedur an d'Weeër geleet huet a vill un dësem Dossier geschafft huet. Ech muss soen, dass ech net méi vill Aarbecht hat, eis Servicer zwar wuel, mä déi haten déi och virdrun. De Gros vun den Aarbechte war eigentlech gemaach.

Ech wëll nach eng Kéier drop agoen, firwat dës Prozedur iwwerhaupt declenchéiert gouf vum viregte Schäfferot, a firwat mer viru knapp dräi Joer heibanen decidéiert haten, d'Eefamilljenhaiser ze schützen. D'Promoteuren, déi an de Quartieren zu iwwerdeierte Präisser Eefamilljenhaiser kaf hunn a Residenzen opgebaut hunn, haten net nëmmen zu manner Liewensqualitéit vun de Quartiersawunner bäigedroen, mä eis och selwer als Gemeng viru Problemer gesat mat den Infrastrukturen. Dat hu mer gesinn duerch dee Wildwuchs, dee mer haten, deem net berechenbar, net steuerbar war, a wou een als Politik net konnt drop reagéieren.

Dat huet eis Recht ginn. Mir mierken haut, rezent – gëschter hunn ech nach zwee Beispiller gesinn –, dass an de Quartieren erëm Eefamilljenhaiser verkaf ginn u Familljen, an dat zu normale

Präisser, wat en Eefamilljenhaus wäert ass, an net zu iwwerhéichte Präisser. Déi Decisioun war also richtig, an ass haut confirméiert.

Dir als Gemengeconseillere gitt bestëmmt ëmmer erëm dobaussen drop ugeschwat, an och an de soziale Medien. Iwwerall héiere mer ëmmer erëm, dass et schued ass, dass an de besteeënde Quartieren an iwwerall eise Patrimoine, eis Haiser, déi e kulturellen oder historiesche Wäert hunn, verschwannen duerch Renovatiounsarbechten oder duerch aner Agrëffer, wou déi zerstéiert ginn. Dat war, mengen ech, ee vun den Ausléiser, firwat mer deemools am Schäfferot driwwer diskutéiert haten a gesot hunn, do misste mer eigentlech handeln. An eng Méiglechkeet, fir ze handeln, ass eben déi Modification ponctuelle vun eisem PAG, wou mer Saache kënne protegéieren.

Mir hunn natierlech zeréckgegraff op Experten, well mir si jo net déi, déi wëssen, ob en Haus wäertvoll ass oder net. Mir hu mat Sites et monuments zesumme geschafft, wéi och mat eisen eegenen Experten hei am Haus, mam Service technique, deem och ganz kompetent ass. Mir hunn den Tour gemaach vun allen Haiser a vun alle Fassaden. Et ass alles opgehol ginn. An domat ware mer eng éischte Kéier an de Gemengerot komm.

Ech ginn och nach eng Kéier kuerz op d'Prozedur an, well vläicht net jidderengem kloer ass, wéi een esou eng Modification PAG eigentlech ugeet. Mir hatten den 21. Juni d'lescht Joer déi éischt Saisine vum Gemengerot, wou mer also iwwert deem éischten Entwurf ofgestëmmt hunn. Doropshin ass de Schloss vum Gemengerot un d'Commission d'aménagement gaangen, den 29. Juni, knapp eng déck Woch méi spéit. Also am Delai, wéi dat an der Prozedur virgesinn ass.

D'Kommissioun huet da véier Méint Zäit, fir en Avis zu esou engem Schloss ze maachen. Dat huet se och agehalen. Den 23. Oktober, also just am Delai, hu mer dunn den Avis erëmkritt, op deem ech nach wäert agoen.

Parallell dozou hu mer als Gemeng de 27. Juni, also och knapps eng Woch nom Gemengerot, déi Saache publizéiert, ëffentlech gemaach. Den 10. Juli ha-

Il va céder la parole à M. Liesch qui a repris le dossier, mais se dit convaincu que M. Muller interviendra tout de suite après.

En attendant, il va présenter rapidement la procédure. Il propose de soumettre les 65 réclamations au vote séparément. Ensuite, il passera à l'avis de la Commission de l'aménagement. Les trois propositions pourront être votées ensemble.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique qu'il a repris le dossier de M. Muller. Il doit avouer qu'il n'a pas eu beaucoup de travail à faire. Le gros était fait.

Il revient sur les raisons de la procédure. Il y a trois ans, le conseil communal a décidé de protéger les maisons unifamiliales. Le fait que les promoteurs achetaient des maisons unifamiliales pour les remplacer par des résidences avait entraîné une baisse de la qualité de vie et posé des difficultés à la commune. Celle-ci ne pouvait que réagir face à une croissance incontrôlable.

La décision de protéger les maisons unifamiliales a été la bonne. Ces maisons peuvent à nouveau être achetées par des familles, et ce, à un prix raisonnable.

Ces questions sont souvent abordées sur les médias sociaux et il est probable que les conseillers communaux en entendent souvent parler. De nombreuses maisons à forte valeur historique ou culturelle avaient été détruites ou transformées. C'est pourquoi le collège échevinal avait décidé de prendre des mesures — notamment une modification du PAG.

Des experts des Sites et monuments et des services communaux sont allés voir les maisons et les façades. Ensuite, le collège échevinal a présenté les résultats au conseil communal.

Georges Liesch rappelle que le 21 juillet 2017, le conseil communal a voté une première version. Une semaine plus tard, la décision a été envoyée à la Commission d'aménagement. Celle-ci a quatre mois pour remettre un avis, ce qu'elle a fait le 23 octobre. Le 27 juin, la Ville de Differdange a publié sa décision et le 10 juillet a eu lieu une réunion d'information publique. À cette occasion, M. Muller avait demandé

aux gens d'aller poser leurs questions et déposer leurs réclamations à la commune.

Les réclamants avaient jusqu'au 27 juillet pour déposer une réclamation. Autrement, la réclamation est irrecevable.

À partir du 27 juillet, les réclamants ont été entendus à la commune en présence d'un membre du service technique et — en général — l'ancien échevin aux bâtisses. Georges Liesch a assisté, quant à lui, aux dernières entrevues.

Aujourd'hui, le conseil communal doit approuver une modification. Mais sa marge de manœuvre est restreinte, car le projet d'origine ne peut être modifié que sur base de l'avis de la Commission de l'aménagement et normalement sur base de l'avis du ministère de l'Environnement, mais celui-ci n'en a pas remis. Jusqu'à ce que la Commission de l'aménagement remette son avis, tout semblait clair. Mais désormais, il y a quelques nouveautés moins évidentes.

Au départ, 1080 personnes ont reçu une lettre les informant que la commune souhaitait conserver la façade ou le gabarit de leur maison. Soixante-cinq ont réclamé. La plupart sont venus présenter leurs doléances à la commune. Vingt-et-un ont finalement maintenu un refus catégorique et sept un refus mitigé, ce qui signifie en général qu'ils ont posé une question quant à d'éventuels futurs travaux d'agrandissement et que les services communaux n'ont pas pu leur donner une réponse précise quant à la possibilité de les réaliser. C'est pourquoi ces personnes sont restées sceptiques.

Trente-sept des soixante-cinq réclamants n'ont pas retiré leur réclamation, mais acceptent le classement. Dans son avis, la Cellule d'aménagement constate plusieurs erreurs formelles concernant la nomenclature. Elle remarque également que les bâtiments publics ne figurent pas sur la liste. La commune était d'avis qu'il n'était pas nécessaire d'inscrire ces bâtiments sur la liste, car elle ne les démolirait pas de toute façon. Mais l'idée n'est pas mauvaise et c'est pourquoi elle les a finalement ajoutés.

te mer eng Réunion d'information publique ofgehal, wou mer de Leit dat virgestallt hunn. A wann Der dobäi waart, wësst Der jo, dass do ganz vill Leit waren. Den Här Muller hat déi Presentation virgestallt an d'Offerte gemaach, dass jiddereen, dee Froen a Reklamatiounen hätt, sollt op d'Gemeng kommen. Do géif en empfaange ginn, seng Reklamatioun ugehéiert an opgehall.

Dat ass du geschitt. Déi Reklamatiounen: et muss ee wëssen, dass an der Prozedur steet, dass d'Leit 30 Deeg Zäit hunn. Dat heescht also, bis de 27. Juli haten d'Leit Zäit, hir Reklamatiounen eranzeginn. An ech wëll nach eng Kéier soen, dass deen Delai eben immens wichteg ass, well hei drasteet: « Sous peine de forclusion ». Dat heescht, datt, wann een net innerhalb vun deem Delai geschriwwen huet, d'Reklamatioun eigentlech net méi recevabel ass.

De 27. Juli war déi Prozedur ofgeschloss, an d'Leit ware gebieden, op d'Gemeng ze kommen. Si goufen do ugehéiert, wou ëmmer ee vun eise Service technique dobäi war, bei deene meeschte Reunionne war de fréiere Bauteschaffen dobäi. An elo bei deene leschte puer war ech dann dobäi.

Haut si mer um Punkt, dass mer müssen am Delai am Gemengerot de Vote iwwert dës Modifikatioun huelen. Mir hunn am Fong nëmmen e bësse Spillraum. Mir kënne just eisen urspréngleche Projet modifizéieren, opgrond vum Avis vun der Commission d'aménagement, opgrond vum engem Avis vum Ministère d'environnement, deen awer hei net spillt, well keen erakomm ass, well en och hei an dëser Saach net kompetent war, an natierlech opgrond vum de Reklamatiounen, déi an deem Zäitraum erakomm sinn.

Ech kommen dann eng Kéier kuerz op den Avis vun der Kommissioun ze schwätzen, well bis dohinner eigentlech alles kloer war. A wéi den Avis vun der Kommissioun komm ass, waren awer e puer Niegekeeten dran, déi net evident sinn.

An der éischter Phas hate mer 1.080 Leit ugeschriwwen – dat hate mer decidéiert, obwuel mer et net hätte misse maachen –, dass hiert Haus an eise éischten Entwurf mentionéiert wär, dass mer wëilten d'Fassad oder de Gabarit

konservéieren. Vun deenen 1.080 Leit, déi ugeschriwwen gi sinn, hate 65 Leit reklaméiert. Dat waren der also net ganz vill. Vun deene 65 Leit, déi reklaméiert haten, waren déi meescht op d'Gemeng komm, fir hir Doleancë virzebréngen, Froen ze stellen. Oft waren et Froen, Saachen, déi net kloer waren. A vun deene 65 sinn der nach 21, wéi Der op der Lëscht gesitt, déi bei hirem Refus catégorique bleiwen, déi soen: „Ech si kategoresch géint déi Klasséierung“. Siwe vun deene Leit hunn e Refus mitigé, déi Froe gestallt hunn, wéi zum Beispill: „Wat geschitt, wann ech elo wëll bauen, wann ech wëll vläicht hei eppes bauen oder do?“ Wou d'Äntwert vun eise Leit war: „Fir dat do kënne kloer ze beäntweren, bräichte mer eigentlech schonn e Projet. Well wat Dir frot, ass scho bal eppes wéi eng Baugeneemegung“. An déi kënne mer an dësem Kontext jo nach net ginn. Sou dass d'Leit gesot hunn: „Jo, okay, da bleiwen ech awer skeptesch“. Dat si siwe Leit, déi e Refus mitigé ausgeschwat hunn.

37 vun deene 65 Reklamanten, also e bësse méi wéi d'Halschent, haten am Fong, nodeems se hei laanscht komm sinn an d'Erklärung kritt hunn, hir Reklamatioun net zeréckgezunn, mä si sinn averstan mat där Klasséierung, wéi se virgesi war.

Du koom dann den Avis vun der Cellule d'aménagement, deen also am Oktober hei an d'Haus komm ass, wou dann emol dra stoung, dass e puer formell Feeler dra wäeren, wat d'Nomenclaturen ugeet. Dat sinn éischter Klenggekeeten, déi da müssen iwwerschafft ginn, déi sinn och an Ärem Dossier erëmzefannen, déi also iwwerschafft goufen.

Et stoung awer och dran, dass déi éffentlech Gebaier vun der Gemeng net drop stoungen. Mir waren deemools der Meenung, dass mir als Gemeng, vu que dass mer Propriétaire si vun deene Gebaier, eigentlech jo net op d'Iddi géife kommen, eng historiesch Schoul am Déifferdenger Zentrum oder soss anzwousch, ofzerappen, fir do eppes aneschtens ze bauen. Mä mir haten nach eng Kéier driwwer nogeduecht a sinn zum Entschloss komm, datt et kee Feeler wär, wa mer eis eege Gebaier mat op déi Lëscht géifen huelen. Sou dass déi also och an Ärem Inventaire ze fanne sinn. Also eis éffentlech Gebaier, wéi

d'Stadhaus, d'Schoulen, d'Kierchen, sinn elo mat drop.

D'Cellule schreift eis awer och, an dat ass e Saz, deen ee kann haart virliessen: „La Commission tient à saluer l'initiative de la Commune de Differdange d'anticiper la protection du patrimoine architectural local et la conservation des structures urbaines historiques par la présente modification ponctuelle du plan d'aménagement général. Si luewen eis also fir déi Initiativ, déi mer geholl hunn, fir eise Patrimoine ze schützen iwwert dës Modifikatioun. Et muss ee wëssen, dass déi Kommissioun aus enger ganzer Rei Membere besteet. Memberen, déi vum Minister genannt ginn, Memberen, déi Experte sinn. Also Leit, déi sech op jidde Fall mat deem Sujet do auskennen.

Net schlecht gestaunt hate mer dunn awer, wann een de Brëf weiderliest, dass si eis net nëmme felicitéiere fir déi Initiativ, mä dass dës Kommissioun sech also muss en long et en large mat dësem Projet befaasst hunn, well si hunn net manner wéi iwwer 400 weider Haiser proposéiert, wou si der Meenung sinn, dass déi och schützenswäert wäeren, an eis opgefuerdert, déi an eisen Inventaire ze huelen.

Doriwwer eraus schreiwe se am Avis, dass se frou wäeren, wa mer net géifen no Fassad an nom Gabarit differenzéieren, mä ëmmer déi ganz Gabariten, iwwert d'ganz Gemeng, huelen. De Schäfferot war awer der Meenung, dass dat ze wäit geet. Et mécht kee Sënn, fir ze soen: „Do ass eng historiesch Fassad“, an hannendrun ass awer näischt, wat verhënnert, dass do ka vill méi fräi ëmgebaut ginn, fir dat esou ze maachen. Mir waren der Meenung, dass mer dem Avis vun der Cellule net onbedéngt wëlte Recht ginn an eis Klasséierung wëlte bäibehalen, wou mer soen: „Et gëtt Haiser, wou et gëllt, d'Fassad ze schützen, an et gëtt Haiser, wou mer de Gabarit schützen“. Mir bleiwen also bei eiser Meenung.

Wat déi 466 Gebaier ugeet, déi si elo zousätzlech nach wëlle schützen, hu mer gesot: „Da maache mer et do d'selwecht“. Dem Avis hu mer net ganz Rechnung gedroen. Mir hunn déi 466 tel quel erageholl, komplett, mä hunn déiselwecht Aarbecht gemaach wéi virun. Mir hunn déi 466 Haiser nach

eng Kéier gekuckt a si klasséiert no Fassad, no Gabarit, an e puer Haiser wëlle mer net drop huelen. Do si mer also e bëssen anerer Meenung wéi eis Cellule d'aménagement.

Dir hutt déi Lëscht an Ärem Dossier. Den Här Buergermeeschter huet scho gesot: „Mir hunn déi Lëscht e bëssen anescht getässelt“, sou dass et méi einfach liesbar ass an de Kategorien. Déi Lëscht, déi Der haut de Moien ausgedeelt krut, ass datselwecht. Et si keng weider dobäi komm oder ewechkomm, an deenen dräi Kategorien, wéi ech se grad beschriwwen hunn.

Mir stoungen e bësse virum Dilemma, well déi 466 Leit, déi mer opgrond vum Avis dierfen eranhuelen, an der Prozedur anescht behandelt gi wéi déi 1.080 Leit virun. Mir haten als Schäfferot decidéiert, dass mer déi Leit op jidde Fall géifen uschreiwen, well soss hätten déi Leit bis haut näischt vun hirem Gléck oder Ongléck, jee nodeem, wéi se et gesinn, gewosst. Mir haten am Dezember e Courier erausginn un déi Leit, dass mer, opgrond vum Avis vun der Cellule d'aménagement, wäerte virgesinn, hiert Haus, nodeems mer den Tri gemaach haten, an eisen Inventaire ze huelen. An deem Brëf hate mer präziséiert, dass den offiziellen Delai, fir bei der Gemeng ze reklaméieren, fir si natierlech eriwuer wär. Den Delai war am Juli ofgelaf. Mir hate se drop opmierksam gemaach, dass d'Leit nom Gemeengerot, den Datum hate mer am Brëf uginn, no dësem Vote, Zäit hätten, fir beim Minister ze reklaméieren.

Mir hu probéiert, transparent ze sinn an eis Bierger drop opmierksam ze maachen. A mir hu se och an deem Brëf opgefuerdert, déiselwecht Prozedur virzehuele wéi bei deenen aneren, dass, wa se Froen oder Reklamatiounen hätten, se sollte bei eise Service technique hei uwee e Rendez-vous huelen, fir Froen ze klären an eventuell Critiquen ze héieren.

Bis elo hu mer eng Dose Bréiwer erakritt vun deene 466, déi eis geschriwwen hunn a gesot hunn, si wäeren net averstan mat där doter Prozedur. Vun deenen Dose Leit sinn der dräi, véier, déi ugeruff hunn, déi dunn iwwer Telefon schonn eng Rei Erklärungen kritt hunn. Et sinn der nach net ganz vill, déi bei eis laanscht komm sinn, fir ze reklaméieren.

La Commission salue ensuite l'initiative de la Ville de Differdange de protéger son patrimoine architectural et historique. Elle se compose d'experts nommés par le ministre et qui connaissent parfaitement le sujet.

Visiblement, la Commission a étudié ce dossier de long en large parce que dans la suite de son avis, elle propose d'inscrire quelque 400 maisons supplémentaires dans l'inventaire. Par ailleurs, elle demande que la commune ne distingue pas entre façade et gabarit et qu'elle protège systématiquement tous les gabarits. Mais le collège échevinal n'est pas d'accord. Ce n'est pas parce qu'une façade mérite d'être protégée qu'il faut nécessairement protéger le reste. C'est pourquoi le collège échevinal tient à maintenir la différence entre façade et gabarit.

Pour ce qui est des 466 nouvelles maisons, elles ont été intégrées à l'inventaire. Ensuite, elles ont été classées en fonction de leur façade ou de leur gabarit. Plusieurs maisons ont finalement été retirées de l'inventaire.

Les conseillers communaux disposent de la liste complète dans leurs dossiers. Toutes les maisons y figurent.

Le collège échevinal est conscient que les 466 propriétaires de maisons incluses à la suite de l'avis de la Commission sont traités différemment des 1080 autres.

Le collège échevinal a décidé de leur envoyer une lettre en décembre pour les informer de leur situation et du fait que le délai pour déposer une réclamation était dépassé. Cependant, ces personnes peuvent réclamer auprès du ministre après le vote d'aujourd'hui.

Le collège échevinal a essayé de se montrer transparent. Il a proposé aux 466 propriétaires de prendre rendez-vous avec le service technique de la commune en cas de question ou de réclamation. Pour le moment, la commune a reçu une douzaine de lettres de personnes qui ne sont pas d'accord avec la procédure. Trois ou quatre ont reçu des explications par téléphone.

La procédure prévoit que le conseil communal prendra une décision aujourd'hui. Ensuite, tous les réclamants pourront déposer une réclamation auprès du ministre pendant 15 jours. La commune n'a d'ailleurs jamais exigé que les réclamants retirent leurs réclamations. Celles-ci ont été actées et désormais, ils ont le droit de réclamer auprès du ministre. Bien entendu, seuls les propriétaires ayant déjà déposé une réclamation et ceux touchés par les modifications peuvent se plaindre auprès du ministre.

Lorsque la phase de 15 jours sera finie, le dossier complet sera envoyé au ministre, qui le remettra à son tour à la Cellule et au conseil communal. Trois mois plus tard, le ministre prendra sa décision définitive. La Ville de Differdange est elle-même en train de préparer son nouveau PAG. Il devra être fini le 8 août. C'est pourquoi il sera soumis au vote du conseil communal fin juillet. Mais il reste du pain sur la planche.

Georges Liesch signale que la décision d'aujourd'hui n'est pas inscrite dans la pierre. Il sera possible d'apporter quelques modifications dans trois ou quatre mois. L'une ou l'autre maison pourra être ajoutée à la liste ou bien supprimée.

Georges Liesch vient de présenter un dossier qui était plutôt complet lorsqu'il l'a repris.

ERNY MULLER (LSAP) explique que les socialistes ont un problème avec ce dossier. Il constate qu'après les modifications demandées par la Commission d'aménagement, 460 maisons supplémentaires doivent être protégées. Certes, une partie de ces immeubles sont des bâtiments communaux comme des églises ou des monuments. Mais ce chiffre semble tout de même élevé.

Les socialistes sont pour la protection du patrimoine. Erny Muller se demande cependant ce qu'il advient de l'autonomie communale si 1/3 des maisons ou façades sont choisies par la Commission.

D'Prozedur gesäit vir, dass mer haut iwwert dat heiten ofstëmmen. An dass d'Leit, an net nëmmen déi Leit, déi elo bäikomm sinn, mä alleguerten d'Leit, Zäit hunn, innerhalb vu 15 Deeg beim Minister ze reklaméieren. Et ass och dat, wat an de Versammlungen, wat ech confirméiert kritt hu vum viregte Bauteschaffen, de Leit ëmmer gesot ginn ass, dass mer net drop halen, dass se hir Reklamatioun zeréckzéien, mä dass mer gesot hunn: „Dir hutt Är Reklamatioun eraginn, mir hunn Iech nogelauschert, mir hunn déi Saachen aktéiert, déi Der gesot hutt, déi Reklamatiounen hutt Der jo all an Ärem Dossier, an Dir hutt ëmmer nach d'Recht, géint déi dote Saach beim Minister ze reklaméieren”.

Am Text steet ganz kloer, ween däerf reklaméieren. Reklaméiere beim Minister däerfen all déi Leit, déi hir Reklamatiounen eraginn hunn, virdrun, an natierlech déi Leit, déi elo, opgrond vun de Modifikatiounen, bäikomm sinn, sief dat vun eiser Säit oder vun der Cellule.

Duerno ass den Dossier nach net fäerdeg. Den Dossier wäert nach e laange Wee viru sech hunn. Nodeems déi Phas vu 15 Deeg fir d'Reklamatiounen ofgelaf ass, geet dee ganzen Dossier nach eng Kéier un de Minister, deen e weidergëtt un d'Cellule an un de Gemengerot. Duerno ass nach eng Kéier en Delai vun dräi Méint virgesinn, bis de Minister seng lescht Decisioun geholl huet, wéi en dat dote gesäit.

Mir hunn natierlech selwer eng Procédure PAG lafen, wou Der wësst, wou den Här Buergermeeschter gesot huet, dass den Timing ganz enk ass. Den 8. August ass jo d'Deadline, wou eise PAG muss fäerdeg sinn. Sou dass mer deen neie PAG Enn Juli hei am Gemengerot wäerten zum Vote ginn. Bis dohin ass nach e Pak Aarbecht ze finaliséieren. Dat ass e strammen Timing, fir dat hinzeckréien.

Mir hunn natierlech nach d'Méiglechkeet, op Saachen ze reagéieren. Et ass net, wéi wann dat heiten elo a Steen gemeesselt wär. Mir hunn d'Méiglechkeet, an dräi, véier Méint nach eng Kéier liicht Korrekturen ze maachen, wa mer gesinn, dass mer eis an der enger oder anerer Richtung sollte geiert hunn. Dat ka bei esou enger grousser Zuel ëmmer passéieren. Mir hunn also d'Méiglechkeet, nach ze reagéieren an eng Kurs-

korrektur fir dat eent oder dat anert Haus ze maachen, wa mer dann all der Meenung sinn, et misst nach drop kommen oder et misst erofgehooll ginn.

Voilà, dat sinn déi zousätzlech Erklärungen, déi ech wollt ginn, souwäit wéi ech den Dossier konnt iwwerhuelen an en Iech presentéieren, mat deenen Donnéeën, déi ech fonnt hunn. Wéi gesot, déi schonn zimlech komplett waren. Domatter sinn ech um Enn ukomm.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech muss direkt agangs soen, dass mir als LSAP e grouss Problem mat deem Dossier hunn. Ech wëll mech erklären.

Elo, nodeems den Dossier vun der Commission d'aménagement revidéiert gouf a mir fir den zweete Vote 1.527 Elementer hunn, déi dann ze schützen sinn. Dat sinn der ëmmerhin, wéi den Här Liesch sot, 460 méi, wéi dat bei der éischter Saisine oder dem Vote den 21. Juni 2017 de Fall war. Wann een dovun ausgeet, dass eng Partie Fassaden oder Konstruktiounen net opgeléicht waren, wéi ëffentlech Gebaier – an dat ass och hei gesot ginn, d'Kierchen, d'Monument an esou weider –, schéngt dat mer ganz staark a bei wäitem ze héich. An ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass d'LSAP selbstverständlech fir d'Erhale vum Patrimoine architectural an eiser Gemeng ass.

Mir stellen awer elo fest, dass mer vun der Kommissioun, respektiv dem Sites et monuments ronn 1/3 vun den Haiser, wann een elo déi Gesamtziel hält, a Fassade soi-disant octroyéiert kréien. Wou ass hei d'Autonomie communale?

Et muss een awer och festhalen, an Dir hutt et och gesot, dass dat nëmmen en Avis ass. Dat ass jo kee Gesetz. De Schäfferot kann a muss souguer op deen Avis do reagéieren. Wat och geschitt ass. Mä mir bedauern, dass mer elo eréischt haut – ech mengen, Dir wësst ganz ge-

nee, wat fir e voluminéisen Dossier dat ass, an dass et schwéier ass, all eenzelt Haus ze kucken, wou an a wat fir enger Kategorie, a wou dat sech dann erëm fënnt – e Listing kritt hunn, wou ee ganz kloer, am Detail, gesäit, wou déi Haiser sech all befannen, déi zousätzlech proposéiert gi sinn, a wat fir Gebaier net zeréckbehale gi sinn. Et war awer schwéier an enger éischter Approche, dat ze maachen.

Mir sinn, an dat wëll ech nach eng Kéier betounen, am viregte Schäfferot mam Architektbüro d'Lëscht mat de Fotoe vun de Fassaden an de Gebaier minutiéis duerchgaangen, an enger Partie Reuniounen, an hu versicht, all Kéiers Sputt ze loosse fir eng spéider Entwécklung oder Renovatioun, andeems, zum Beispill, bei de Méifamilljenhaiser oder Reienhaiser nëmmen d'Fassade geschützt goufen an net dee ganze Gabarit. Den Här Liesch huet et och erkläert.

D'Kommissioun ass hei anerer Mee-nung. Wéi ech dësen Dossier déi éischte Kéier gesinn hunn, ass de Schäfferot en eng zweete Kéier duerchgaangen, nodeems schonn eng éischt Berengung stattfonnt huet. A mir hunn am Sënn, fir en dann definitiv ofzeschleissen. Ech stelle fest: „Déi vill Aarbecht hätte mer eis kënne spueren“.

Och musse mer feststellen, dass dee gréissten Deel vu Proprietairen elo net méi kann op déiselwecht Manéier reagiere wéi beim éischte Vote, mä direkt muss beim Minister reklaméieren. Wa mir d'Lëscht vun de Reclamante vum éischte Vote oder der éischter Saisine, duerchginn, waren et der jo 65. Här Liesch, Dir hutt dat erkläert. Ongeféier d'Halschent huet sech mat den Explikatiounen d'accord erkläert. Et muss een awer och soen: „Do sinn eng Partie Zougständnisser gemaach ginn“. Déi ware gerénger Natur.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Klenggekeeten.

ERNY MULLER (LSAP):

Klenggekeeten.

Mä ech géif awer mengen, dass déi missten an engem Regëster festgeschriwwen ginn, dass, wa wierklech eng Demande vun engem Haus virläit, fir eppes drun ze maachen, och direkt déi Zousoe gesinn an erëmfonnt ginn.

Déi aner Halschent huet keng Satisfaktioun kritt. Am Listing steet „Refus“, also si si beim Refus catégorique bliwwen oder Refus méi mitigéiert, wéi Der och richteg sot. Dës Leit hunn erkläert kritt vun eis, de Gemengerot géif sech nach eng Kéier mat hirer Reklamatioun beschäftegen. Wat dann och haut geschitt.

All Propositionen duerch Reclamante betreffend zousätzlech Protektiounen – an ech mengen, déi meescht vun deene Reklamatiounen waren och berechtegt – sinn an deem Dossier opgeholl ginn. Dat ass natierlech e minimale Chiffer par rapport zu deem, wat d'Kommissioun eis eraginn huet als Dossier.

Mir sinn zur Konklusioun komm, dass, nodeems d'Zuel sech esou drastesch verännert huet, déi ganz Prozedur, an dat Ganzt, wéi mer virgaange sinn, iwwert de Knéi gebrach ass. D'Gemeng stëmmt elo ouni weideren Dialog an Diskussioun eng Präsentation publique, déi net méi ka stattfannen an dëser Phas.

Mir hunn et scho gesot. A mir stëmmen iwwert en Dossier, deem zum groussen Deel vun der Commission d'aménagement, respektiv dem Sites et monuments zesummegeallt gouf.

Esou e voluminéisen Avis hätte mir als LSAP zeréckgestallt an eréischt am Kader vum Vote vum PAG général behandelt. Mir hätten eis esou d'Méiglechkeet ginn, deem zweete Volet nach eng Kéier a Rou ze analyséieren an eng korrekt Presentatioun fir déi betrafte Propriétaires virzehuelen.

Ech mengen, dat musse mer elo wierklech ganz staark bedauern, dass, sou, wéi dat heiten elo gelaf ass, mir als LSAP zur Konklusioun komm sinn, dass mir elo alles dat, wat mer opgezielt hunn an déi ganz Argumenter, déi mer ervirbruecht hunn, deem zweete Vote net méi kënne stëmmen. Obwuel, wéi gesot, ech betounen nach eng Kéier, mir selbstverständlech fir d'Erhale vum Patrimoine sinn. Mä déi Prozedur ass eppes...

D'un autre côté, la Commission n'a fait que remettre un avis. Le collège échevinal a la possibilité de réagir. Erny Muller regrette que la liste comprenant les nouvelles maisons n'ait été remise aux conseillers communaux qu'aujourd'hui. Le dossier est volumineux et il est impossible d'aller voir chaque maison.

Le collège échevinal précédent et le bureau d'architectes ont évalué chaque bâtiment en détail et ont toujours essayé de laisser une marge de manœuvre suffisante aux propriétaires en ne protégeant que la façade ou le gabarit. La Commission d'aménagement a un avis différent. Le collège échevinal s'était efforcé d'alléger la liste. Il aurait pu s'épargner ce travail. En outre, une partie des propriétaires ne peut plus réagir comme cela aurait été le cas après le premier vote.

Erny Muller rappelle que sur les 65 réclamants après le premier vote, environ la moitié s'est déclarée satisfaite des explications. Certaines concessions ont cependant été faites.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'il s'agissait de détails.*

ERNY MULLER (LSAP) *estime qu'il faudrait malgré tout retenir ces concessions dans le registre pour qu'elles soient facilement consultables lorsque des demandes de transformations seront faites.*

L'autre moitié a opté pour un refus catégorique ou un refus mitigé. Le conseil communal doit statuer une deuxième fois aujourd'hui.

Les propositions concernant d'ultérieures protections ont toutes été retenues dans le dossier.

Compte tenu de l'importante augmentation du nombre d'immeubles à protéger, les socialistes trouvent que la procédure va trop vite. Un dialogue n'est plus possible. En plus, ce dossier a été élaboré en grande partie par la Commission d'aménagement. Les socialistes auraient reporté le vote et traité ce dossier volumineux dans le cadre du PAG. Le deuxième volet aurait alors pu être analysé en détail et les propriétaires auraient eu le temps d'être informés correctement.

Erny Muller annonce que les socialistes ne pourront pas approuver le dossier aujourd'hui. Ils sont pour la préservation du patrimoine. Erny Muller a travaillé dur sur ce dossier. Il trouve qu'il aurait fallu reporter la décision. D'un autre côté, il comprend que le collège échevinal veuille respecter les délais. Mais la procédure est inacceptable pour les socialistes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
s'y attendait. C'est pourquoi il veut séparer les deux votes. Certaines remarques de M. Muller sont pertinentes.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *soutient le projet de protection de certains immeubles, soit entièrement soit de leurs façades. Les démocrates avaient d'ailleurs commencé à traiter ce sujet en 2009. À l'époque, il avait fallu beaucoup de temps pour mettre en place une liste. Une fois le dossier finalisé, les responsables politiques se sont rendu compte que les mesures allaient trop loin. La liste n'a cependant pas pu être modifiée à cause du changement de coalition. Finalement, la procédure a été lancée le 21 juin 2017 avec une liste comprenant 1200 éléments.*

Le 23 octobre suivant, la Commission de l'aménagement a proposé de classer plus de 400 maisons supplémentaires en se basant sur la liste de 2009. Certaines personnes qui en 2009 pensaient que la liste était trop importante ont visiblement changé d'avis.

Les démocrates estiment toujours que cette liste va trop loin même s'ils sont d'accord avec une partie. Il doit rester possible de moderniser les quartiers qui en ont besoin. François Meisch s'inquiète aussi du cumul des mesures puisqu'il avait déjà été décidé d'interdire le remplacement de maisons unifamiliales par des résidences. Il mentionne notamment la rue Dicks-Lentz, qui, du côté du parc de la Chiers, n'est vraiment plus attractive. Il est possible que les propriétaires n'investissent plus dans ce quartier et dans d'autres.

Même si certaines façades doivent être protégées, François Meisch estime que dans de tels quartiers, il faudrait pouvoir remplacer les mai-

Ech mengen, ech hu selwer vill op deem Dossier geschafft, an ech komme mer awer elo e bësse schlecht vir. Ech mengen, mir hätte solle soen: „Allez hopp, mir huelen dat zur Kenntnis, mir probéieren, dat an enger zweeter Phas mat duerchzezéien am Kader vum PAG”. Mä fir dat elo alles zesummenzefaassen... Ech verstinn zwar selbstverständlich och d'Suerg vum Schäfferot, fir d'Delaien anzehalen. Dat verstinn ech. Mä mir kënnen dat do net méi matdroen, op deem dote Wee, wéinst där gesamter Prozedur. Et huet näischt mam Schutz ze dinn.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. Ech hu mer dat scho geduecht. Dofir wollt ech déi zwee Voten trennen. A mat Recht, verschidde Saache si ganz berechtigt. Mä ech mengen, datt mer do nach Diskussiounen wäerte féieren.

Den Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, wéi scho virun enger Zäit op dëser Plaz gesot gouf, begréisst d'Demokratesch Partei d'Initiativ, fir gewëssen erhalenswäert Gebaier an eiser Gemeng ze schützen. Sief dat als Ganzt oder just d'Fassad.

Zesumme mat der DP gouf deem Dossier schonn 2009 an Ugrëff geholl. Mir sinn deemno prinzipiell mat der Initiativ averstan. Et huet vill Zäit gebraucht, fir dës Etüd an Zesummenaarbecht mat Akteure wéi dem Sites et monuments oder dem Bureau d'études an nach Leit aus dem Haus hei opzestellen.

Wéi dunn den Dossier um Dësch lounge, gounge d'Mesuren deenen deemolege Verantwortlechen ze wäit. Leider ass een duerno, duerch de Koalitiounswissel, net dozou komm, déi Lëscht nach eng Kéier nei ze iwwerschaffen. Et gouf scho gesot, den 21. Juni 2017 gouf d'Prozedur vum Gemengerot lancéiert, fir eng 1.200 Elementer ze schützen.

Doropshi proposéiert déi staatlech Commission de l'aménagement an hirem Avis vum 23. Oktober d'lescht Joer, méi wéi 400 Haiser zousätzlech ze klasséieren. Dat doduerch, well se op den Dossier vum 2009 zeréckgegraff huet. An der Zomm ass dat extrem restriktiv an anengend. Et war 2009 net de Wonsch, fir alles ze streng ze handhaben. Do sinn also Leit, déi hir Meenung geännert hunn.

Et huet sech op jidde Fall um Inhalt net vill geännert. Dofir gëllt dat deemolegt Argument nach ëmmer. Mat verschiddeenen Inhalter vum der Lëscht kënnen mir absolut averstane sinn. Mä plazeweis geet se eis awer, wéi och deemools, nach ëmmer ze wäit. Eng méi differenzéiert Virgeewensweis wär fir eis ubruecht. Eng Protektioun vum erhalenswäerter Substanz ass okay, awer eng Upassung un d'Zäit muss méiglech bleiwen.

Mir denken, datt et wichteg ass, am Bléck ze behalen, a wéi enge Quartieren et néideg ass, datt et Méiglechkeete gëtt, sech modern weider ze entwéckelen.

An deem Kader beonrouegt eis besonnesch de Cumul vum deenen zwou Mesuren. Engersäits de Verbuet, Eefamilljenhaiser ofzerappen an duerch Méifamilljenhaiser ze ersetzen, an anerersäits de Schutz vum de Fassaden an/oder de ganzen Haiser. Zesummen erlaben dës Mesuren op ville Plazen net méi, datt déi sech moderniséieren. Ech denken do beispillsweis un d'rue Dicks Lentz, haaptsächlech déi Säit zum Parc de la Chiers zou. Mir wëssen all, datt deem Deel zum Park zou plazeweis net wierklech attraktiv ass. Mir riskéieren, dass an dee Quartier, deem da vum deenen zwou Mesurë beträff wäert sinn, net méi investéiert gëtt. An dës wäert wahrscheinlech net deem eenzege Quartier sinn.

Fir eis wär et besser, wann op esou Plazen aus e puer Haiser, och wann d'Fassad noutfalls misst integréiert ginn a géing erhale bleiwen, kéint en neit, zäitgeméisst Méifamilljenhaus entsto. Mir wëllen, dass eis Stad sech entwéckelt, an net, dass ganz Quartiere stoe bleiwen. Et ass net am Sënn vum enger Stad mat kuerze Weeër, et ass net am Sënn vum enger energiespuerender Stad, wann ee seng vereelte Bausubstanz zevill wëll schützen an doduerch plazeweis den Energiestandard vum 1950 bäi-

4. PAG et PAP

behält. Mir lafe Gefor, dass nēnnen nach wēnig an dēs Haiser investiert gētt, trotz vermeintlech adaptierte Subsiden.

Datt ee sech net kann iwwert all einzelt Haus op der Lēsch eens ginn, an datt d'Meenunge vun Experten, Historiker, Architekten, Gemeinverantwoortlechen an esou weider ausernee ginn, ass normal. Als DP hätte mir eis gewēnscht, e bēssen Zait ze hunn, fir sech dēi Honnerte vun Haiser unzekucken, an dat net iwwert de Knēi ze brieche, dēi zousätzlech Haiser.

Mat de Miniaturfotoen am Dossier ass leider net vill unzufānken. Beispillsweis hätt een deen Exercice kéinten zesummeleē mam neie PAG, wou bis den 8. August muss duerch sinn. Dār Meenung si mir och.

Mat genuch Zaitofstand wār et méiglech gewiescht, ee Konsens ze fannen, dee mer all zesummen hätte können droen. Och den Inneminister huet sech jo mat engem Brēif un all dēi Proprietären net begeeschtert gewise vum Oflaf.

Et ass wichteg, sāi Patrimoine ze schützen, awer et soll ee sech op dat beschränken, wat schützenswāert an erhaltenswāert ass. D'DP, als Partei vun den individuelle Fräiheeten, hofft, dass dēi Hellewull u Reklamatiounen eescht geholl ginn, an dass net mam Droit de propriété vun de Biergerinnen a Bierger gespillt gētt.

Dēst gesot, widderhuelen ech, datt d'DP-Fraktioun am Prinzip net dogēint ass, eisen erhaltenswāerte Patrimoine ze schützen, mā dass mer awer vill méi nuanciert virgaange wāren. Virun allem mat Blēck op eng modern an nohalte Stadentwēcklung. Aus deene genannte Grēnn géife mir eis enthalen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch.

Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, ech géif gär eppes zur Dagesuerdnung soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, gären.

ALI RUCKERT (KPL):

Mir hunn elo hei eng Diskussioun ugefaangen iwwert e Punkt, wou ech der Meenung sinn, dass mer e solle vun der Dagesuerdnung erofhuelen. Firwat? Aus engem ganz einfache Grond: Well mer feststellen, dass 1/3 vun den Hausbesëtzer, iwwert deenen hir Propriétéit mir elo hei decidieren, net gläich behandelt gi wēi dēi aner 2/3, wat scho gelaf ass.

Dat ass eng Ongläichheet, dēi eis als Gemengerot net géif gutt ustoen, wa mer elo einfach doriwwer ewech géife goen. Wa mer dat esou géifen handhaben, wēi dat bei deenen éischten 2/3 gehandhabt gi war, wou d'Leit also d'Méiglechkeit hätten, sech Gedanken ze maachen, hei op d'Gemeng ze kommen, ze reklamieren, wou se och vläicht iwwerzeegt ginn, dass do, wou se e Problem gesinn hunn, dee Problem net existiert, wār dat e Wee, deen normal géif lafen. Dat hei ass awer elo e bēssen iwwert de Knēi gebrach. An et wār a mengen Aen dofir net gutt, wa mer dee Vote elo géifen huelen.

Dat géif och de Verrieder vun der Majoritéit, dēi ëmmer erēm soen, et wār wichteg, d'Leit ze consultieren, ze informieren, gutt zu Gesicht stoen, wa se dat géife maachen.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

Här Diderich, ganz gären.

sons unifamiliales par des résidences. Differdange doit pouvoir se développer. Il n'est pas écologique de préserver des maisons dans le standard de consommation électrique est celui de 1950.

Il est normal que l'on ne puisse pas se mettre d'accord sur tous les immeubles de la liste. Mais les démocrates auraient voulu avoir un peu plus de temps pour aller voir les maisons. En plus, les photos miniatures du dossier ne servent à rien. Le collège échevinal aurait pu traiter la question de la protection des façades ensemble avec le PAG. Avec plus de temps à disposition, il aurait été possible de trouver un consensus. Même le ministre de l'Intérieur s'est plaint du déroulement du projet.

Certes, il est important de protéger son patrimoine, mais il faut se limiter aux immeubles qui le méritent. Le DP, qui est le parti des libertés individuelles, espère que les réclamations seront prises au sérieux et que l'on ne jouera pas avec le droit de propriété des citoyens.

François Meisch répète qu'il n'est pas contraire à la protection du patrimoine, mais qu'il aurait procédé d'une manière plus nuancée. Les démocrates s'abstiendront lors du vote.

ALI RUCKERT (KPL) souhaite prendre position quant à l'ordre du jour.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) l'y invite.

ALI RUCKERT (KPL) trouve que ce point ne devrait pas figurer à l'ordre du jour parce qu'un tiers des propriétaires concernés n'est pas traité comme les autres. Les autres ont pu réfléchir à la question, se rendre à la commune, se laisser éventuellement convaincre que leur problème n'était pas un, etc. Cela aurait été la voie normale à suivre. La décision d'aujourd'hui va être prise à la va-vite. C'est pourquoi Ali Ruckert préférerait que le vote soit reporté.

Par ailleurs, la majorité, qui prétend toujours qu'elle veut consulter et informer la population, ferait belle figure.

(Discussion)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate à son tour que le dossier est volumineux. Il partage les inquiétudes exprimées jusqu'ici.

Il rappelle qu'il faut distinguer entre deux choses. D'un côté, il y a la procédure entamée l'année dernière avant l'été, où les personnes concernées ont pu s'informer et intervenir. De l'autre, la Commission de l'aménagement est entrée en jeu. Le classement de certains bâtiments, comme les écoles, le stade Thillen-berg ou la Villa Hadir, est pertinent et il faudrait s'en occuper le plus vite possible.

Il semble évident que la commune a perdu le contrôle de la procédure. M. Ruckert a souligné le fait que certains propriétaires ont été traités différemment des autres. C'est un fait. Mais si aujourd'hui, on exclut du vote les propriétaires ajoutés dans un deuxième temps, on les avantage. On risque même de privilégier l'intérêt privé par rapport à l'intérêt commun.

De toute façon, désormais, les propriétaires sont informés du fait que leur maison pourrait être protégée. Le conseil communal doit donc bien réfléchir à ce qu'il va faire. Il y a d'ailleurs eu une réunion préparatoire pour discuter de tous ces points et pour éviter justement de tout chambouler aujourd'hui. Mais la situation est compliquée.

De son côté, Gary Diderich préférerait protéger trop que pas assez. Lorsqu'il sera question du PAG, le conseil communal pourra toujours analyser la liste une nouvelle fois. Gary Diderich rappelle que le conseil communal a le droit à tout moment de l'adapter. C'est pourquoi le conseil communal devrait privilégier l'intérêt public et prévenir les propriétaires n'ayant pas pu profiter de la procédure normale que la liste sera évaluée à nouveau dans le cadre du PAG. Cela laisserait aussi davantage de temps aux conseillers communaux pour analyser la liste complète.

Ce matin, Gary Diderich a remarqué dans le dossier que certains bâ-

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kollegen aus dem Gemen-gerot, et ass in der Tat e voluminéis an e wichtege Dossier, wou ech d'Be-denken, déi do sinn, a puncto Zäit/De-lai, Ëmfang an Informatiounsstand jid-defalls ganz gutt ka verstoen.

Hei gëtt et jo zwou Saachen. Dat eent ass d'Prozedur, déi mer virum Summer nach d'lescht Joer ugereegt haten, a wou d'Leit informéiert waren an d'Méiglech-keet haten, ze intervenéieren, hir Argu-menter virzebréngen, fir esou eng Pro-tektioun ze maachen oder net.

Op där anerer Säit déi, déi elo duerch d'Commission d'aménagement an d'Spill komm sinn. Woubäi do verschid-dener dobäi sinn, mengen ech, wou mer als Gemeng am Fong all als sënnavoll missten ugesinn, virun allem déi ëffent-lech Gebaier, wéi d'Schoulen, de Stade Thilleberg oder d'Villa Hadir, wou mer op jidde Fall gutt géifen doen, wa se géi-fe sou séier wéi méiglech protegéiert ginn, obwuel mer dat jo och mam PAG nach kënne maachen a mer jo d'Hand driwwer hunn, ob bis dohinner eppes geschitt oder net.

Vu que dass déi Prozedur esou gelaf ass... Also et ass jo e bëssen aus der Hand gelaf, sou wéi een dat hei e bësse matkritt. De Minister, d'Kommissioun: an dann iwwert de Ministère ass d'Pro-zedur elo anescht, in der Tat, fir déi Fas-saden, déi si nach eng Kéier am Avis vir-geschloen hunn.

U sech ass et, wéi den Här Ruckert elo gesot huet, dass déi eng anescht behan-delt gi wéi déi aner. Dat kréie mer elo net méi geännert. Well wa mer elo soen: „Déi, déi bäigesat gi sinn, huele mer net zum Vote haut“, hu se keen Nodeel, mä quasi, souzesoen, e Virdeel. Dat heescht, se kënnen zum Deel Faits accomplië schafen, bis deen neie PAG steet. Dat heescht, mir verléieren d'Hand, iwwert den Interêt public, an deem Fall vum Patrimoine, ze decidéieren. An da pri-méiere vläicht privat Interesse virun den ëffentlechen Interessen.

Mir hunn am Moment an där Situa-tioun, och wann ech, a wann Déi Lénk, se op jidde Fall net wollt – an ech men-gen, déi mannsten hei am Gemengerot

–, quasi awer net méi de Choix, well d'Leit informéiert sinn, dass an d'A ge-faasst gëtt, hiren Immeuble ze protegéie-ren. An do denken ech, dass mer eis ganz gutt müssen iwwerleeën, wat mer maachen. Dofir war déi virbereedend Reunioun, wou ech gutt fonnt hunn, dass déi war, fir esou Argumenter schonn emol ze diskutéieren an elo net an der Sëtzung nach eng Kéier alles op d'Kopp ze geheien. Mä et ass ebe komplizéiert, an et war net jidderengem méiglech. Mä ech mengen, mir müssen elo gutt iwwerleeën, wat mer am Fong maachen.

Ech hunn d'Tendenz, éischter a Rich-tung ze goen, ze vill ze protegéieren, wéi ze mann ze protegéieren. Beim Gesamt-PAG kann déi Lëscht nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn. Zu all Moment ass de Gemengerot legitim an huet d'Recht, fir déi Lëscht ze adaptéieren, an déi eng wéi an déi aner Richtung. Ech denken, dat Recht solle mer sou vill wéi méiglech als Gemengerot behalen, am Interêt public.

An deene Leit, déi dann elo eng méi schlecht Prozedur hunn, also déi, déi elo manner konnten intervenéieren an net an der normaler Prozedur ware vun Ufank un, sollt een, mengen ech, vun der Gemeng aus déi Méiglechkeet nach ginn, andeems mer soen: „Am Kader vum Gesamt-PAG kënne mir déi Saach nach eng Kéier total iwwerkucken. A mir hunn dann Zäit, mat Iech an am Gemengerot, wéi dat zum Deel gefuer-dert ass, dat nach eng Kéier anstänneg nozekucken, alles a Rou ze kucken a sech genuch Zäit domatter ze ginn“. Dat wär jiddefalls dat, woufir ech mech géif asetzen.

Wann ech elo déi Lëscht kucken, déi ech leider eréischt de Moien heihinner gelu-echt kritt hunn – ech weess net, ob déi op der Cloud war, oder wou se war, wou d'Copie ass –, steet do: „Bâtiments non retenus“. Do sinn eng ganz Rei drop, wou ech froen, firwat déi „pas re-tenus“ sinn. Also ech weess net. 46, Grand-Rue, wou d'al Gendarmerie dra war, wou ëm 1900 gebaut ginn ass: dat Gebai misst erhale ginn. Firwat wëlle mir dat net klasséieren? Sinn do zevill Interessen, fir grouss ze bauen? An ass de Patrimoine an deem Sënn secondai-re?

D'Pechkopp: do géif ech och d'Fro opwerfen. D'Pechkopp ass awer, och wann een dat haut vläicht anescht géif maachen, deemools an engem gewëssenen historesche Kontext op eng gewëssen Aart a Weis gebaut ginn. Et ass an deem Sënn eng historesch Entwécklung vun eiser Gemeng gewiescht.

An dann och, wat ech hei scho gesot hat, déi éischt Lëscht: de Centre Noppeney, de Bock an d'Sportshal. Och wann déi Mängel a Schwierigkeeten hunn an der Erhaltung, sinn dat dräi Témoine vun enger Architecture brute oder dem Brutalisme, déi eng Eegenheet vun Uewerkuer ausmaachen. A grad dat, dass et der dräi sinn an där nämmlecher Lokaltéit, seet eppes aus. An do musse mer eis ganz gutt iwwerleeën, wat mer mat deem Patrimoine maachen, a wéi mer dat och méi en valeur wëlle setzen.

An deem Sënn, wou ech elo argumentéiert hunn, géif ech och op den Här Meisch reagéieren, dass ech net mengen, dass konsequent de Wee do angeschlossen, weder negativ fir d'Gemeng nach fir d'Leit ass. Mir kënnen, wa mer dat gutt maachen, grad eng Eegenheet vun Déifferdeng ganz staark behalen. Dat heescht, eng Identitéit zu Déifferdeng behalen, e Patrimoine hei behalen, wou herno net alles carréiert ausgesäit, mä wou d'Gemengen, déi verschidden Noperschafte wierklech hir Nues behalen.

An ech denken, dat ass souguer eng Chance am Sënn vun den Aarbechtsplazen, déi doranner läit. Et gëtt oft gemengt, dass een dann näischt méi oder net méi vill kéint maache mat esou Haiser. Mä dat ass net de Fall. Grad am Handwierk entsti ganz vill Aarbechtsplazen, wann net nëmmen Déifferdeng, mä och wann Déifferdeng elo an déi Richtung geet, well vu bann kann een eng Rei Haiser isoléieren. Et ass natierlech d'Fro vun der Surface habitable. Dat ass bei ganz klengen Haiser heiansdo méi komplizéiert.

Et ass och eng Fro vum Käschtepunkt. Dofir hu mer d'Subsiden an d'Luucht gesat. Natierlech ass et méi Aarbecht, et ka manner maschinell vun der Serie gemaach ginn. A wat ech positiv dorunner fannen: et gräift een dann och manner op net nohaltege Materialien zeréck an op Styropor oder aner Saachen, déi einfach op d'Fassad gepecht ginn, wou

awer d'Bausubstanz wierklech ganz vill u Qualitéit verléiert.

Ech mengen, dass, wa mir als Gemeng an déi Richtung ginn, wann aner Gemengen an déi Richtung ginn, wierklech eng ganz Rei spezialiséiert Aarbechtsplaze kënnen entstoen, déi ganz wäertvoll sinn.

An ech mengen, dass Lëtzebuerg wierklech vill verpasst huet am Beräich vum Patrimoine déi lescht Jorzénge. Dass aner Länner vill méi eng vu laanger Hand geplangte Politik hunn, wou ee wierklech mierkt, wou een ass, wann een dohinner geet. An ech mengen, dass mir als Déifferdenger Gemeng kéinten an engem Sënn e bësse Virreider sinn zu Lëtzebuerg, an datt mer misste méi wäit goe wéi just déi Protektioun, mä eis och iwwerleeën, wéi dat der ganzer Gemeng kann zegutt kommen, wéi och engem Tourismus oder aneren Aspekter.

Do, wou mer elo sinn, trieden ech op jidde Fall dofir an, éischter an d'Richtung ze goen, méi ze protegéieren, wéi ze mann ze protegéieren. Mat all deenen Argumenter, wou ech ginn hunn, an deene Problemer, déi dat mat sech bréngt. Mä awer vläicht esouwäit ze goen, dass mer nach eng Motioun, haut oder am nächste Gemengerot, stëmmen, wou mer eis dofir engagéieren, de Leit entgéint ze komme beim Iwwerschaffe vum ganze PAG an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, nach eng Kéier Asproch ze erhiewen an hir Argumenter virzebréngen, sou wéi déi, déi an der éischter Prozedur viséiert waren.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Zwou, dräi Saachen. Duerno géif ech e Virschlag maachen, an da kënnt Der domatter maachen, wat Der wëllt.

Éischtens emol, et si verschidde Saache ganz richteg gesot ginn. Mä op aner Saache misst ech awer vläicht e bësse reagéieren.

Datt keng Zäit war, Här Meisch. Wéivill Zäit braucht Dir? Dir konnt vun 2009 un... Dat heescht, mir hate Biergerver-

timents n'ont pas été retenus. Il se demande pourquoi. Il pense notamment à l'ancienne gendarmerie au 46, Grand-rue. Cet immeuble date de 1900. Les intérêts en jeu sont-ils trop importants? Le patrimoine devient-il secondaire?

Le Peschkopp ne serait probablement plus construit de la même manière aujourd'hui, mais il est tout de même caractéristique d'une époque. Pour ce qui est du Centre Noppeney, du Bock et du centre sportif, il s'agit de témoins d'une architecture brute et participent à la particularité d'Oberkorn. Comment peut-on mettre ce patrimoine en valeur?

Contrairement à M. Meisch, Gary Diderich ne pense pas que protéger systématiquement le patrimoine soit négatif pour la commune ou pour les habitants. Cette protection permet de préserver l'unicité de Differdange. Par ailleurs, Gary Diderich voit aussi une opportunité de créer des emplois. Il est faux de penser que les maisons protégées ne sont plus réaménagées. Les artisans auront donc potentiellement du travail, par exemple pour isoler certaines maisons de l'intérieur. Bien entendu, c'est aussi une question d'argent, mais c'est pourquoi la commune a augmenté ses subventions. D'un autre côté, il y a plus de travail à faire et il est moins automatique. Mais les artisans ont moins recours à des matériaux polluants que l'on colle simplement à la façade.

Si la Ville de Differdange et d'autres communes empruntent cette voie, des emplois spécialisés vont se créer. Le Luxembourg a pris du retard en matière de protection du patrimoine. À l'étranger, c'est plus courant. Gary Diderich trouve que Differdange pourrait faire figure de pionnier dans ce domaine et réfléchir aux façons de profiter du patrimoine par exemple dans le secteur du tourisme.

En tout cas, Gary Diderich préférerait protéger trop que pas assez. Il propose cependant de voter une motion à travers laquelle la commune s'engage à écouter les propriétaires dans le cadre du nouveau PAG.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

souhaite réagir à une partie des choses qui ont été dites.

M. Meisch s'est plaint des délais. De combien de temps a-t-il besoin? Il a d'ailleurs lui-même parlé de 2009. Il y a eu des réunions d'information avec 400 personnes. Il y a deux vendredis, la séance d'aujourd'hui a été préparée au cours d'une préséance. Jusqu'à aujourd'hui, M. Meisch n'a jamais dit quelles maisons il voudrait ajouter à la liste et lesquelles ils voudraient supprimer. Il s'est contenté de dire «pas assez» ou «beaucoup trop». Les démocrates auraient pu remettre une liste aujourd'hui ou il y a deux semaines pour préciser ce qu'ils souhaitent. Mais comme d'habitude, ils parlent beaucoup et ne font pas grand-chose.

La Ville de Differdange est déjà pionnière avec ce qu'elle a fait le 1^{er} octobre 2014 en protégeant les maisons unifamiliales. Pas une seule maison n'a été démolie depuis à moins qu'une autorisation n'ait déjà été émise avant. Aujourd'hui, on commence à ressentir la qualité de vie engendrée par les décisions de l'époque. Pour Roberto Traversini, la décision d'aujourd'hui est en quelque sorte la cerise sur le gâteau. Il y a quelques mois, la Ville de Differdange a montré qu'elle veut préserver son patrimoine. Aucune autre commune n'a eu le courage de le faire.

En revanche, les arguments du LSAP et du KPL sont pertinents. Roberto Traversini propose de faire une pause de dix minutes pour voir comment concilier toutes les idées. (Pause)

Roberto Traversini propose de soumettre dans un premier temps au vote les premières réclamations et de voter ensuite séparément les réclamations des autres 65 personnes. Ensuite, le conseil communal passera aux commissions.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

demande si les personnes auront toujours la possibilité de réclamer par la suite auprès du ministre.

sammlungen, den Här Muller huet viru 400 Leit erkläert. Mir hunn alles gewisen. Leschte Freideg hate mer eng Virsitzung, wou mer déi heite Sitzung virbereet hunn. Dat gouf et nach ni an deene Jore virdrun, op alle Fall net, säit ech hei am Gemengerot sinn. Pardon, d'virescht Woch. Dës Sitzung gouf extrem gutt an transparent virbereet. A bis haut hunn ech nach net vun Iech héieren, wéi een Haus mir da sollen eraushuelen, a wéi een Haus mir sollen eranhuelen. Déi Méiglechkeet hätt de ganze Gemengerot gehat. Scho Jorzéngten.

Ech hunn näischt héieren. Ausser „net genuch“ oder „vill zevill“. Sot eis et. Ech hätt kee Problem domatter gehat, wann haut eng Lëscht komm wier, oder wann Der an där Sitzung, wou mir déi hei Sitzung virbereet haten, eng Lëscht bruecht hätt, wou d'DP gewisen hätt: „Déi dote wëlle mer net, mir wëllen déi“. Dat ass net komm. Mä bon, et ass näischt Neits. Et gëtt vill gesot, an et ass näischt dohannert.

An da mengen ech awer, Här Diderich, datt mer Virreider si mat deem, wat mer den 1. Oktober 2014 gemaach hunn, mam Schutz vun eisen Eefamilljenhaiser. Domat hu mer scho ganz vill gemaach. An Dir wësst, nennt mer een Haus, wat duerno ofgerappt ginn ass, wat net scho virdrun eng Geneemegung hat. Dat ass et net méi ginn.

Dat heescht, mir spieren haut eréischt d'Liewensqualitéit, déi mer bäikréien duerch déi Saach, déi deemools gemaach ginn ass. An dat heiten ass am Fong geholl d'Kiischt um Kuch, sou nennen ech dat. Op alle Fall vun där éischter Decisioun, d'Saisine. Mat deem, wat mer virun e puer Méint gemaach hunn, mengen ech, datt mer de Patrimoine wëllen halen. An datt nach keng Gemeng hei am Land dat gemaach huet, wat mer eis haut trauen.

Ech fannen déi Argumenter awer richtig, déi d'LSAP an d'KP bruecht hunn. An dofir schloen ech vir, datt mer zéng Minutte Paus maachen, et ass souwisou elo scho Véirel op 11, an da kucken ech déi Iddien, wat mer hei elo matenee beschwat hunn, fir eventuell eng nei Propos ze maachen an Iech domatter ze iwwerzeegen, awer vläicht déi zwou Saachen ze splécken. Zéng Minutte Paus, dat deet jidderengem gutt. An da kënne

mer och läften. Merci, bis an zéng Minutten.

(Paus)

Da géife mer mat eiser Sëtzung weiderfueren. Merci fir déi kleng Paus. Mir bleiwe bei den zwéi Voten. Dat, wat mer virun e puer Méint gestëmmt hunn, de Schutz vun de Fassaden an de Gebaier, hutt Der alles am Dossier. An déi 65 Leit, déi reklaméiert hunn, ginn all eenzel ofgestëmmt.

Nodeems déi eenzel 65 Reklamatiounen ofgestëmmt sinn, komme mer zum Vote vun de Kommissiounen. Dat bleift elo bei deem éischte Volet ganz aus. Am éischte Vote stëmme mer just iwwer d'Saisine of, wouriwwer déi viregt Kotalitioun sech eens war, dat ze klasséieren.

Jo, Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Just eng Präzisioun, och fir d'Leit dobaussen. Et ass jo esou, dass, wa mir dat hei elo votéieren, ee jo nach ëmmer reklaméieren däerf beim Minister? Grad sou, wéi dat elo an der Prozedur ass?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ass dat kloer?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, mir si genau an där Prozedur.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Okay.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Leit hunn no dëser Prozedur nach Zäit, ze reklaméieren. Déi betrafte Leit,

4. PAG et PAP

och déi 65 Reclamanten, wäerten ugeschriwwen ginn, datt se déi Méiglechkeet nach hunn. Datt se duerno nach kënne reklaméieren. Dat war net esou virgesinn, mä ech fannen, datt eng Gemeng dat soll maachen.

Kéinte mer deem éischte Vote en bloc ofstëmmen, wou déi 65 Reklamatiounen net dra sinn, fir déi Haiser esou ze schützen, wéi de Schäfferot dat virgesinn hat?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ass dat elo verstane ginn?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, jo, mir haten eis dobaussen ausgeschat.

(Diskussiounen)

Minus déi 65. Jo.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Okay, et ass gutt.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 abstentions de maintenir le classement tel que prévu lors de la saisine du conseil communal pour tous les immeubles n'ayant pas fait l'objet d'une réclamation.

Dann huet Der elo den Tableau, deem Der do leien hutt. Ech wäert do mat Zifferen fieren, well ech d'Nimm hei net wëll nennen, wann Der domatter averstane sidd. Iwwert déi Stëmme mer eenzel of. Dir gesitt, datt d'Leit gehéiert ginn. Dir gesitt, wat d'Leit dozou gesot hunn. Ouni et awer schrëftlech ze hunn. Dir gesitt d'Propos vum Schäfferot, plus

natierlech eise Servicer, wéi mir et gär hätten.

Ech géif virschloen, iwwer Handophien ofzestëmmen. Och bei Abstentioune kann een et iwwert dee Wee maachen.

Da géife mer zum éischten Haus kommen, der Nummer 1. Dir gesitt, wat reklaméiert ginn ass. D'Proprietairen hunn et agesinn. Si hunn net „Jo“ an net „Neen“ gesot. Mir sinn der Meenung, datt dat Gebai soll esou klasséiert sinn, wéi mer et virgesinn haten. Ween ass dofir? Ween ass dogéint? Enthalung? Zwou Enthalungen.

Datselwecht ass beim zweete Fall.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Soll een d'Strooss dobäi soen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, mir hunn et jo all do leien.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Mir si bei Nummer 2.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Haus Nummer 2. Do si mer och der Meenung, datt et soll esou bleiwen, wéi mer et virgesinn haten. Ween ass dofir? Enthalungen? 17 Jo, 2 Enthalungen.

D'Haus Nummer 3: do gesitt Der, datt mer och mam Proprietaire geschwat hunn. Deen hat gefrot, fir eppes ze änneren. Mir sinn der Meenung, datt d'Haus an d'Fassad solle protegéiert ginn. Dat heescht, mir sinn der Meenung, datt et sollt esou klasséiert ginn, wéi mir et virgesinn haten. Ween ass dofir? 17 dofir, 2 Enthalungen.

De 4 ass genau datselwecht. Och do hu mer mam Proprietaire geschwat, an et ass keen negativen Avis komm. Dofir si mer der Meenung, wéi eise Service och, et sollt esou klasséiert ginn, wéi mer et virgesinn haten. 17 Jo, 2 Enthalungen. Merci.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui. Les propriétaires pourront réclamer après le vote. Les 65 réclamants recevront une lettre pour les prévenir bien que cela ne soit pas obligatoire.

Le premier vote sans les 65 réclamations sera pris en bloc.

(Discussions)

(Vote)

Roberto Traversini demande aux conseillers communaux de prendre leur tableau avec les informations relatives aux propriétaires et à leurs réclamations. Il propose de voter par main levée.

Il passe à la maison no 1. Les propriétaires n'ont dit ni oui ni non. Le collègue échevinal est d'avis qu'il faut classer la maison comme prévu.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

demande s'il ne faut pas préciser la rue.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que non.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

passé à la maison 2.

4. PAG et PAP

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à la maison 3. Le propriétaire a demandé un changement, mais la commune souhaite protéger la maison et la façade.

La maison 4 sera classée comme prévu.

Pour ce qui est de la maison 5, le propriétaire a demandé que l'annexe derrière la maison ne soit pas classée, ce qui a été accepté.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

explique que la même remarque vaut pour la maison 6.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à la maison 7, qui sera protégée comme prévu.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

demande si le no 2 de la place du Marché est inclus.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

Pour la maison 8, la construction et la façade seront protégées.

La maison 9 sera protégée comme prévu. Le propriétaire n'a pas répondu à la lettre.

L'immeuble suivant a été acheté récemment par la commune.

(Interruption)

Roberto Traversini rappelle que les annexes sont aussi à protéger. Il y a un an et demi, la commune avait émis un avis selon lequel le bâtiment principal devait être protégé alors que les annexes pouvaient être modifiées.

(Interruption)

Roberto Traversini demande s'il vaut mieux exclure l'annexe.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

demande s'il s'agit de l'immeuble au 100, avenue d'Oberkorn.

Dat 3. Do gesitt Der, ...

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Fënnef.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

5, Pardon.

... datt mer mam Proprietaire eens gi sinn, fir eppes Klenges erauszehuelen. Hannert dem Gebai ass eng kleng Annex. Hien hat eis iwwerzeegt – ass et esou, Här Muller? –, datt et sënnvoll wier, déi Annex hannen erauszehuelen. De Rescht bleift awer klasséiert. Sidd Der mat där Ännerung averstanen? 17 Jo an 2 Enthaltungen. Merci.

Am sechste Fall ass et esou, ...

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Dat ass datselwecht.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Genau, datselwecht wéi de fënnefte Fall. D'Annex einfach eraus. 17 Jo an 2 Enthaltungen. Merci.

Wann ech eng Kéier falsch leien, sot mer et.

Dat 7. Gebai bleift esou, wéi mer et virgeschloen haten. Zum Vote. 17 Jo an 2 Enthaltungen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ass do den 2, place du Marché mat dran?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, jo, deen ass mat dran.

Den 8. Do schloe mer vir, datt d'Konstruktioun an d'Fassad ze protegéiere sinn. Genau wéi mir, eis Servicer, et virgeschloen haten. Zum Vote. 17 Jo an 2 Enthaltungen.

Den 9. Fall wëlle mer esou halen, wéi mir et virgesinn haten. Déi hu sech och net gemellt op eise Bréif hin. Dofir si mer der Meenung, datt et soll esou bleiwen. Zum Vote. 17 Jo an 2 Enthaltungen. Merci.

Deen nächsten. Do gesitt Der, dat ass eppes, wat mer viru Kuerzem kaf hunn, wou mer als Proprietaire der Meenung sinn, datt et ...

(Ënnerbriechung)

Jo, mä kuckt: „les annexes sont à ajouter, la construction est à protéger”. D'Annexen: do muss een awer och kucken, wat mer domatter mengen. An do hate mer jo en Avis virun annerhallwem Joer ofginn, datt mer de Bâtiment principal huelen, an datt ee bei den Annexen hannendrun eppes kéint änneren. Dofir mengen ech, datt mer solle beim Vote vu virun annerhallwem Joer bleiwen. Datt et méiglech ass, hannendrun eppes ze maachen. Oder wéi gesitt Dir dat?

(Ënnerbriechung)

D'Annex hannen eraushuelen?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ass et an deem Fall esou, dass dat seng Garage ass? Si mer bei 100, avenue d'Oberkorn?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, mir si bei 10.

(Diskussiounen)

Et ass ebe just, datt een déi hënnescht Scheier kéint ewechhuelen an do eppes maachen. Dat anert ass fir ze schützen.

(Diskussiounen)

Jo, et ass eng speziell Situatioun.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Et ass eng speziell Situatioun aus menger Siicht, well dat Gebai u sech momentan an enger Prozedur ass, fir national klasséiert ze ginn. Dofir sinn ech elo e wéineg skeptesch, ob een ... Well na-

4. PAG et PAP

tional ass ëmmer iwwergeuerdnet iwwert deem, wat Dir hei decidéiert. Dat heescht, wann d'Ministesch muer kënnt an eppes anescht seet, wéi Dir hei gemengt hutt, ass dat nach ëmmer iwwergeuerdnet. Ech géif et eraushalen.

ERNY MULLER (LSAP):

Ma neen, entschëllegt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller, kënnt Der de Mikro umachen, w.e.gl.?

ERNY MULLER (LSAP):

Ech mengen, Dir wësst alleguer – déi meescht, et ware jo deemools net alleguer hei am Gemengerot –, mir hu jo eng Positioun bezunn zu deem Gebai. A mir hunn heibannen e Vote geholl.

(Ënnerbriechung)

Jo. Mä mir hunn awer dobäi eng Demande vu Sites et monuments als Procédure, an do hu mer eng Positioun. An ech mengen, mir sollen déi Positioun, déi mer do bezunn hunn, bäibehalen. Et ass dat, wat mer haut confirméieren.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Mir confirméieren. Okay.

ERNY MULLER (LSAP):

An da misste mer dat awer an den Text hei schreiwen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ah, Dir confirméiert déi Positioun?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Okay.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do misste mer deemnächst eng Äntwert kréien. Da kucke mer emol, wat déi soen. Dat wieren och 17 Jo an 2 Enthalungen.

Mir sinn da bei Nummer 11. Hei si mer der Meenung, datt et soll Cité ouvrière bleiwen. Ass et esou? 17 Jo an 2 Enthalungen.

Dann den 12. Do si mer och der Meenung, datt et soll esou bleiwen, wéi mir et virgesinn haten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 13 soll och esou bleiwen, wéi mer et virgesinn haten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Mir sinn der Meenung, datt de 14 och soll esou bestoe bleiwen, wéi mer et am éischten Text virgesinn haten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 15 genau d'selwecht. Et soll esou bestoe bleiwen, wéi mer et virgesinn haten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Pardon, do wollt ech awer nofroen. Hie behaapt, duerch dat Haus kéint hien net an der Avenue Parc des Sports bauen. Stëmmt dat, oder hunn ech dat falsch interpretéiert?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen. Ech mengen net, datt ...

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'il s'agit de la maison 10. (Discussion)

Roberto Traversini demande à nouveau s'il faut exclure la grange. (Discussion)

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

précise que la situation est particulière parce que le bâtiment en question est en train d'être classé monument national. Par conséquent, c'est le ministre qui aura le dernier mot de toute façon, peu importe ce que décide le conseil communal.

ERNY MULLER (LSAP) intervient.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui demande d'allumer le micro.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle que le conseil communal a déjà pris position et voté.

(Interruption)

Erny Muller insiste sur le fait que le conseil communal a pris position et qu'il ne devrait pas changer d'avis. Il faudrait préciser tout cela dans le texte.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est du même avis.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

constate que la position du conseil communal est donc confirmée.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passe aux maisons 11, 12, 13, 14 et 15, qui seront protégées comme prévu.

4. PAG et PAP

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *signale que le propriétaire se plaint du fait qu'il ne puisse plus construire dans l'avenue du Parc-des-Sports. Est-ce exact?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que non.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *constate qu'il est question de la maison au no 144 de l'avenue Charlotte.*

ERNY MULLER (LSAP) *répond que le texte mentionne un problème de canal.
(Discussion)
Erny Muller se souvient d'une entrevue séparée en ce qui concerne la construction. Ce n'est pas lié au point dont il est question aujourd'hui.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *confirme qu'il s'agit de deux choses différentes.*

ERNY MULLER (LSAP) *ajoute que lorsque ce propriétaire s'est rendu à l'entrevue, il a été décidé que le problème de l'extension de sa maison serait traité séparément. Aujourd'hui, la question porte sur les sanitaires.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passe aux maisons 16, 17, 18, 19, 20, 21 et 22, 23 et 24, qui seront protégées comme prévu.*

ERNY MULLER (LSAP) *signale que le bâtiment 25 n'existe plus.*

Mir schwätze jo hei vum Haus 144, avenue Charlotte?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Well a sengem Bréif schreift hien ...

ERNY MULLER (LSAP):

Dat steet awer net hei. Hei steet „Problème de canal” ...

(Diskussiounen)

Also dat do ass dat, wat ech nach weess. Entschëllegt, Här Diderich, do hate mer eng separat Entrevue wéinst deem Bau. D'Bauen an dat heiten, mengen ech, hunn näischt direkt mateneen ze dinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et sinn zwou verschidde Saachen.

ERNY MULLER (LSAP):

Et sinn zwou verschidde Saachen. Wou déi Persoun hei war, huet en eis dat erzielt, an do hu mer gesot, mer géifen dat separat gesinn, fir iwwert déi Problematik vu senger Extensioun vum Gebai ze schwätzen.

An hei gesitt Der, datt hei d'Hauptproblematik de Sanitär ass, do ass e Problem mam Kanal an esou weider. Wéi et hei steet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir sinn der Meenung, datt et soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Dat nächst: 16, dat ass d'Cité ouvrière. Si mer eis och eens, datt mer et esou loossen, wéi mer et virgesinn haten? 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 17 och, datt et virgesinn ass, et esou ze klasséieren, wéi mer et virgeschloen haten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 18 d'selwecht. D'Cités ouvrière sollen esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 19. Soll deen och esou bleiwen? 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 20. Si mer och der Meenung, datt et soll esou bleiwen? Do ass de Propriétaire och net komm. 17 Jo, 2 Enthalungen.

Den 21 d'selwecht. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 22: si mer der Meenung, datt et soll esou bleiwen, wéi mir et virgeschloen haten? 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 23, dat Gespréich ass scho méi laang hier. Mir sinn do awer der Meenung, datt et sollt esou klasséiert ginn, wéi mir et virgesinn haten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 24. Si mer do och der Meenung, datt et soll esou bleiwen, wéi et virgesi war?

An de 25: dat ass esou, do war schonn ...

ERNY MULLER (LSAP):

Dat Gebai besteet net méi.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat Gebai besteet net méi. D'Baugeneemegung war scho virdrun eraus, ier mer et klasséiert haten. Dofir steet d'Gebai net méi. Ech mengen, do kënne mer eisen Accord ginn, well d'Gebaier net méi bestinn. Mä och dat ass d'selwecht wéi de Familljeschutz: alles, wat virum Vote war, ass natierlech erlaabt. Wat net méi wéi richteg ass. Och, wann et engem e bësse leed deet.

De 26: do si mer der Meenung, et soll erhale bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 27 idem. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Beim 28 ass eng kleng Ännerung. Mir sinn eis mam Propriétaire eens ginn,

datt d'Annex soll erausgeholl ginn. Wann Der domat averstane sidd? 17 Jo an 2 Enthalungen.

Dann den 29. Do wëlle mer alles esou si loossen, wéi mer et virgeschloen hatten. 17 Jo, 2 Enthalungen.

Den 30 ass virgesinn, och esou ze halen. D'Cité ouvrière. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 31 d'selwecht. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 32: Accord suite aux explications. Dat heescht, do si mer och der Meenung, et soll esou bleiwen, wéi et ass.

Beim 33 ass decidéiert ginn, d'Annex erauszehuelen. Wann Der domatter averstane sidd. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Beim 34 gesitt Der, datt de Propriétaire averstanen ass, et esou ze loossen, wéi mer et virgesinn hatten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 35 ass datselwecht wéi de 34. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 36: do si mer der Meenung, datt mir dat sollen esou klasséieren, wéi eis Servicer et virgeschloen hunn. 17 Jo an 2 Enthalungen.

(Ënnerbriechung)

ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass déi Reklamatioun, déi erakomm ass. Bei deenen Entrevueën hunn d'Leit sech d'Fro gestallt: „Firwat ass dat do net virgesinn? Et ass eng ähnlech Situatioun wéi bei mir“. Déi sinn opgeholl ginn a mat erakomm. Op jidde Fall ass dorop reagiert ginn. Mä dat steet awer net dran.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Si kënnen nodréiglech erageholl ginn.

ERNY MULLER (LSAP):

Si kënnen nodréiglech erageholl ginn. Dat ass genau wéi déi Reclamanten, déi hei waren, déi gefrot hunn, fir nach Hai-

ser mat drop ze huelen. Där waren der jo och do. An dat dote war am Fong esou eng Reklamatioun, wou dat gefrot ginn ass. Dofir ass dat drop gesat ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

17 Jo an 2 Enthalungen. Ech freeë mech fir deen, deen de Bericht hei muss schreiwen.

Da wäre mer bei 37. Ee vun de leschte Bauerenhäff. Do si mer der Meenung, dat Ganzt soll erhale bleiwen, sou wéi mir et virgeschloen hatten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

38: do si mer och der Meenung, datt et soll bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

39: do si mer och der Meenung, datt et muss esou bleiwen, wéi mir et virgeschloen hatten. D'Cité ouvrière. 17 Jo an 2 Enthalungen.

40, mam Accord vun de Propriétaires, datt et soll esou bleiwen. 17 Jo, 2 Enthalungen.

41 ass d'selwecht. Mam Accord vun de Propriétaires, datt et soll esou bleiwen, wéi mir et virgesinn hatten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

42 och. Mir sinn der Meenung, datt et soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

43, mam Accord vun de Propriétaires, datt et soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 44 d'selwecht. Cité ouvrière. Mir sinn der Meenung, datt et soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

45 soll och esou bleiwen, wéi mir et virgesinn hatten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 46 d'selwecht. Mir sinn der Meenung, datt et soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 47, « le bâtiment reste classé en construction et un projet de gîte rural est en cours d'élaboration ... »

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

explique que le permis de construire a été octroyé avant que l'immeuble ne soit protégé.

Il passe aux maisons 26 et 27, qui seront protégées comme prévu.

L'annexe de la maison 28 sera enlevée de la liste.

Les maisons 29, 30, 31 et 32 seront protégées comme prévu.

L'annexe de la maison 33 sera enlevée.

Les maisons 34, 35 et 36 seront protégées comme prévu.

(Interruption)

ERNY MULLER (LSAP)

explique qu'il s'agit de propriétaires qui se sont demandé pourquoi leur maison n'a pas été retenue alors que la situation était la même que celle d'autres maisons.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

précise que ces immeubles pourront être ajoutés par la suite.

ERNY MULLER (LSAP)

ajoute que certains réclamants voulaient que davantage de maisons soient ajoutées à la liste.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passe aux maisons 37, 38, 39, 40, 41, 42, 43, 44, 45 et 46 seront protégées comme prévu.

4. PAG et PAP

Pour ce qui est du bâtiment 47, un projet de gîte rural est en cours d'élaboration.

ERNY MULLER (LSAP) estime que ce projet ne pourra probablement pas être réalisé comme le propriétaire le souhaite. Cependant, il a été introduit avant la décision.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rappelle que ce classement communal n'a rien à voir avec le classement national. La commune est plus flexible.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) précise que la commune n'était pas favorable au dossier tel qu'il avait été remis. Il ajoute cependant qu'une deuxième proposition a été introduite et celle-ci va dans la bonne direction.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe à la maison 48, qui sera protégée comme prévu.

Le pignon de rue sera enlevé pour ce qui est la maison 49.

Les maisons 50, 51, 52, 53, 54, 55, 56, 57, 58, 59 et 60 seront protégées comme prévu.

ERNY MULLER (LSAP):

Däerf ech dozou nach eppes soen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ganz gären, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech mengen, do muss een awer soen, dass do e Projet eragereecht ginn ass, dee wahrscheinlech, sou wéi ech et gesinn, net direkt kann an där Virstellung realiséiert ginn, wéi dee Propriétaire dat gesäit. Mä ech mengen, mir sollten deem awer Rechnung droen, dass dee Projet awer virdrun heibanne war. Well ech hunn dee selwer schonn diskutéiert gehat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wëll och just soen: Dat hei ass e Gemengeklassement. Et huet näischt mat engem Statsklassement ze dinn. Dat heescht, mir si vill méi flexibel, fir Saache réckgängeg ze maachen. Dir hutt awer ganz Recht.

Den Här Liesch wëll zum 47 nach eppes soen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo. Et ass ganz richtig, wat den Här Muller seet. Et ass en Dossier erakomm, fir dee mer, wéi Dir richtig gesot hutt, net favorabel sinn. Mëttlerweil ass eng zweet Propose erakomm, virun zéng Deeg. Wou et daitlech besser ausgesäit, wou mer eis och nach eng Kéier zesummesetzen, fir ze kucken, ob nach e puer Optimiséierungen dra sinn.

Mä Dir hutt awer ganz Recht. Et war en éischten Dossier do. Mä et ass mëttlerweil schonn en zweeten do, deen an déi Richtung geet, wéi mer et am Klassement eigentlech virgesinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Also si mer der Meenung, et soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 48: si mer do och der Meenung, datt mer et sollen esou halen? 17 Jo zu 2 Enthalungen.

Beim 49 gesitt Der, datt do e Pignon erausgeholl ginn ass. Dat heescht, d'Fasad bleift. Just de Pignon de rue gëtt erausgeholl. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 50: do si mer der Meenung, datt et soll esou bleiwen, wéi mer et virgesinn haten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 51 – mir si bal duerch – soll esou bleiwen, wéi mer et virgesinn haten. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 52: do si mer der Meenung, datt et soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 53: do si mer och der Meenung, et soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 54: och do si mer der Meenung, datt mer et sollen esou loossen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 55: do si mer och der Meenung, et soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

56 soll och esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 57 soll esou bleiwen. 17 Jo an 2 Enthalungen.

Soll den 58 esou bleiwen? 17 Jo an 2 Enthalungen.

Den 59 selbstverständlech och. Soll deen esou bleiwen? 17 Jo an 2 Enthalungen.

De 60, mam Accord vum Propriétaire: soll dat esou klasséiert bleiwen? 17 Jo an 2 Enthalungen.

Da si mer beim 61. Do gesitt Der d'Erklärungen. Mat deem, woumat mer averstane sinn, a mat deem, wou mer am Moment nach net averstane sinn. Verschidde Saache mussen nach geregelt

4. PAG et PAP

ginn. Ech proposéieren, e separate Vote ze huelen.

Dir gesitt 7 Saachen, wou mer der Mee-
nung sinn, datt déi sollen integréiert
ginn. An déi aner 3 Saachen: do si mer
amgaangen, drun ze schaffen, well do
nach Aarbechte gemaach ginn. Ënnert
anerem ass hei vill vun engem Science
Center geschwat ginn.

(Ënnerstëtzung)

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Deen éischte Punkt muss de eraushue-
len, deem hu mer scho votéiert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Okay. Den Här Muller huet d'Wuert.

ERNY MULLER (LSAP):

Dir hutt gemierkt, dass dat eng Persoun
ass, déi guer net hei an der Gemeng
wunnt. Also gesitt Der, wat fir Rechter
Der hutt. Dir kënnt am ganze Land, iw-
werall, wou dat hei geschitt, interven-
éieren an de Leit octroyéieren, wat se ze
maachen hunn.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, Dir hutt d'Wuert.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt dozou soen, dass déi Persoun
laang Joren hei an der Ëmweltkommis-
sioun war an hiert ganzt Liewen, mat
Ausnam vun e puer Joer zu Rëmeleng,
hei zu Déifferdeng gewunnt huet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass schued, datt se geplënnert ass.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Genau.

(Gelaachs)

Si ass och nach ëmmer aktiv hei an der
Gemeng.

Wat den Hall industriel, d'Groussgaass-
maschinn ubelaangt, egal, wat domatter
geschitt, denken ech, mer sollten awer
d'Konstruktioun schützen. Well et ass e
private Propriétaire, deem all Dag deci-
déiere kann, mam Bagger doduerch ze
fueren. A wa se geschützt ass, bleift se
geschützt.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech sinn der Meenung, wéi, wéi ech un-
huelen, de ganze Schäfferot, datt mer
Vertrauen hunn, an datt mer sollen déi
nächst puer Méint ofwaarden, well et
ass wierklech amgaangen. Ech war elo
scho bei dräi, véier Ministèren do-
wéinst, ArcelorMittal ass am Boot, et
geet an eng Richtung, an a kengem Ge-
spréich, wat ech mat de Ministère ge-
fouert hunn, fir 2022 an och fir de Sci-
ence Center, ass net eemol dru geduecht
ginn, déi Hal ofzerappen. Wann eng
Kéier een Zweifel géif bestoen, géif ech
den Dag drop e Gemengerot aberuffen,
an da géif se geschützt ginn.

Ech mengen, datt mer eis do sollte Spill-
raum loossen, bis mer genau wëssen,
wat mer domatter maachen oder net.
Selbstverständlech dierf déi Hal ni ofge-
rappt ginn. Vertraut mer do e bëssen.

Jo, Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Déi heite Saache misste mer am Fong
geholl och eraushuelen. Do si jo Leit,
déi anere Leit hir Haiser proposéieren.
Déi géif ech och an d'Servitude huelen.
Ech géif déi eraushuelen.

Déi Leit sinn net Propriétaire.

(Diskussiounen)

*Roberto Traversini passe à la mai-
son 61. Le collègue échevinal est
d'accord avec certaines proposi-
tions, mais pas avec d'autres. Le
bourgmestre suggère un vote sé-
paré. Des travaux sont en cours sur
le site. Il est notamment question du
Science Center.
(Interruption)*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) si-
gnale que le premier point a déjà été
soumis au vote.

ERNY MULLER (LSAP) ajoute que la
personne en question n'habite pas à
Differdange. La commune peut
donc intervenir partout dans le pays
et décider ce que les gens doivent
faire.
(Discussion)

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
précise que la personne en question
a été longtemps membre de la com-
mission de l'environnement et
qu'elle a habité pratiquement toute
sa vie à Differdange.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
regrette qu'elle ait déménagé.
(Rires)

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
ajoute qu'elle continue à être active
à Differdange.
Il estime que la halle industrielle
doit être protégée. Car comme il
s'agit d'un propriétaire privé, il peut
décider à tout moment de la démo-
lir.
(Discussions)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
trouve qu'il faut avoir confiance et
qu'il vaut mieux attendre quelques
mois.
Il a discuté avec plusieurs ministres
au sujet de 2022 et du Science Cen-
ter et à aucun moment il n'a été
question de démolir la halle. Et s'il
devait en être question un jour, il la
ferait protéger le lendemain par le
conseil communal. Il demande aux
conseillers communaux de lui faire
confiance.

4. PAG et PAP

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *constate que certaines personnes proposent de classer des maisons ne leur appartenant pas. Il suggère de retirer ces demandes.*

(Discussions)

Georges Liesch réplique que le propriétaire n'a pas pu réclamer.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *donne raison à M. Liesch.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *explique que sa remarque vaut pour tous les points suivants. Les propriétaires n'ont pas été avertis. C'est pourquoi il propose d'exclure ces immeubles du vote.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *suggère de prendre une décision pour les maisons 60 à 65.*

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *demande si cela vaut aussi pour la halle industrielle.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *demande si les conseillers communaux sont d'accord pour ces immeubles fassent partie de la servitude. Il constate que oui.*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *demande s'il s'agit des maisons 60 à 65.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que oui.*

TOM ULVELING (CSV) *réplique que la maison 60 n'est pas concernée.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *précise qu'il s'agit des maisons 61 à 65. (Vote)*

An de Propriétaire konnt net reklaméieren. Ech géif déi och an d'Servitude huelen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech ginn dem Här Liesch d'Wuert. An et ass ganz richtig, wat den Här Liesch seet. Hie kann Iech dat och soen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dir gesitt déi nächst Punkten, déi elo kommen. Do stinn ëmmer Remarquen dobäi. Hei handelt et sech ëm Leit, déi eis drop opmierksam gemaach hunn, dass et nach aner Haiser gëtt, déi net um Inventaire stinn, wou si awer fannen, déi missten drop kommen. Or, d'Propriétaire vum deenen Haiser, ëm déi et hei geet, sinn an d'ärselwechter Situation wéi déi, déi mer herno iwwert d'Kommissioun deliberéieren, déi sinn net avertéiert ginn. Dat heescht, ech géif proposéieren, déi aus dem Vote erauszehuelen an op d'Servitude ze huelen, fir dass och déi Leit déiselwecht Rechter a Prozeduren hu wéi déi aner.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géif ech virschloen, e Vote ze huele vu 60 bis 65.

Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Voilà, dat géif jo dann och fir den Hall industriel zielen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig. Déi bleift dran.

Sidd Der dofir, datt déi sollen op d'Servitude kommen? Yes, 19 Jo-Stëmmen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

60 bis 65?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Mir huele Kontakt mat deene Propriétaires op.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Neen, vun 61.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

60 ass nach okay. Vun 61 bis 65.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

61.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, richtig.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 abstentions

– de maintenir le classement de l'immeuble 6, Parc Gerlache comme «construction à protéger»,

– de maintenir le classement de l'immeuble 6, place du Marché comme «construction à protéger»,

– de modifier le classement de l'immeuble 37-39 av de la Liberté comme «façade à protéger» au lieu de «construction à protéger»,

– de maintenir le classement de l'immeuble 2B, av de la Liberté comme «construction à protéger»,

– de maintenir le classement de l'immeuble 12, place du Marché comme «construction à protéger» mais d'en retirer les annexes,

– de maintenir le classement de l'immeuble 10 + 10A, place du Marché comme «construction à protéger» mais d'en retirer les annexes,

– de maintenir le classement de l'immeuble 8, place du Marché comme «construction à protéger»,

– de modifier le classement de l'immeuble 16, rue Kelvert comme «façade à protéger» au lieu de «construction à protéger»,

4. PAG et PAP

- de maintenir le classement de l'immeuble 10, rue JF Kennedy comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 117, av. Charlotte comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 100, av. d'Oberkorn comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 11, route de Belvaux dans le «secteur protégé»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 1, rue Pasteur dans le «secteur protégé»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 111, av. de la Liberté comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 144, avenue Charlotte comme «façade protégée»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 19, rue de l'Acier comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 19, rue des Jardins comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 19, rue du Funiculaire comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 20, rue St Joseph comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 21, rue Aloyse Kayser comme «façade protégée»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 23, rue Aloyse Kayser comme «façade protégée»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 24, rue Pierre Gansen comme «façade protégée»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 25, rue Adolphe Krieps comme «construction à protéger»,
- de retirer l'immeuble 25, rue J.F Kennedy de la liste des classements,
- de maintenir le classement de l'immeuble 30, avenue de la Liberté comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 30, Cité Thomas comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 30, route de Belvaux comme «construction à protéger» mais d'en retirer ses annexes,
- de maintenir le classement de l'immeuble 36, route de Belvaux comme «construction à protéger»,

- de maintenir le classement de l'immeuble 38, rue de l'Acier comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 4, Cité Henry Grey comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 4, rue Belair comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 40, rue de la Montagne comme «construction à protéger» et d'en retirer l'annexe latérale,
- de maintenir le classement de l'immeuble 44, Cité Henry Grey comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 52, rue Principale comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 53, route de Belvaux comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 53, rue Principale comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 54, rue de la Sidérurgie comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 54, rue Principale comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 55, rue Roosevelt comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 56, rue Principale comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 58, rue Belair comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 58, rue de l'Acier comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 73, rue Belair comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 75-79, avenue Charlotte comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 81, rue Principale comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 84, avenue de la Liberté comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 9, Montée du Wangert comme «façade à protéger» et d'en retirer le pignon nu,
- de maintenir le classement de l'immeuble 9, rue JF Kennedy comme «construction à protéger»,

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à l'avis de la commission. Comme les propriétaires concernés n'ont pas pu se rendre à la commune et discuter avec les services, il propose de leur donner cette possibilité maintenant, même si ce n'est pas prévu par la loi.

Le collège échevinal a mené une discussion à ce sujet. Il s'agit de protéger les maisons rapidement pour éviter que les propriétaires ne les démolissent. Mais il est important d'octroyer les mêmes droits à tous les propriétaires.

Roberto Traversini se réjouit qu'un consensus ait été trouvé. Il suggère de ne pas soumettre les bâtiments proposés par la commission au vote, mais de les placer sous servitude. Cela permet aux propriétaires de réaliser de petits travaux sans toutefois pouvoir démolir l'immeuble. La décision définitive sera prise dans le cadre du PAG. Cela permet de répondre aux craintes de M. Diderich, de M. Liesch et du collège échevinal.

ERNY MULLER (LSAP) se réjouit d'avoir pu trouver un accord avec le collège échevinal. En effet, les socialistes n'auraient pas pu approuver l'autre solution.

- de maintenir le classement de l'immeuble 90, rue Dicks-Lentz comme «façade à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 91, rue Dicks-Lentz comme «façade à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 91-93, avenue de la Liberté comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 92, rue Dicks-Lentz comme «façade à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 93, rue Dicks-Lentz comme «façade à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 36, rue Dr. Welter comme «cité ouvrière»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 153, avenue de la Liberté comme «construction à protéger»,
- d'ajouter le classement de l'immeuble 57, rue Principale comme «construction à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 1-5, rue Michel Rodange comme «façade à protéger»,
- de maintenir le classement de l'immeuble 26, rue de l'Industrie comme «cité ouvrière».

Da komme mer zum Avis vun der Kommissioun. Nodeems jidderee seng Argumenter ervirbruecht huet, an och richtig Argumenter, déi ee wierklech ka verstoen, datt déi Leit, deenen hir Haiser vun der Kommissioun aus geschützt sinn, net déiselwecht Méiglechkeet haten, op d'Gemeng ze kommen, mat eis ze diskutieren, mat eise Servicer ze diskutieren, an awer vläicht domatter averstane sinn, oder och net, si mer der Meenung, datt, och wann d'Gesetz et net virgesäit, een dat awer soll maachen. Ech ginn Iech do Recht, Här Ruckert.

Dat war och eng Diskussioun am Schäfferot, mä mir haten dee Wee gesicht, schnell ze schützen, net datt d'Leit eventuell eng Demolitioun géife froen. Dat ass richtig, wat Der gesot hutt. Mir sollen de Bierger, wann et nëmme méiglech ass, déiselwecht Rechter ginn, och wann d'Prozedur et net virgesäit. An ech wëll dozou soen, datt mer elo méi transparent sinn, wéi de Minister et virgeschloen hat.

Ech si frou, datt mer e Konsens fonnt hunn. Ech géif soen, datt mer déi sämt-

lech Gebaier, déi d'Kommissioun wëll schützen loosse, sief et ganz, just d'Fas-sad, de Volumen, och d'Nopeschhaiser, déi eis Servicer gefrot hunn, fir lénks a riets ze schützen, net sollen zum Vote ginn, wéi et virgesi war. Nodeems mer eis elo zesummen zeréckgezunn hunn, géif ech virschloen, eng Servitude op déi Gebaier ze setzen. D'Servitude erlaabt et, natierlech sous condition vun engem Moratoire, datt d'Leit nach kënne kleng Aarbechten dru maachen. Ënnerhalts-aarbechten dierfe gemaach ginn. Et dierf een awer natierlech net un d'Haaptsubstanz goen, dat heescht, ofrappen, bis de PAG gestëmmt ass. Bis mer dann och d'Méiglechkeet hunn, déi sämtlech Leit unzehieren. An datt mer duerno eng Decisioun am PAG géifen huelen.

Domatter wären déi Ängschten, déi den Här Diderich an den Här Liesch haten, wéi iwwregens och de ganze Schäfferot, ewech. Déi Leit, déi elo gewuer ginn, datt hiert Haus kéint geschützt ginn, dierfen et net ofrappen.

Mir géifen Iech da virschloen, eng Servitude op déi sämtlech Gebaier setzen ze loosse.

Här Muller, Dir hutt d'Wuert.

ERNY MULLER (LSAP):

Fir d'éischt emol fannen ech dat wierklech an der Rei, dass mer dee Konsens fonnt hunn, fir op dee Wee ze goen, zesumme mam Schäfferot. Well dat anert hätte mer net kënne matdroen.

Mir maachen elo de Wee op, am Kader vum PAG, déiselwecht Prozedur ze maache wéi fir déi Leit vum éischte Vote, déi éischt Kategorie, wann een esou wëll, mat deem, wat mer haut ofgestëmmt hunn. Dat ass dat, wat mer wollten als LSAP. Dofir mengen ech, dass mer e gudde Konsens fonnt hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech hat éinescht d'Wuert net geholl, no den Argumentatiounen vun deenen anere Parteien. Ech wëll ënnersträichen, dass mir Gréng déiselwecht Bedenken haten, an ech virun allem dem Här Diderich seng Argumentatioun ganz kloer suivéieren, dass mer den Zuch net däerfe verpassen, dass op eemol awer nach Fassade verschwonne sinn, wat mer dann duerno zudéifst bedauern. Ech si frou, dass all d'Parteien sech eens waren an där klenger Paus, fir zu deem Konsens ze kommen, wat am Fong den Här Buergermeeschter och virgeschloen huert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci.

Mir begreissen déi Propos, datt Der wëllt eng Servitude drop leeën.

Bei eis war et just esou, datt net nëmmen de Facteur Zäit gespillt huert, fir e bësse méi Zäit ze hunn, fir dat Ganzt ze analyséieren, mä am Argumentaire hate mer jo nach ganz aner Saachen, déi ech elo net wëll widderhuelen, déi och schonn am Juni 2017 gesot goufen.

Dofir géife mir awer bei der Enthaltung bleiwen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Okay, villmools Merci.

Jo, Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat am Fong virgeschloen, dee Punkt vun der Dagesuerdnung ze huelen, eben aus der Iwwerleeung eraus, dass d'Leit ongläich behandelt ginn.

Ech mengen awer elo doduerch, dass mer deen een an deen anere Vote trennen, an dass mer op déi zweet Serie eng Servitude leeën, dass dat dee richteg Wee ass. Dass also déi Leit nach kënne gefrot ginn, a wa se Reklamatiounen hunn, déi kënne ervirbréngen.

An ech géif dann och elo dofir stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci.

Den Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Erlaabt mer kuerz, op d'Argumenter vun eis anzegoen. Ech hat nach näischt zu deem Punkt ze soe kritt.

An de leschte Joren a Jorzéngten ass Déifferdeng extrem gewuess. Wat gutt ass. Leider hat dës och negativ Impakter: Strukturen an Infrastrukturen, déi mat dem Wuesstum net konnte mathalen. A Wunnquartiere sinn Eefamilljenhaiser ofgerappt an duerch grouss Wunnunitéiten ersat ginn. Oft zum No-deel vun der Liewensqualitéit vun der Noperschaft. De vieregte Schafferot hat mam Projet Schutz vun den Eefamilljenhaiser an den Niewestroosse reagiert.

Et si vill schéin an erhalenswäert Gebaier, eise Patrimoine, fir ëmmer verschwonne. Mat dësem Vote soll dat zukünftig verhënnert ginn, an e soll dofir suergen, dass an eiser Gemeng Haiser, Zäitzeien, ënnert anerem zur Architektur, zu eiser Geschicht an eiser industrieller Vergaangenheet, erhale ginn.

Dës zwee Projekte muss een am Kontext vum Iwwerschaft vum neie PAG a PAP gesinn. Dës zwee Projekte wäerten duerno do erafléissen an definitiv bewäert ginn.

Wichtig ass, wat scho gesot gouf, datt d'Reklamatiounen, d'Suergen, d'Froe vun den Awunner, déi all vun der Gemeng ugeschriwwen goufen, eescht geholl ginn an Zäit dofir bleift. Als CSV begreisse mir, datt dat elo net direkt gestëmmt gëtt, mä als Servitude, an datt d'Leit Zäit hunn, fir dat nach nodréiglech ze maachen.

Dans le cadre du PAG, la deuxième catégorie de propriétaires pourra suivre la même procédure que la première. C'est ce que voulait le LSAP.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

précise que les écologistes avaient les mêmes craintes que les autres partis. Il comprend les arguments de M. Diderich qui craint que des façades ne disparaissent si l'on perd trop de temps.

Frenz Schwachtgen est content qu'un consensus ait été trouvé.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *salue la proposition d'une servitude. Il signale cependant que les démocrates ont avancé d'autres raisons pour lesquelles ils ne sont pas d'accord avec l'inventaire. C'est pourquoi ils s'abstiendront lors du vote.*

ALI RUCKERT (KPL) *avait proposé de retirer ce point de l'ordre du jour parce que certains propriétaires n'avaient pas été traités comme les autres. Cependant, une servitude constitue la bonne décision. Les propriétaires auront le temps de réclamer s'ils le souhaitent. C'est pourquoi Ali Ruckert votera oui.*

JERRY HARTUNG (CSV) *constate qu'il n'a pas encore pris position et qu'il souhaite le faire maintenant. Au cours des dernières années, la population de Differdange a crû énormément. Il y a eu plusieurs conséquences négatives — et notamment des infrastructures inadaptées et la démolition de maisons unifamiliales. Le collège échevinal précédent a réagi en protégeant les maisons unifamiliales dans les rues secondaires.*

De nombreux immeubles intéressants ont déjà été démolis. Le vote d'aujourd'hui permet de protéger des témoins architecturaux et historiques du passé industriel.

4. PAG et PAP

Une partie des immeubles seront traités dans le cadre du nouveau PAG. Il est important que la commune prenne au sérieux les réclamations, les soucis et les questions des habitants. C'est pourquoi les chrétiens sociaux approuvent le fait que davantage de temps soit laissé à la deuxième vague de propriétaires.

Ce projet a vu le jour en coopération avec les Sites et Monuments. Ce sont les experts qui ont détecté les maisons et les cités. La Commission a, quant à elle, été extrêmement neutre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

s'excuse de ne pas avoir cédé la parole à M. Hartung tout à l'heure.

(Rires)

Il ajoute que certains conseillers communaux ont vu ce type d'oubli d'un mauvais œil et ont pensé que le bourgmestre le faisait exprès.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

apporte son soutien à la proposition du M. Traversini. Une servitude garantit que rien n'arrivera aux immeubles tout en laissant le temps de peaufiner les détails. Déi Lénk aura notamment le temps de proposer d'autres immeubles. Gary Diderich demande une vaste discussion.

Il approuvera la décision d'aujourd'hui. Elle laisse aux propriétaires le temps nécessaire d'intervenir.

FRED BERTINELLI (LSAP)

n'en a pas cru ses oreilles tout à l'heure, lorsque M. Diderich a pris la parole. D'un côté, celui-ci prône la participation des citoyens à tout bout de champ, y compris pour des broutilles. De l'autre, la décision d'aujourd'hui constitue une intrusion importante dans la vie privée des gens puisque la commune décide de protéger des maisons dont ils sont propriétaires. Et voilà que M. Diderich voudrait classer 500 maisons sans qu'il y ait une réunion d'information publique. Fred Bertinelli en est bouche bée. Il ne comprend pas comme on puisse vouloir une telle chose.

Le compromis est acceptable parce que le collègue échevinal est disposé à discuter avec les gens. Mais M. Diderich était celui qui n'arrê-

Et muss een och soen, datt dese Projet mam Sites et monuments zesummen er-stallt ginn ass. Si hunn d'Haiser an d'Ci-téen detektéiert. Sou datt een u sech vun enger externer neutraler Kommissioun ka schwätzen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Entschëllegt, datt ech Iech virdrun net gesinn hat.

(Gelaachs)

Ech sinn hei scho vun engem anere Conseiller ganz béis gekuckt ginn, wëll ech Iech soen. Mä Dir mengt ëmmer, ech géif Iech vergiessen.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech wollt och bestätegen, dass dat eng ganz gutt Léisung ass, déi Dir proposéiert, déi mer zesummen diskutéiert hunn. Ech denken, dass d'Servitude ebe grad sécherstellt, dass do näischt geschitt, wat net am Interêt vun eis wär, an eis awer Zäit gëtt, fir verschidde Saachen nach eng Kéier méi am Detail ze kucken. An ech denken, dass mer déi Gebaier, déi mir nach wéilte virschloen, bis zum nächste PAG wäerte formaliséieren. Ech wollt dofir froen, wéi eng Prozedur Dir virgesinn hutt, fir dat nach eng Kéier méi large ze diskutéieren, wou een da fir Verschiddenes méi Zäit hätt, fir dat am Detail ze kucken.

Jiddefalls mam Vote si mer ganz averstanen, dass mer dat als Servitude maachen, dass d'Leit nach Zäit hunn, ze intervenéieren, an dass een dann, wann deen neie PAG gemaach gëtt, kann decidéieren, wéi eng ee wierklech protegéiert, a wéi eng net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci.

Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dozou och Stellung huelen, well ech virdru gemengt hat, ech hätt net richtig verstane bei der Ried vum Här Diderich, dass hei an der Gemeng kee Waasserkrunn, keng Plaz, näischt gemaach gëtt, wou ëmmer Biergerbedeelegung gefuerdert ginn ass. Hei maache mer e ganz groussen Agrëff an d'Privatliewe vun all Mënsch, dee sech en Haus hei kaf huet, wou mer vun uewen erof decidéieren, fir de Patrimoine vun eiser Stad ze halen, ob eng Fassad schützenswäert ass. Dat ass en immensen Agrëff an d'Privatliewe vun de Leit alleguerten. Et ass nämlech hiert Haus, dat si bezuelt hunn. Et ass schonn net näischt, wann een dat elo wierklech mécht.

An da verstinn ech net, datt een do an engem Fiederstréch alles freet, eng Biergerbedeelegung, an hei einfach 500 Haiser géif klasséieren, ouni mat de Leit geschwat ze hunn, ouni eng Biergerversammlung gemaach ze hunn. Also dat verstinn ech elo wierklech net. Dat war ze héich fir mech. Dat ass eppes, wat een esou net mécht.

Ech mengen, dee Kompromiss, dee mer fonnt hunn, well de Schäfferot sech op de Fändel geschriwwen huet, mat de Leit ze schwätzen a biergerno ze sinn, ass ganz richtig. An ech mengen, een, deen eis ëmmer e bëssen de Spigel virgehalen huet, war den Här Diderich. Dofir hunn ech dat heiten absolut net verstanen, wou een dann einfach esou weider 450 Haiser mat klasséiert, ouni mat de Leit ze schwätzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, Dir sidd ugeschwat ginn. Da kritt Dir selbstverständlech d'Wuert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci. Ech si méifach ugeschwat ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schwätzt mech un, soss muss ech d'Wuert nach eng Kéier weiderginn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo. Et ass relativ kloer wat ech gesot hunn. Et ass keen hei am Gemengerot, mengen ech, dee wollt, dass d'Kommissioun einfach 450 Gebaier op eng Lëscht setzt, wou Leit an eng Prozedur geholl ginn, wou se vun der Gemeng aus net waren, a wou d'Gemeng de Prozess net konnt steieren. Dat war, mengen ech, kloer.

Dem Ministère kann ech awer soen, wat ech wëll. Ech soen, dass ech dat net gutt fannen. Mä ech soen, an där Situatioun, wou mer sinn, ass dat heiten, mengen ech, elo eng gutt Léisung, fir temporär sécherzestellen, dass do keng Saache geschéien, déi net iwwerluecht sinn.

An d'Leit si jo elo net fir eng Protektioun condamnéiert. Ech hat net virgeschloen, dass dat op éiweg de Fall wär, mä dass een dat da spéitstens beim Iwwerschaffe vum PAG géif iwwerkucken. An natierlech bleiwen ech bei menger Positioun, dass ee fir de gesamte PAG e Prozess vu Biergerbedeelegung soll maachen. Ech hat och hei gefrot: „Wat maache mer dann elo, no deem heite Vote, fir dass déi, déi mer an d'Servitude setzen, mat de Leit gekuckt ginn?“ Dat hat ech hei gesot. Ech hoffen, dass Der et dës Kéier verstanen hutt.

Ech ënnerstëtzen op jidde Fall d'Léisung vun där Situatioun, déi mer, mengen ech, net hei wollten.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Ech wëll et nach eng Kéier erklären. Dir sidd jo och domat averstanen, datt mer dat zum Vote ginn, datt mer déi Decisioun um Ordre du jour bäi annexéieren. Net, datt mer e Formfeeler maachen.

Mir sinn der Meenung, datt mer et sollen op den Ordre du jour setzen an elo zum Vote ginn, datt mer elo eng Servitude op den Avis vun der Kommissioun ginn. All déi Haiser, déi bäikomm sinn – et sinn der e puer dobäi komm –, well d'Bierger reklaméiert hunn. Déi sinn och dobäi. Datt mer do drop eng Servitude setzen.

Här Krecké, ech géif proposéieren, et nominell ze maachen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Just vläicht fir d'Press an deem Dschungel vun där Prozedur, déi net einfach ass, dat Gesetz vun zanter 2004, wat scho méi wéi siwemol ugepasst ginn ass, dass jidderee versteet, wat elo hei geschitt ass. Well dat ass net einfach ze duerchblécken.

D'Stad Déifferdeng hat am Juni d'lescht Joer eng Saisine gemaach, fir Fassaden a fir Gebaier ze klasséieren. Dee Votum, deen de Gemengerot haut virhëlt, befaasst sech eenzeg an alleng mat deenen Haiser, Gebaier, déi de Juni 2017 op der Kaart stoungen, nodeems dann och 30 Deeg Enquête waren, a wou déi Leit, déi deemools ursprénglech betraff waren, konnte reklaméieren.

D'Gesetz huet eng Lacune. Aus deem einfache Grond, well d'Commission d'aménagement eis am Oktober een Avis ofliwwert, wou si Stellung hëlt, wou da schonn déi Enquête publique längst ofgeschloss ass, a wou si sech d'Fräiheet geholl huet, fir nach Gebaier bäizesetzen. Oder wéi och Leit, déi reklaméiert hunn, déi aner Gebaier bäisetze wollten.

Do besteet eng Gesetzeslacune asouwäit, dass net méi eng zweete Kéier eng Enquête opgemaach gëtt, an d'Leit virun e Fait accompli gesat ginn a just nach Asprochrecht virum Minister hunn. Dat heescht, mir kënnen eis hei am Gemengerot net in extenso mat eppes befaassen, well keng zweet Enquête méi gelaf ass fir Leit, déi, wéi gesot, an engem zweete Worf op eemol sollte mat an de Gesetzesprozess erageholl ginn.

Dat ass am Fong geholl eng Lacune am 2004er Gesetz, wat vläicht emol gutt ass, ervirbruecht ze ginn, a wou mir eis, wéi gesot, haut drop beschränken, just

tait pas de critiquer. Et maintenant, il voudrait classer 450 maisons sans en parler avec les propriétaires.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
demande à M. Diderich s'il souhaite répondre.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *constate que son nom a été prononcé à plusieurs reprises.*

Persone au sein du conseil communal ne voulait placer 450 maisons sur une liste sans qu'il y ait une discussion et sans que la commune puisse diriger le processus.

Gary Diderich n'approuve pas la façon de faire du ministère et n'hésite pas à le dire. Étant donné la situation, la décision du collège échevinal est la bonne: s'assurer que rien ne sera fait de manière irréfléchie.

Gary Diderich ajoute qu'une protection n'équivaut pas à une condamnation. Il avait proposé des modifications lors des discussions sur le PAG. Il avait aussi insisté pour que des discussions avec les propriétaires aient lieu. Il espère que M. Bertinelli a compris cette fois-ci.

En tout cas, il soutient la décision finalement prise.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
demande aux conseillers communaux s'ils sont d'accord pour que la décision soit annexée à l'ordre du jour. Il s'agit de placer une servitude sur l'avis de la Commission.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)
constate que cette procédure est une jungle. La loi de 2004 a été modifiée à sept reprises.

Henri Krecké rappelle qu'en juin dernier, la Ville de Differdange a décidé de classer des façades et des bâtiments. Le vote d'aujourd'hui porte uniquement sur les bâtiments prévus en juin 2017 et où les propriétaires ont pu réclamer. Mais la loi a une lacune. La Commission d'aménagement a pris la liberté d'ajouter des bâtiments à la liste en octobre alors que l'enquête publique était terminée. Une deuxième enquête publique n'étant pas prévue par la loi, les propriétaires sont placés devant un fait accompli et ne peuvent réclamer que devant le ministre.

Henri Krecké insiste sur cette lacune de la loi de 2004. Aujourd'hui, le vote ne portera donc que sur la procédure débutée en juin 2017.

S'il reste des questions, Henri Krecké y répondra tout à l'heure. Il répète que cette procédure est compliquée.

En tout cas, tous les bâtiments qui ont été ajoutés par la suite — soit par la Commission d'aménagement, soit à travers des réclamations — sont placés sous servitude.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait que l'on remarque que M. Krecké donne des cours.

(Vote)

Roberto Traversini passe au point 5, une convention avec l'État pour le financement du 1535°.

Un groupe d'experts propose trois personnes intéressantes: M. Jan Glas, le président de Luxembourg Creative Industries Cluster, Mme Anna Loporcaro, qui travaille au musée, et M. Diego Di Biasio, directeur du Technoport. Plusieurs startups ont commencé au Technoport avant de s'établir au 1535°.

Ces trois personnes seront chargées de conseiller la commune.

ERNY MULLER (LSAP) estime qu'il n'y a pas matière à discuter des compétences de ces personnes. Mais la procédure n'est pas claire. Elles devront donner un avis indépendant «sur base de critères objectifs établis par la Ville». Quels sont ces critères?

Deuxièmement, qui prendra la décision? Le bourgmestre? Le collègue échevinal? Le conseil communal? La commission?

déi Votumen ze maachen zu enger Prozedur, déi am Juni 2017 ugaangen ass an net erweidert gëtt, duerch nach aner Ëmstänn.

Ech stinn och herno nach zur Verfügung, wann Der nach eng Fro dozou hutt. Et ass net einfach. Et ass wierklech net einfach. Ech mengen, dass et elo ganz kloer ass, wéi de Votum stattfënnt. Also alles, wat bäikomm ass iwwert individuell Reklamatiounen oder vun der Commission d'aménagement, gëtt elo an eng Servitude gesat. Dee Votum huele mer elo duerch.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Et mierkt een, datt eise Gemengesekretär och Course gëtt.

Dir hutt d'Wuert.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 abstentions de soumettre à servitudes tous les immeubles proposés dans l'avis de la commission d'aménagement dans le cadre du projet de modification ponctuelle du PAG dénommée «secteurs et éléments protégés d'intérêt communal/protection» ainsi que ceux évoqués dans les réclamations/remarques citées sous 61-65 et qui n'ont pas figuré dans l'inventaire de base présenté lors de la saisine en date du 21 juin 2017.

Villmoos Merci fir deen interessante Vote.

Mir géifen dann zum fënnefte Punkt kommen, eng Konventioun mam Stat, wat de Finanzement vum 1535 °C ugeet.

En Expertegrupp schléit dräi ganz interessant Leit vir. Dir hutt d'CVen all do leien. Dat wär de Jan Glas, en ass 2017 President vum Creative Industries Cluster Lëtzebuerg ginn.

D'Madame Anna Loporcaro. Si schafft am Musée. Och e ganz interessanten CV.

An deen drëtten ass den Här Di Biasio Diego, deen ënnert anerem Direkter

vum Technoport ass. Déi eng oder aner Start-up, déi bei him ugefaangen huet, ass am 1535 °C.

Et sinn dräi ganz interessant Biographien, déi mir proposéieren, fir d'Charge ze iwwerhuelen, fir eis neutral ze beroden.

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Iwwert d'Kompetenz an d'Qualifikatioun vun deene Leit ass keng Diskussioun, déi ass ginn.

Mir hunn awer Froen zur Prozedur. Dir hutt elo gesot, déi ginn en Avis indépendant of „sur base de critères objectifs préalablement définis par la Ville”. Eis Fro dozou ass: Wéi geschitt dat? Wat sinn déi Kritären? Ginn déi och dem Gemengerot virgeluecht oder communiquéert?

Déi zweet Fro: Ween hält d'Decisioun? Sidd Dir dat, Här Buergermeeschter? Ass et de Schäfferot? Huet de Gemengerot do Matsproocherecht? Wéi gesäit et aus mat der Transparenz an allgemeng mat den Decisiounen, déi do geholl ginn? Oder gëtt einfach den Avis vun där Kommissioun tel quel, 1:1 iwwerdreien? Dat wär jo wierklech en neutrale Partner, deen eng Proposition mécht, an déi géif dann iwwerholl ginn.

Dann hu mer nach eng aner Fro, déi betrëfft d'Soundfabrik. Mir gesinn déi e bëssen als e spezielle Fall un, well déi jo deemnächst fäerdeg gëtt. An deem Groupe d'experts hu mer keng direkt Kompetenz entdeckt. Dofir froe mer, fir dee Fall e spezielle Grupp zesummenzesetzen, mat Experten an deem Beräich.

Engersäits geet et ëm d'Exploitatioun an d'Locatioun vun de Proufsäll. Aneersäits, et war kee bëllege Projet, den Tounstudio. Wéi ginn d'Kritären definiert fir d'Exploitatioun vum Tounstudio? Wat fir Prioritéite kréie Lëtzebuerger Produzenten? Ech mengen, do missen och Kritären definiert ginn. Fir dee Fall do misst een entweder de Grupp erweideren oder soen: „Do gräife mer op en aneren Expertegrupp zeréck”.

An dann – ech mengen, dat hutt Der Iech vläicht schonn erwaart, dass dat nach eng Kéier kéim – den Organigramm vum 1535 °C. Mir hunn do engersäits eng administrativ Verwaltungsstruktur, a mir wäer frou, wann Der eis deemnächst géift soen, wéi d'Gesamtverwaltung ausgesäit. Also geschitt dat spéiderhin iwwert e Verwaltungsrot? Wéi kéint deen zesummesat sinn, an esou weider? Ech mengen, da misste mer awer eng Kéier op de Wee goe vun engem Conseil d'administration. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Just ganz kuerz. Mir haten déiselwecht Fro, déi zweet vum Här Muller, betreffend d'Soundfactory. Ech brauch déi jo net méi ze widderhuelen. Mir wäeren och interesséiert, déi Informatiounen ze kréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci.

Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Ech begréissen, dass de Stat elo mat am Coup ass, dass elo e proppere Schrëtt zur Transparenz kënnt, dass mer wëssen, wéi dat elo ofleeft. Et sinn dräi Leit, déi sech an deem ganze Milieu do auskennen, déi Propose maachen.

Meng Froe sinn: Proposéiere si e puer Leit, déi eventuell dohinner kommen? Wéi ginn d'Decisiounen geholl? A ginn déi Leit remuneréiert, oder maache si dat benevole?

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Kritären, Här Muller, bleiwen natierlech déiselwecht wéi déi lescht véier Joer. Se musse professionell schaffen, se kënnen dat net nieweberufflech maachen. Ech kucken, dass Dir déi Kritäre gemailt oder iwwer Pabeier kritt. Déi sinn inchangé vun deene leschte véier Joer.

Et muss een och soen, dass mer net déi schlechte Choix getraff hunn, wann een de 1535 °C haut kuckt. Ech mengen, dass dat och eppes mat de Choixen ze dinn huet, dass déi richteg Leit op der richteger Plaz sinn. Leit, déi sech abréngen, déi sech engagieren.

De Gemengerot wäert nach ëmmer déi lescht Decisioun huelen, well et ass e Gemengegebaai. Dat heescht, iwwer all Exploitant, dee wäert heihinner kommen. A mir soe „Jo“ oder „Neen“.

De Grupp vun Experte stellt e Ranking op. An da muss erkläert ginn, wa si een op déi néngte Plaz gesat hunn, firwat mer deen era wëllen. Do gëtt et vläicht Erklärungen. Mä ech géif hoffen, dass dat, wat si virschloen, dann och de Gemengerot géif virschloen. Et muss een natierlech ëmmer kënne kritesch hanterfroen. Mä zum Schluss ass et scho wichteg, dass deem nogelauschtert gëtt. Well ech géif mengen, mat deem CV, deen déi Experten hunn, bräicht ee jo keen Expertegrupp, wann een andauernd géif eppes anescht soe wéi déi dräi Leit, déi eis eppes virschloen. Ech mengen, dass dat net wäert stattfannen. A wann, da muss een och Argumenter bréngen.

Zur Soundfactory. Do ass et esou, dass mer an den nächste Wochen a Méint fäerdeg sinn. D'Iddie lafen drop eraus, de Soundstudio auszeschreiwen an d'Proufsäll eventuell an Eegeregie ze huelen, well mer da vill méi flexibel sinn.

Et ass e Konzept amgaange preparéiert ze ginn, wat mer an déi jeeweileg Kommissioun wäerte bréngen.

Mir sinn der Meenung, dass et soll fir jiddereen op sinn an net nëmmen nom Geld gekuckt ginn. Dass een do fir bëlle Geld ka prouwen. Well wann een

Qu'en est-il de la Soundfactory? Le groupe d'experts dont il est question ne semble pas avoir les compétences requises. Va-t-on créer un groupe spécial?

Erny Muller rappelle qu'il s'agit d'exploiter et de louer des salles d'enregistrement. Le projet a coûté cher. Comment les critères seront-ils établis? Les producteurs luxembourgeois seront-ils prioritaires? Pour ce qui est de l'organigramme du 1535°, Erny Muller souligne qu'il existe une structure administrative. Va-t-on mettre en place un conseil d'administration? Si oui, ce qu'Erny Muller préconise, comment sera-t-il composé?

FRANÇOIS MEISCH (DP) souhaitait poser la même question que M. Muller concernant la Soundfactory.

GUY TEMPELS (CSV) salue l'entrée en jeu de l'État. Il s'agit d'un pas important vers plus de transparence.

Les trois personnes proposées s'y connaissent. Vont-elles faire des propositions? Qui prendra la décision? Seront-elles rémunérées?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que les critères resteront les mêmes que ces quatre dernières années. Les locataires devront être des professionnels. Le bourgmestre enverra les critères à M. Muller.

De toute façon, la commune n'a pas pris de mauvaises décisions jusqu'à présent. Le succès du projet dépend aussi des personnes qui se trouvent sur place.

Les décisions seront prises par le conseil communal puisqu'il s'agit d'un bâtiment communal.

Le groupe d'experts proposera un classement avec des explications. Roberto Traversini part du principe que le conseil communal suivra ses indications en règle générale. Certes, il faut maintenir un esprit critique, mais en fin de compte, il est nécessaire de savoir écouter les experts. La Soundfactory sera terminée au cours des prochains mois. Pour le moment, on préconise une soumission pour le studio d'enregistrement et une gestion propre pour les salles de répétition. Lorsque le concept

sera prêt, il sera présenté aux commissions.

Roberto Traversini estime que les salles de répétition doivent être disponibles pour tous. Or si elles étaient gérées par quelqu'un d'externe, la question des bénéfices se poserait inmanquablement. C'est pourquoi il est important de séparer le studio des salles de répétition. Des experts s'occupent de la question.

Un groupe d'experts a aussi été chargé de remettre un avis quant au bâtiment B. Faut-il réaliser quelque chose de semblable aux bâtiments A et C ou autre chose? Le collège échevinal est d'avis qu'il faut rénover le bâtiment à un prix raisonnable et le louer ensuite. Il faudra bien entendu aussi en discuter avec le ministère.

Le conseil communal reviendra sur la question du conseil d'administration.

Pour ce qui est de l'organigramme, un poste de portier a été créé. Il est probable que finalement, 5 ou 6 personnes gèreront ce site de 18 000 m2 et 600 à 800 emplois.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *croit avoir compris qu'à l'avenir, le conseil communal n'approuvera plus de simples contrats de bail. Le collège échevinal lui soumettra un classement des demandes en fonction de points attribués sur la base de critères. Les conseillers communaux disposeront alors du nom de tous les candidats. Cela renforcera la transparence.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que M. Diderich peut à tout moment consulter les dossiers sous la forme de fichiers Excel. Tout est transparent.*

Les experts feront des propositions. Le collège échevinal est convaincu que celles-ci seront acceptées. C'est pourquoi il suppose que le contrat de bail pourra être réalisé immédiatement.

dat net géif esou maachen, wann een dat géif extern ginn, géif och herno ënnert dem Stréch gekuckt ginn: „Wat bréngt dat?” Ech mengen, datt een déi 2 Saache sollt komplett trennen. D'Soundfactory gëtt ausgeschriwwen. A soubal wéi d'Tester ofgeschloss sinn, well et sinn néng Proufsäll ronderëm den Tounstudio, net datt een do Batterie spilt, an ee wëll bannendran eppes ophuelen – natierlech hunn do Experte geschafft, dat misst alles klappen –, gëtt dat ausgeschriwwen. An da kënnt dat och an de Gemengerot, wee mer doranner setzen.

Mir hunn den Expertegrupp och gebieden, vu que datt si vill Verantwortung hunn, en Avis iwwert de Bâtiment B ofzeginn. Mir hunn do déi eng oder aner Proposen, wéi et soll weidergoen. Fir ze kucken, wéi si dat gesinn. Ob et soll an deem Stil weidergoe wéi den A an den C, oder ob een do soll aner Saache maachen. Eis Meenung ass, wéi déi vum vieregte Schäfferot och, datt ee soll versichen, d'Metercarréen zu engem anstännege Präis ze renovéieren an zur Location ze ginn. Quitte, datt ee weess, datt haut och d'Energie matspillt. Mä déi zwou Saache sinn dann ze kucken.

Quitte, datt een och de Ministère muss froen, mä wann een néng Milliounen gëtt, dann huet een awer och eventuell d'Recht, ze kucken, wéi et soll weidergoen.

Mam Verwaltungsrot musse mer kucken, wéi mer dat maachen.

Den Organigramm wäert Der deemnächst kréien. Dir gesitt, haut hu mer erëm e Poste kreéiert. E Portiersposten ass intern ausgeschriwwen. Wou eis Leit vun der Gemeng sech och kënnen dofir mellen.

Mir rechnen, datt herno véier bis fënnef Leit e Site vun 18.000 m2 geréiere wäerten, plus zwësche 600 an 800 Aarbechtsplazen. Datt dat net iwwerdräwen ass.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hat mech virdrun net gemellt, well ech déi nämmlecht an ähnlech Froen hat.

Wann ech elo richtig verstanen hunn, géife mer an Zukunft net méi einfach eenzel Loyerskontrakter virgeluecht kréien, iwwert déi mer dann ofstëmmen, mä e Ranking vun allen Demanden, déi komm sinn, wou dee Comité de sélection am Fong esou eng Punktbewäertung opgrond vun de Kritäre gemaach huet a virschléit: „Déi an déi huele mer”, a mir hätten dann awer och an Zukunft déi am Dossier, déi net virgeschloe gi sinn, fir an d'Location ze huelen, wat jo bis elo nach net de Fall war. Dat wär jo dann e Méi un Transparenz, oder hunn ech dat zevill interpretéiert, wat ech do verstanen hunn?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass zwar net schlecht, mä e bëssen zevill. All Abléck kënnt Dir déi Dossiere kréien, wéi se am Moment do leien. Déi sinn op engem Excelstableau. Do gëtt et Leit, déi erfëllen d'Konditionnen net, déi Kritären, déi mer gesat hunn. Dat ass absolut transparent.

D'Iddi ass op alle Fall déi, datt déi déi Leit wäerte virschloen. Mir sinn dovun iwwerzeegt, datt mer dat wäerten unhuelen, wat si eis soen. An da wäert automatesch och de Contrat de bail hei stattfannen. Wann Zäit ass, kann een dat eent oder anert nohuelen. Mä ech géif mengen, wann een engem Expertegrupp nolauschert, kann een och direkt e Contrat de bail maachen, dat spuert Zäit.

Anerersäits, wann et Lokaler sinn, déi eréischt an e puer Méint fräi ginn, an et wäert och wahrscheinlech herno esou sinn, datt de Listing méi grouss ass, wéi mer am Fong geholl Lokaler hunn, datt een da seet: „Déi kënne mer huelen”. A soubal e Lokal fräi ass, kënne mer de Listing virhuelen.

Anerersäits kann et och sinn, datt dann e Contrat de bail kënnt. Mä op alle Fall wäerte mer versichen, alles ze maachen, datt mer déi Leit huelen, déi si eis virschloen. Déi zwou Saache si wahrscheinlich richtig.

Da géife mer zum Vote komme fir déi dräi Experten.

5. 1535° / 6. Actes et conventions

Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner trois experts indépendants pour le comité de sélection du 1535° creative hub.

Deen nächste Punkt ass eng Cession gratuite iwwert d'Trottoiren an d'Stroossen. Dat sinn déi üblech 25%, déi 50,82 Ar. Kéinte mer doriwwer ofstëmmen?

Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de cession gratuite avec Bepe Immo SARL, JMK SARL et Kikuoka Luxembourg SARL.

Deen nächste Punkt ass eng Konvention mat eise Maisons relais a Crèchen.

Madame Pregno, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Däerf ech nach e bëssen eppes zielen oder sidd Der all presséiert? Ass et okay? Däerf ech? Merci.

Et geet hei ëm eng Konvention tëschent der Gemeng an dem Stat fir d'Maisons relais an d'Crèchen, déi Der als SEA, Structures d'éducation et d'accueil, do erëmfannt. Fir déi, déi d'lescht Joer schonn dobäi waren, huet den Här Liesch dat schonn d'lescht Joer erkläert. Mir schwätzen ëfters vu Crèche oder Maison relais. Dat ass awer elo e bëssen zesummegeholl ginn.

Et geet engersäits ëm d'Finanzéierung. D'Kornascht an d'Bëschcrèche sinn zu 100% vum Stat konventionéiert. D'Maisons relais zu 75%. Dat heescht, do gëtt an deem Prozentsaz den Defizit iwwerholl, deen tëscht de Fonctionnementskäschten an dem Bäitrag vun den Elteren entsteet. Déi Finanzéierung kënnt a véier Tranchen op d'Gemeng zeréck, am Januar, am Abrëll, am Juli an am Oktober.

Déi Konvention definéiert ënnert anere d'Grilles horaires, wéi et funktionéiert, d'Programmer, also informatesch Programmer, déi souwuel am Service hei uewe benotzt gi wéi och an den Haiser selwer, an, ganz wichteg, de Personalschlüssel vun den Educateuren pro Kand. Dat ass een op sechs, wann d'Kanner manner wéi zwee Joer al sinn. Een Educateur op aacht tëschent zwee a véier Joer. An een op eelef, wann d'Kanner méi al si wéi véier Joer.

Dat ass ganz wichteg, fir ze wëssen, wéi ee mam Personal ëmgeet, well mer do amgaang sinn, erëm e bëssen, soen ech, Uerdnung dran ze bréngen, dass mer genuch Leit um Terrain hunn. Dofir sinn dat fir mech ganz wichteg Zuelen.

D'lescht Joer ass déi grouss Ännerung komm mat der SEA inclusive, wou u sech d'EBS-Stonnen ewechfalen, respektiv, wou mer eis an enger Phase transitoire an de Maisons relais befannen. Am Kornascht leeft dat aktiv ab dem Fréijor, genau wéi och de Plurilingues.

Just als kuerz Esquisse, ëm wat et do alles geet. Ech mengen, déi Konvention wäerte mer all Joers erëm hei stëmmen, well mer jo weider mat Maisons relais, Kornascht a Bëschcrèche schaffen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madame Pregno.

Mir géifen dann zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec l'État concernant les services d'éducation et d'accueil pour enfants.

Den Här Muller huet mat Jo gestëmmt.

ERNY MULLER (LSAP):

Jo.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Okay, dann huele mer deen och mat bäi.

Cependant, il est possible qu'à un moment donné, la liste soit plus longue du nombre de locaux disponibles. À ce moment-là, il faudra attendre que les locaux se libèrent. En tout cas, Roberto Traversini compte suivre l'avis des experts.

(Vote)

Roberto Traversini passe à une cession gratuite de trottoirs et de routes.

(Vote)

Roberto Traversini passe à une convention avec les maisons relais et les crèches.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *demande aux conseillers communaux s'ils sont pressés ou si elle a le temps de fournir quelques explications.*

Elle rappelle qu'il s'agit d'une convention entre la commune et l'État. M. Liesch a déjà fourni les explications l'année dernière.

Le Kornascht et la crèche en forêt sont financés entièrement par l'État, et les maisons relais à 75 %. En d'autres termes, l'État finance à hauteur de 75 % le déficit, c'est-à-dire la différence entre les frais de fonctionnement et la participation des parents. Le financement se fait en quatre tranches en janvier, avril, juillet et octobre.

La convention définit aussi les grilles horaires, les programmes informatiques et le nombre d'éducateurs, c'est-à-dire un éducateur pour 6 enfants de moins de 2 ans, un éducateur pour huit enfants de 2 à 4 ans et un éducateur pour 11 enfants de plus de 4 ans. Ces chiffres sont importants, car il faut veiller à ce qu'il y ait assez de personnel sur le terrain.

Laura Pregno rappelle que les maisons relais se trouvent dans une phase transitoire avec l'introduction du SEA.

Elle signale que la convention est signée tous les ans avec les maisons relais, le Kornascht et la crèche en forêt.

(Vote)

6. Actes et conventions

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à un avenant au 1535°. Au début, la commune a mis à disposition des salles communes ainsi que des services comme le nettoyage. Mais désormais, le collège échevinal est d'avis que les locataires doivent entretenir les parties communes ou payer des avances sur leurs charges. Tous les locataires ont été informés de l'avenant.

SERGE GOFFINET (LSAP) demande si on a le droit de faire un avenant à un contrat de bail. Celui-ci représente une augmentation des frais de 16,30 %.

Comme tous les frais de la commune ne sont pas encore définis, il pourrait y avoir d'autres avenants à l'avenir.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'effectivement, les contrats de bail sont plus complexes. Mais le collège échevinal a discuté avec les locataires et une décision a été prise. M. Goffinet a raison de dire que les locataires auraient pu refuser l'avenant.

Mais jusqu'à présent, la commune payait tout, même le papier toilette. Il est temps que le 1535° se finance. Il n'y a pas de raison que le contribuable paie pour des choses dont les locataires ont besoin.

SERGE GOFFINET (LSAP) demande si un accord commun a été trouvé.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que certains n'étaient pas contents. Mais il faut payer pour ce que l'on consomme — dans ce cas-ci, en fonction des mètres carrés loués. Quelques locataires ont demandé une entrevue.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat nächst ass en Avenant vum 1535°. Dat ass keen neie Kontrakt. Virun e puer Joer, wéi mer ugefaangen hunn, hu mer als Gemeng d'Gemeinschaftsraum a verschidde Saache ganz gär zur Verfügung gestallt. Och d'Botzen. Mir sinn der Meenung, datt dat elo lues a lues soll ophalen, datt d'Leit am Fong geholl fir de Commun sollen opkommen, respektiv Avancé bezuelen op hir Chargen. Esou brauche mer hinnen net nozelafen, fir d'Suen eran ze kréien.

Déi sämtlech Locataireen hunn dat kritt. Et si keng nei Kontrakter. Et sinn Avenanten.

Jo, Här Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech wollt froen: Geet dat iwwerhaupt, dass een en Avenant op e Contrat de bail mécht? Et ass just eng Fro.

Ech weess dat nämlech net. Ech hunn et emol ausgerechent, u sech sinn dat 16,30% méi Fraisen, déi déi Leit hunn. Dat hat jo dann d'Gemeng virdru bezuelt, wat do alles ugefall ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg, jo.

SERGE GOFFINET (LSAP):

An déi Käschten, déi mer hunn op deem Site, si jo awer nach net alleguerten definéiert. Do kéinten dann nach Käschte bäikommen iwwer en drëtten Avenant zu deem Contrat de bail. Dat sinn déi Froen, déi ech dozou hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass net esou einfach bei de Contrats de bailen. Hei si Baile resiliéiert ginn, respektiv et si Supplementen. Natierlech ass mat hinne geschwat ginn. Et ass net, datt se dat vun uewen erof diktéiert

kritt hunn. Dat ass einfach en Avenant, wou mer soen ...

SERGE GOFFINET (LSAP):

Jo, jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

... Si kéinten dat natierlech, Dir hutt Recht, refuséieren. Da géif et eng Gerichtsaffär ginn. An herno zum Schluss géife mer Recht kréien.

Mä et ass richteg, wéi Der sot, datt d'Gemeng bis elo alles bezuelt huet. Den Toilettapabeier an alles, dat huet d'Allgemengheet bezuelt. Mir sinn awer der Meenung, datt een elo soll kucken, datt dat sech selwer dréit. Vu que datt et Saache sinn, déi d'Leit wierklech brauchen. An et ass net, datt d'Allgemengheet dofir muss opkommen. Dir hutt Recht, jo.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Gouf dat en commun accord geholl?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et sinn der, déi natierlech net frou sinn doriwwer. Déi eng verstinn et, anerer verstinn et e bësse manner. Et ass souwisou dat, wat si verbrauchen. An ech fannen, wat s de verbrauchs, solls de dann och... An et ass op de Metercarré gerechent ginn. Mä déi meescht verstinn dat, muss ech soen. Anerer froen nach Entrevuë mat eis.

Mir wäerten dann elo méi oft Avenante kréien, bis se erëm all en règle sinn.

Da géife mer dat zum Vote bréngen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail.

Den nächste Punkt ass eppes, wou mer scho laang drop waarden, a wat mer scho laang hätte kéinte maachen. Dat

7. Ensemble contre le gaspillage alimentaire

ass „Ensemble contre le gaspillage alimentaire“. Madame Pregno, wat kënne mer do alles maachen, a fir wat engagéiere mer eis mat där Ënnerschrëft vun haut?

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Wéi gesot, mir hätte scho laang kéinten dobäi sinn. Mir haten e bësse vergiess, op den Zuch ze sprangen. Ëmsou méi wär et wichteg, dat dann elo ze maachen.

Et ass eng Campagne, déi landeswäit leeft, wou bis elo schon 63 Gemengen a Stied ënnerschriwwen hunn. Ronn 70% vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung. Wa mer déi ënnerschreiwen, ralliéiere mer eis ronderëm dat ganz Thema Gaspillage alimentaire, respektiv anti Gaspillage alimentaire a kéinte vun där Campagne profitéieren, fir dat Thema der Bevëlkerung e bësse méi no ze bréngen.

Wat awer net ausschléisst, dass mir och selwer kënnen, wat och scho gemaach gëtt, Initiativen ergräife géint d'Verschwendung vu Liewensmëttel, all Dag, souwuel an de Kantinnen, an de Maisons relais, wéi natierlech och an der Bevëlkerung. Well et muss ee wëssen, dass e Gros vu Liewensmëttelverschwendung doheem geschitt. A wann ee mat e puer kleng Gesten e bëssen oppasst, wéi ee säi Frigo raumt, wéi een akeeft, Rezepten, déi ee lénks a riets ka fannen, fir Saachen ze verbrauchen, mengen ech, kënne ganz flott Saache gemaach ginn, woumat ee ganz einfach deem kann entgéintwierken. Ech mengen, et ass schon eng Saach, déi derwäert ass.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Soss hätte mer et jo wahrscheinlech net op den Ordre du jour gesat.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech begréissen dat do immens. Ech hat eng Kéier d'Landkaart gekuckt, well déi Campagne ass Début 2017 lancéiert ginn duerch de Ministère de l'Agriculture et de la viticulture – wou et och wichteg ass, dass mer do kee Gaspillage maachen – et de la protection des consommateurs. Dat ass e ganz wichtegen Dossier. Do war eisen Eck, Déifferdeng, als eenzeg, mengen ech, hei am Süden nach net gefierft, an et ass gutt, dass mer elo op deem Zuch opsprangen.

Ech wëll nach kuerz aus deem Text zitieren, dass mer sollen „Opérations locales de sensibilisation à destination des citoyens et consommateurs“ maachen. Ech mengen, do ass e Programm, vun deem mer kënne profitéieren, mat Broschüren an esou virun, fir déi dann ze divulgéieren hei an der Gemeng, bei de Leit. Vläch och emol déi eng oder aner Konferenz oder Ausstellung zu deem Thema organiséieren.

Den zweete Punkt, wichteg: „Mettre en place des plans d'action dans les établissements de restauration collectives sous votre responsabilité“. Dat si jo haaptsächlech dann eis Kantinnen an esou weider. Awer ech denken, et sinn net nëmmen eis Kantinnen, well wann d'Gemeng soll mam gudden Beispill virgoen, sinn et och all eis Iessen, déi mer organiséieren. Zum Beispill d'Personalfeier, d'Rentefeier an esou virun, wou ee soll kucken, dass een och déi Iddi doranner kritt, dass och wierklech esou akaf gëtt, selon les besoins, an net einfach drop lass geschloen gëtt. Domat wëll ech awer net soen, dass dat ëmmer de Fall war, mä ech wëll einfach emol proaktiv virgoen.

Dann nach „Communiquer les actions et bonnes pratiques mises en place afin de pouvoir les divulguer“. Also eist Beispill, wat mir da vläch erausfannen. Dass och déi aner Mitglieder-Gemengen dat dann an deem Sënn maachen.

Ech denken, dass dat och e ganz wichtegt Thema ass fir eng Ëmweltkommis-

Il y aura encore quelques avenants à l'avenir.

(Vote)

Roberto Traversini passe au projet «Ensemble contre le gaspillage alimentaire». Il s'agit d'un point qu'il attendait depuis longtemps.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) constate que Differdange a pris du retard dans ce dossier. Il s'agit d'une campagne nationale à laquelle participent 63 communes, soit 70 % de la population. Elle vise à sensibiliser les gens au gaspillage alimentaire. Cela n'exclut pas que la commune prenne aussi des mesures, notamment dans les cantines des maisons relais. Mais le gros du gaspillage survient à la maison. Or quelques petits gestes concernant la façon dont on range son frigo ou comment on fait ses courses suffisent. Cela en vaut la peine.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que si cela n'en valait pas la peine, le collègue échevinal n'aurait pas mis ce point à l'ordre du jour.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) salue cette décision. La campagne a été lancée en 2017 par le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs. Differdange était la seule ville du sud à ne pas y participer. Selon le texte, la Ville de Differdange devra mettre en place des opérations locales de sensibilisation à destination des citoyens et consommateurs. Il existe déjà des brochures. Peut-être pourra-t-on organiser des conférences ou des expositions.

Un autre point important est celui de la mise en place de plans d'action dans les établissements de restauration collective. Pour Frenz Schwachtgen, il ne s'agit pas seulement des cantines, mais aussi de tous les repas organisés par la commune comme la fête du personnel ou la fête des retraités.

7. Ensemble contre le gaspillage alimentaire

Le troisième point concerne la communication des actions et des bonnes pratiques.

Frenz Schwachtgen signale que la commission de l'environnement a souvent abordé ces questions. Il s'agit de thèmes à aborder aussi dans les écoles et à la commune.

FRED BERTINELLI (LSAP) constate à son tour que Differdange a pris un peu de retard dans ce dossier. Or il est important de réduire le gaspillage, car avec ses cantines scolaires, la commune est un grand gaspilleur. En raison de la loi sur l'hygiène, il n'était pas possible non plus de donner les restes.

Il existe toutefois des alternatives et Fred Bertinelli espère que ce dossier sera pris au sérieux et qu'il ne s'agit pas uniquement de figurer sur une liste nationale.

Il mentionne Stëmm vun der Strooss et d'autres institutions. La commune pourrait aussi mettre une cuisine à disposition de personnes dans le besoin. Dans les cantines scolaires, cela ne serait possible que le soir.

Les socialistes soutiennent ce projet à 100 %. Mais si en fin de compte, la nourriture est jetée malgré tout, cela ne servira à rien. Fred Bertinelli constate que les repas sont préparés de toute façon. Il n'y a donc pas de coûts supplémentaires.

Une discussion pourrait aussi être menée avec les commissions. Ou alors, on pourrait faire comme dans les communes du Nord, où les restes servent à nourrir les animaux des agriculteurs. Il existe beaucoup de solutions. Il faut bien réfléchir à la question.

GUY TEMPELS (CSV) salue ce point qui figurait dans le programme électoral du CSV.

sioun, well mer schonn dacks iwwert dat Thema diskutéiert hunn. An natierlech fir de Schoulberäich a fir de generale Beräich vum Gemengefonctionnement.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Merci och, Här Schwachtgen.

Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

D'LSAP fënnt dat eng gutt Saach. An et ass richtig, datt mer do e bëssen hannelndra gerode sinn.

Mir fannen d'Saach gutt, wat do geschitt, fir de Gaspillage ze reduzéieren. Zemools, well mer als Gemeng ee vun deene gréisste Gaspilleure sinn, mat bal 3.000 Kanner an eise Schoulen, a mer ganz vill Kantinnen a Kichen hunn, wou mer wëssen, wat all Dag do ewechgehäit muss ginn.

Et war jo och leider mam Gesetz vun der Hygiène net méiglech, op aner Weeër ze goen, fir de Leit dat ze ginn. Mä do gëtt et awer Alternativen. An ech hoffen och, datt mer op e Wee ginn, wa mer dat heite maachen, dass dat eescht gemengt ass, fir net nëmmen national op enger Lëscht ze stoen.

Ech mengen, et ass eng Gemeng am Land, déi et vormécht, fir Leit ze bedénge, wéi d'Stëmm vun der Strooss oder aner Institutiounen, oder Sans-abris, eng Kichen anzeriichte fir Leit, déi wierklech um Minimum sinn, wou een Iesse ka maachen. Ech weess, a Kantinnen, déi mëttes schaffe fir Schoulkanner, kéint dat dann och nëmmen owes sinn, well et ass e relativ grouse Problem. An ech hunn och verschidde Gemenge gesinn, déi op Biogazentrale gaange sinn, fir dat dann do ënnerzebréngen.

Et ass schéin a gutt, wa mer dat maachen. Mir begreifen dat als LSAP zu 100%. Mä wann am Nachhinein d'Iessen awer herno ewechgehäit gëtt, hu mer jo näischt geschafft. An et misst ee kucken, fir d'Leit dorunner ze bedeelegen, wa méiglech ouni Käschtchen, well

dat Iessen ass jo gekacht, dat ass jo nach gutt. Datt een e Wee fënnt, fir et awer souwäit wéi méiglech kënnen weiderzeginn.

Oder datt ee mat verschiddene Kommissiounen schwätzt, ween dovunner nach kéint Notzen droen.

Et kéint ee vläicht op e Wee goen, wéi eng Nordgemeng et mécht, fir mat Baueren zesummen ze schaffen, fir Béischten ze fidderen. Do gëtt et vill Weeër. Ech mengen, et muss ee sech konkret de Kapp zerbriechen, wat ee mat deene Masse vun Alimentatioun mécht.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Merci och, Här Bertinelli.

Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, Här Buergermeeschter, mir vun der CSV begreifen dese Punkt, deen op der Dagesuerdnung steet. E stoung iwwregens och am Koalitiounsprogramm.

Ech mengen, et muss ee kucken, d'Leit iergendwéi ze sensibiliséieren, dass se manner kafen a sou mann wéi méiglech ewechgeheien. Dat ass net ëmmer einfach. Et kritt een ëmmer gesot, et soll een net hongreg an de Supermarché goen, well da keeft ee vill Saachen, déi een net brauch.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Dat ass richtig. Dat ass net falsch.

GUY TEMPELS (CSV):

Mir ass zu Ouere komm, dass an de Maisons relaisen anscheinend immens vill géif ewechgehäit ginn. Ech weess net, ob et esou ass. Dat wär schued. Ech weess net, ob et eng Méiglechkeet gëtt,

7. Ensemble contre le gaspillage alimentaire

dat Iessen iergendwéi weiderzeginn. Dat ass jo deen Ament gekacht ginn, dat ka jo net kuerz drop einfach schlecht gi sinn.

Et ass einfach schued, dass vun uewen erof oder vun der Santé einfach gesot gëtt, et dierf een et net viru ginn oder eng Méiglechkeet fannen, fir dat un aner Leit, déi dat vläicht kéinte gebrauchen oder frou wäeren, wa se eppes esou hätten, weiderzeginn.

Ech mengen, den Här Diderich hat vun engem Restaurant solidaire oder esou geschwat. Do misst ee kucken, Pisten opzegräifen, fir dat an de Grëff ze kréien.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass eng ganz gutt Initiativ géint d'Liewensmëttelverbëtzung. Dat gëllt jo net nëmme fir kommunal Aariichtungen, mä global an der Gesellschaft.

Wann een dat mécht, dann ass dat, wéi ee sou schéi seet, eng „End-of-pipe solution“. Well d'Realitéit ass jo awer déi, dass déi Konsum-Ideologie, déi sech breet gemaach huet an der Gesellschaft, am Moment nach dominant ass. An dass am Fong keng Reglementer oder Gesetzter gemaach ginn, fir ze verhënnere, dass de Leit duerch déi grouss Konzerner, déi jo awer d'Suen dofir hunn, ageriet gëtt, wat si alles u Besoinen hätten, a wat se missten onbedéngt kafen. Wat awer net de Fall ass.

An ech stelle fest, dass do op Landesniveau guer näischt erfollegt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

Madame Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter, Madame, Dir Hären aus dem Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, am Kader vun der Sensibiliséierungscampagne „Zesumme géint Liewensmëttelverschwendung“ an dem Appel vum Agrikultur-, Vitikultur- a Verbraucherschutzministère un d'Gemeng Déifferdeng, dëser bäizetrieden.

Als Demokratesch Partei si mir der Meenung, dass all eenzelnen eng ethesch Verflechtung huet, sech dem Problem vun der Liewensmëttelverschwendung unzuhuelen an de Verbraucher, besonnesch jonk Leit, duerch säi Verhalen a sengem Alldag ze sensibiliséieren – „Eat it, don't waste it“ –, zur Wäertschätzung vun de Liewensmëttel bäizedroen an d'Verbëtzung am Haushalt ze reduzéieren. Zum Beispill, Kreativitéit bei der Verwäertung vun den Lessreschter.

Ënnerstëtzt kéint dëst ginn duerch Workshopen „How to do“, souwéi awer och a Richtung vun de Grousskichen, wéi an de Kichen an an de Kantinne vun de Maisons relaisen a Schoulen aus eiser Gemeng. En Defi duerch en neit Iwwersiichtskonzept, zum Beispill, wat d'Quantitéiten ubelaangt. Ech mengen, ech muss der CSV do Recht ginn. Anscheinend muss ganz vill ewechgehäit ginn.

11,2% Liewensmëtteloffall duerch ze vill Dëschrechter entfalen op Grousskichen.

Da wollt ech am Fong geholl déi Fro stellen zum Bäitritt vun eiser Gemeng. Mä déi ass mer schonn duerch d'Madame Pregno beäntwert ginn.

Ech soe Merci. D'DP stëmmt dëst.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madame Saeul.

Da géife mer zum Vote kommen.

Il faut sensibiliser les gens pour qu'ils achètent et jettent moins. Ce n'est pas facile. On dit toujours qu'il ne faut pas aller au supermarché affamé, car sinon on achète plus.
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

trouve que M. Tempels a raison.

GUY TEMPELS (CSV) a entendu dire que les maisons relais gaspillaient beaucoup. Ne pourrait-on pas donner les restes? De toute façon, les plats sont préparés et ne sont pas avariés. Il est dommage que la loi ne permette pas de donner les restes à des personnes qui en auraient besoin.

M. Diderich a mentionné un restaurant solidaire. Il faut évaluer différentes pistes.

ALI RUCKERT (KPL) salue à son tour cette initiative contre le gaspillage alimentaire. Mais il s'agit en fait d'une solution en fin de chaîne. Car la réalité est que l'idéologie de consommation reste dominante dans notre société. Il devrait exister des règlements empêchant les grandes entreprises de convaincre les gens d'acheter toujours plus. Malheureusement, le Luxembourg ne fait rien à ce sujet.

CHRISTIANE SAEUL (DP) rappelle qu'il est question d'une campagne du ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs contre le gaspillage alimentaire, à laquelle la Ville de Differdange veut participer. Chacun a le devoir moral de sensibiliser les autres — et en particulier les jeunes — au gaspillage. On peut, par exemple, se montrer créatif dans la réutilisation des restes alimentaires.

Christiane Saeul propose notamment d'organiser des ateliers. Il faut aussi mettre au point un concept permettant d'évaluer les quantités gaspillées dans les maisons relais. En effet, le CSV a raison à ce sujet. Pour le reste, Mme Pregno a déjà répondu aux questions des démocrates qui approuveront ce projet.
(Vote)

8. Règlements temporaires de circulation

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé aux règlements temporaires de circulation.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

signale qu'il y a en tout six règlements dans le dossier concernant des constructions et des rénovations. Une entreprise demande des places de stationnement dans la Grand-rue.

GUY ALTMEISCH (LSAP)

se montrera bref, car certains conseillers communaux en ont assez.

Le 10 janvier, il a rappelé que les panneaux de signalisation installés par la commune sur la voirie doivent reposer sur un règlement d'urgence. Autrement, ces panneaux n'ont aucune valeur et ne doivent pas être respectés. En cas d'accident, le collège échevinal est responsable.

Malheureusement, le collège échevinal n'a pas donné suite aux remarques de Guy Altmeisch. Le règlement 54 porte en effet sur des panneaux placés au Metzkimmert il y a au moins deux mois. Guy Altmeisch espère que le collège échevinal n'attend pas un accident pour réagir.

Par ailleurs, il signale qu'en autorisant les automobilistes à tourner à gauche au carrefour du Woiwer, le collège échevinal a créé une situation dangereuse. Lorsque Guy Altmeisch pense aux poids lourds et aux bus qui tournent à gauche, il a les cheveux qui se dressent.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

voudrait bien voir cela.

(Rires)

GUY ALTMEISCH (LSAP)

demande que l'on trouve une autre solution.

(Rires)

Il prendra des photos la prochaine fois qu'il sera sur place.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que M. Liesch a pris des notes

(Vote)

Le conseil communal décide avec 18 voix oui d'adhérer à la campagne de sensibilisation gouvernementale «Ensemble contre le gaspillage alimentaire».

Merci. An da géife mer zu de Règlements temporaires de circulation kommen. Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dir gesitt, am Dossier ass nach eng bäikomm. Am Ganze sinn et der also sechs, wann ech mech elo net verzielt hunn. Dat si verschidde Reglementatiounen, wou gebaut a renovéiert gëtt, respektiv eng Firma Parkplaz freet, fir an der Grand-Rue ze schaffen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech faasse mech kuerz, well d'Leit ufänken, es genuch ze hunn.

Am Gemengerot vum 10. Januar hat ech drop opmierksam gemaach, dass d'Verkëiersschëlter, déi op ëffentlecher Strooss vun der Gemeng opgeriicht ginn, duerch en Drénglechkeetsreglement müssen ofgeséichert sinn. Soss hunn d'Schëlter keng Valeur a brauchen net respektéiert ze ginn, an d'Responsabilitéit bei Accidenter läit beim Schäfte-rot.

Ech bedauern, dass meng Interventioun keng Suite fonnt huet. Mir stëmmen elo iwwert d'Reglement Nummer 54 of, an d'Schëlter am Metzkimmert stäit laanger Zäit, minimum zwee Méint.

Ech hoffen, dass mer net müssen op en Accident waarden, fir eis dann un d'Reglementer an d'Gesetzer ze halen. Sou vill zum Règlement d'urgence.

Ech wëll, aus Drénglechkeetsgrënn, nach eng Kéier drop opmierksam maa-

chen, dass mer eng ganz geféierlech Situatioun geschaf hunn, andeems mer de Lénksabbieger erëm op der Woiwer Kräizung erlaben. Wann een do déi Schwéiertransporter, déi Suedelen an déi Gelenkbusser, déi aus der rue Woiwer kommen an an d'Zolwerstrooss müssen abéien, gesäit, stinn engem déi puer Hoer, déi een nach huet, zu Bierg.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat géif ech zwar gär gesinn.

(Gelaachs)

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech wier frou, wa sech géife Gedanken gemaach ginn, fir eng aner Léisung ze fannen.

(Gelaachs)

Ech wäert dann eng Foto maachen, wann ech do stinn. Ech wier frou, wa mer eis doriwwer kéinte Gedanken maachen, fir eng méi gesond Situatioun ze schafen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här Liesch huet sech dat opgeschriwwen. Dat gëtt nogekuckt.

Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Den nächste Punkt sinn eis Kommissiounen. D'Natur- an Ëmweltkommissioun schléit den Här Braquet Jeannot vir. Domatter wär hien dann och do an der Kommissioun.

Ech wëll och soen: „Deen een oder anere vun de Pompjeeskommandante waren och a verschiddene Kommissiounen”. Selbstverständlech sinn déi nach

9. Commissions consultatives

ëmmer do wëllkomm. A mir géifen dat dann och nohuelen. Ech weess, datt een an der Bautekommissioun war an an der Verkéierskommissioun. Ech hu mä in Accord scho ginn. Mä domatter wësst Der da Bescheed, datt mer dat wäerte maachen.

Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Zu der Nominatioun vum Här Braquet. Mir huelen hien als normale Member an d'Kommissioun, wéi dat ëmmer war.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, selbstverständlech.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Hei steet „en tant qu'expert”. Bon. En ass Expert a gewëssene Saachen. Apaart Natursaachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir ginn iwwert dem Här Biwer säin ...

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo, et ass gutt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir begrëssen als LSAP, dass d'Natur an Ëmwelt kann en Expert stellen. Mir fannen dat ganz wichteg an deem Beräich.

Wéi Der virdrun erkläert hutt, hoffen ech, dass dat och ënnert déi Mesurë fält vun de Pompjeeskommandanten ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi sinn dat selbstverständlech och.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

... a vun de Pompjeeën. Mir kënnen net verstoen, dass an der Mobilitéitskommissioun de Poste vum Expert gestrach ginn ass. Säit Jore war e Member vun der lokaler Police als Expert an där Kommissioun vertrauden.

Ech kann nëmme bestätegen, dass fir déi Informatiounen an esou Fachkreesser betreffend d'Verkéiserssituatioun an der Gemeng, d'Beschëlderung, de Code de la route seng Rotschléi fir eis vu vill Wäert waren. Mir géifen et bedauern, wann deen net méi kéint als Expert nominéiert ginn an där Kommissioun. Ech verstinn net, firwat e gestrach ginn ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

En ass nach dran.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech hu selwer mam Kolleeg geschwat. Hien huet keng Invitatioun méi kritt, kee Schreiwes, kee Gespréich, einfach ignoréiert. Mir als LSAP fannen dat keng flott Manéier, fir een aus enger Kommissioun esou erauszekatapultéieren, deen 20 Joer dra war.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Selbstverständlech ass dat net de Fall. Dat ass geschitt, mengen ech, wéi mer hei d'Kommissioun schnell genannt hunn. Do ass deen een oder anere vergiess ginn. Ech hunn awer deemools och net vun Ärer Säit héieren: „Deen an deen ass eraus”. Et ass op alle Fall net politesch gewollt, datt e soll gestrach ginn. Ech mengen, jiddereen hat déi sämtlech Memberen do leien. Déi Oublien hu mer elo erëm gutt gemaach.

De Kommandant vun de Pompjeeën hat mir geschriwwen. Do hat ech selbstverständlech gesot, datt dat en Oubli war.

Roberto Traversini passe aux commissions. La commission de l'environnement propose M. Jeannot Braquet.

Roberto Traversini signale que les commandants des pompiers sont les bienvenus dans les commissions.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

demande si M. Braquet est un membre normal.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

insiste sur le fait que M. Braquet est mentionné en tant qu'expert dans le dossier.

GUY ALTMEISCH (LSAP) salue le fait

que la commission de l'environnement dispose d'un expert.

Il espère que les pompiers sont aussi concernés par ces mesures.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

GUY ALTMEISCH (LSAP) ne comprend pas

que le poste d'expert ait été supprimé de la commission de la mobilité. Depuis des années, un membre de la police locale faisait partie de la commission.

Guy Altmeisch précise que ses informations concernant la circulation, les panneaux de signalisation et le Code de la route étaient d'une grande utilité. Il regrette qu'il n'y ait plus d'expert au sein de la commission.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que c'est faux.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rétorque

que la personne en question n'a plus reçu d'invitation et qu'elle se sent ignorée. Les socialistes regrettent que cette personne soit éjectée de cette manière d'une commission dont elle a fait partie pendant vingt ans.

9. Commissions consultatives

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

explique que l'un ou l'autre membre a été oublié lorsque les commissions ont été nommées. Mais M. Altmeisch n'a pas non plus signalé les oublis à l'époque. Les conseillers communaux disposaient tous de la liste des membres.

Le commandant des pompiers avait été oublié aussi. Il a écrit au bourgmestre à ce sujet. Le membre de la police n'a pas prévenu le bourgmestre.

Le collègue échevinal a ouvert les commissions aux citoyens. Il ne va pas les fermer aux experts.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *réplique que la liste des conseillers communaux ne contenait que des représentants politiques. Il n'y était pas question d'experts.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ne comprend pas pourquoi personne n'a posé la question à l'époque. Il s'agit d'un oubli et aucun conseiller communal n'a réagi. Il n'y a rien d'autre à ajouter. M. Altmeisch n'a rien remarqué non plus.*

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) *proteste. La commission n'a jamais dit que le commissaire avait été éliminé. Le secrétaire étant absent, les membres de la commission ont supposé qu'il avait oublié d'inviter le commissaire. C'est d'ailleurs probablement ce qui s'est passé et Mme Wohl ne pouvait pas le savoir.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *confirme les propos de Mme Richartz-Nilles.*

A wann dee vun der Police mir och geschriwwe gehat hätt, dann hätt en natierlech déiselwecht Äntwert kritt. Déi Experten, déi dra sinn, bleiwen dran.

Mir si jo souwäit gaangen, datt mer d'Kommissiounen opmaache fir d'Bierger an d'Biergerinnen. Da gi mer jo net hin, datt mer d'Experten, soi-disant Experten, ausschléissen. Dat wier net produktiv. Dat war en Oubli. Mä ech muss soen: „Deen Oubli war dee Moment kengem vun de 19 Leit heibannen opgefall”.

Här Altmeisch, ganz gären.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech muss nach just betounen: „Dee Listing, dee mir haten, ware just d'Representants politiques”.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Do war net een Expert drop. An et ware keng aner, et ware just d'Representante vun de Parteien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wéi gesot, ech hätt kee Problem gehat, wann een dat dee Moment gefrot hätt. Et ass en Oubli gewiescht. Méi kann ech net soen. Et ass en Oubli. An déi 19 Leit haten dee Moment net gefrot. Ech mengen, et ass Iech och net opgefall. Dat ass jo kee Virwurf, et ass just, fir ze soen, datt verschidde Saache kënne vergiess ginn. A mir bëien déi erëm direkt riicht.

Madame Richartz.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ma wonnerbar.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Also ech wäert jo och kënne eppes soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kritt d'Wuert, wéi jiddereen heibannen.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, neen. Merci, Här Buergermeeschter. Här Altmeisch, et ass ni vu gestrach geschwat ginn, dass de Polizeikommissär eliminéiert gi wier. Mir hunn nach ni dovunner geschwat. Mir hunn an der Kommissioun festgehalten a geduecht – eise Sekretär war net do –, dass dee vergiess huet, de Kommissär ze invitéieren. An et ass net gesot ginn, dass säi Poste bei eis gestrach wier.

Ech huelen un, dass et eise Sekretär war, deen dat vergiess huet. D'Madame Wohl konnt dat net wëssen. Si wousst dat jo net. Et war um Sekretär, fir d'Madame Wohl driwwer ze informéieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

An hien huet dat net gemaach. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Hei huet just ee Schold, an dat ass d'politesch Funktioun, dat si mir. Mir hu vergiess, d'Experten dobäi ze schreiwen. Et ass kengem gewielte Conseiller opgefall. An domatter si mer all e bësse Schold. Mä déi gréisste Schold hunn ech. Wann dat Iech da soll berouegen.

Kënne mer dat dann esou maachen?

10. Organigramme / Questions

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le changement au sein de la commission de l'environnement.

Et ass nach dee Punkt, wou Der virun der Sitzung domat averstane waart, fir zwou Créations de postes, en Expéditionnaire an e Redakter.

Jo, jo, selbstverständlech. Dir hutt dat per Mail kritt. Neen, et ass just d'Création de postes. Et ass net, datt mer d'Leit scho géifen nominéieren. Dat gött ausgeschriwwen.

Jo, mir sinn domatter averstanen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les créations de postes.

Den Här Bertinelli huet nach zwou Froen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech war mer dat ukucken, well ech gëschter e risegen Damp gesinn hunn aus der Sportshal erauskommen. Du sot ech mer: „Soll et do brennen? Oder wat ass do?“ Dofir eng Fro un de Sportschäffen.

Wéi ech héieren hunn, sti 25 cm Waasser am ënneschten Deel vun der Sportshal, an den Trainingsraum. Wat jo eng gréisser Katastroph ass.

Ech weess, datt do e laangjärege Problem ass, datt mer scho Pompelen agesat haten, déi d'Waasser ofgesaugt hunn. Firwat dat net funktionnéiert huet, entzitt sech menger Kenntnis. Mä dat ass jo awer elo e grouse Problem, well am ënneschte Kader keng Traininge méi kënnen gehale ginn, bis et erëm dréchen ass. Ze kucken, vläicht mat de Veräiner ze schwätzen, awéiwäit een Alternative ka fannen, fir awer Traininge kënnen ze halen.

De Buergermeeschter kennt vläicht de Grond. Mir wëssen, datt et vill gereent huet. Mir wëssen, datt et e problemate-

schen Terrain ass. Dee Problem hu mer jo net nëmmen do. Deen hu mer jo och um Fussballterrain. Mä grad op deem Site do ware jo, fir dat ze regléieren, Pompelen agesat ginn. Hunn déi net funktionnéiert? Oder wat ass de Grond, firwat Waasser do erakomm ass? Dat wär meng éischt Fro.

Meng zweet Fro ass un den Här Buergermeeschter, deen do e bësse méi involvéiert ass, dat ass am klengen Casino. Mir ginn eis jo ganz vill Méi an deene leschte Joren, fir handicapéiertegerecht ze sinn, datt ee mat engem Rollstull iwwerall erakënnt. Do war eng Zäit, wéi dee Wee gemaach ginn ass am klengen Casino, säitlech, deen de viregte Propriétaire gemaach hat, fir mat engem Rollstull do eranzekommen, deen awer leider duerch d'Ëmbauaarbechten net méi do ass.

Et ass mer zu Ouere komm, an ech hunn et scho selwer gesinn. An ech wollt froen, ob do eppes géif gemaach ginn. Well ech hunn der wéini gesinn, déi ganz vill Méi haten, fir de gudde Mann mam Rollstull an de Restaurant ze kréien. Ass dorop opgepasst ginn?

Dat kann een Oubli sinn, bei där schneller Aarbecht, déi mer do hu misse maachen. Mä ech wollt drop opmierksam maachen, datt mer dat awer – well mer jo och e bëssen involvéiert sinn an deem Haus – esou schnell wéi méiglech géife redresséieren, datt ee mat engem Rollstull awer och an de Restaurant géif kommen.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Loosst mech mat der zweeter Fro ufänken. Dir hutt Recht. Wann dat esou ass, soll dat direkt geännert ginn.

Selbstverständlech muss jiddereen erakommen, op deem normale Wee, wou mir och eraginn, wou déi zwee Been nach funktionéieren. Mir kucken, datt dat schnell erëm esou gemaach gött, wéi et soll. Dat ass fir mech eng nei Informatioun. Mir kucken dat direkt.

Dat anert: do ass et zu engem Filterbroch an der Sportshal komm. Et huet

Mais de toute façon, les hommes politiques sont les seuls responsables. Aucun élu n'a remarqué l'oubli et ils ont tous une part de responsabilité. Roberto Traversini se considère le principal responsable.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la création de deux postes: un expéditionnaire et un rédacteur. Il ne s'agit pas encore de nommer des personnes.

(Vote)

(Discussions)

Roberto Traversini cède la parole à M. Bertinelli, qui a deux questions.

FRED BERTINELLI (LSAP) *a vu de la fumée hier au centre sportif et il s'est demandé s'il y avait un incendie. Apparemment, les salles d'entraînement sont inondées.*

Fred Bertinelli sait que les problèmes d'eau remontent à plusieurs années. Il n'en connaît pas les raisons. En tout cas, il n'est plus possible de s'entraîner sur une partie de la salle de sport. Le collègue échevinal a-t-il discuté avec les associations pour trouver une solution?

Fred Bertinelli sait qu'il a beaucoup plu et que ce terrain a toujours occasionné beaucoup de problèmes tout comme le stade. Les pompes ne fonctionnent apparemment pas. Y a-t-il une explication?

La deuxième question concerne le Klengen Casino. La commune fait beaucoup d'efforts pour rendre les sites accessibles aux personnes handicapées. Or le Klengen Casino disposait d'une entrée pour personnes handicapées, mais elle a été supprimée pendant les travaux de rénovation.

Le collègue échevinal a-t-il prévu d'intervenir? Car pour le moment, il est difficile d'accéder au restaurant en fauteuil roulant. Il est possible que ce soit un oubli, mais la commune devrait essayer de résoudre le problème aussi rapidement que possible.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'il n'était pas au courant. Si tel est le cas, il faudra trouver une solution au plus vite.

Pour ce qui est de la salle de sport, un filtre a cassé. Cela n'a rien à voir ni avec la pluie ni avec la nappe phréatique.

Roberto Traversini se déclare surpris que ces dégâts ne puissent pas être annoncés par des capteurs reliés à un smartphone par exemple. En tout cas, les pompes dont parle M. Bertinelli semblent ne pas avoir fonctionné. Mais cela n'a rien à voir avec la pluie. Roberto Traversini a eu le même problème chez lui il y a trois mois.

La commune devra trouver une solution avec les clubs. Mais quand des choses comme celle-ci arrivent, il faut patienter.

Roberto Traversini clôture la séance publique.

näischt mat Reenen ze dinn, et huet och näischt mat Grondwaasser, mol fir eng Kéier, ze dinn. Et ass einfach e Filterbroch, wat an der Nuecht geschitt ass, un der Haaptleitung. Dofir steet dat Ganzt ënner Waasser.

Ech muss just staunen, datt mer bei där Technik, déi mer haut hunn, dat net iwwert e Melder um Smartphone oder Sensoren ugewise kréien: „Do ass Waasser“. Bei Damp hu mer dat, bei Gasen hu mer dat och. Ech war iwwerzeegt, datt mer dat och do hätten.

Wann déi Pompelen, vun deenen Der schwätzt, sollen do sinn, a wann déi sollen ugeschloss sinn, dann hunn déi net funktionnéiert.

Mä et huet op alle Fall näischt mat Reen ze dinn. Et ass eppes, wat iwwerall bei sech doheem ka virkommen. Iwwregens bei mir doheem och virun dräi Méint. Et ass e Broch, e Filterbroch, an dunn ass Waasser erakomm. D'Tatamie

sinn do geschwommen. Ech muss soen, datt eis Servicer extrem schnell reagiert hunn, d'Pompjeeën och.

Jo, et ass net glécklech. Natierlech muss se mer mat de Veräiner kucken, eng Léiung ze fannen. Mä et ass, wéi wann doheem eppes geschitt. Da muss een e bëssen op d'Zänn bäissen.

Mä et huet absolut näischt mat Reen oder Grondwaasser ze dinn. Et ass einfach e Waasserschued, dee leider an der Nuecht virkomm ass.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass gär geschitt. Domat wäre mer um Schluss vun der öffentlecher Sitzung.

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT
STADHAUS
Differdange

DÉJÀ VU SUR



&



LE 1^{ER}
VRAI SPECTACLE
DE MAGIE
À L'AALT STADHAUS

LE
KEV ADAMS
DE LA
MAGIE

27
SEPTEMBRE
2018
20H30

CHRISTOPHE MEILLAND
PRÉSENTE

MAXIME TABART

RIEN N'EST IMPOSSIBLE

WWW.STADHAUS.LU

★★★★ 15^e édition ★★★★★
**Blues
Express**
Differdange - Luxembourg

14 Juillet 2018
Lasauvage & Fond-de-Gras

Richie Kotzen (USA)
Glenn Hughes (USA)
Canned Heat (USA)
The Paul DesLauriers Band (CA)
Budda Power Blues (PT)
The Heritage Blues Company (LU)

www.bluesexpress.lu
[www.fb.com/bluesexpress.lu](https://www.facebook.com/bluesexpress.lu)